



GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL DU 14.02.2020





Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Résumé français: Patrick Bausch
Retranscription: Selma Beganovic
Photos: Ville de Dudelange
Impression: Imprimerie Mechtel
n°1 / 2020 - Parution: juin 2020





SOMMAIRE

RAPPORT SOMMAIRE EN FRANÇAIS	04
1. CORRESPONDANCE	08
2. APPROBATION DU TABLEAU DE PRÉSEANCE	08
3. CIRCULATION	08
3.1. Modification du règlement général de circulation – aménagement d'une zone de livraison dans la rue de la Libération	
3.2. Modification du règlement général de circulation – aménagement de deux passages pour piétons et cyclistes dans la rue du Parc	
3.3. Confirmation d'un règlement d'urgence temporaire de la circulation – rue Boitenberg	
3.4. Confirmation d'un règlement d'urgence temporaire de la circulation – rue du Parc	
4. FINANCES COMMUNALES	10
4.1. Plan pluriannuel de financement des exercices 2021 à 2023 – présentation et discussion	
4.2. Approbation du devis estimatif relatif aux travaux de réaménagement de la place Frantz Kinnen (Shared Space)	
4.3. Approbation du devis remanié relatif aux travaux de réaménagement du croisement route de Zoufftgen – rue du Commerce et rue du Commerce – rue de la Libération	
4.4. Approbation du devis estimatif relatif aux travaux de réfection des installations sanitaires de l'école Brill	
4.5. Approbation du devis estimatif relatif aux travaux de renouvellement de la toiture et au remplacement de la ventilation pour désenfumage à l'école Strutzbiertg A	
4.6. Approbation du devis estimatif relatif aux travaux de réparation de la toiture de l'école Ribeschpont	
4.7. Approbation du devis estimatif relatif aux travaux de renouvellement du revêtement du sol de la maison relais Schwemm	
4.8. Approbation du devis estimatif relatif à l'installation de stores dans la salle Hartmann du Centre sportif René Hartmann	
4.9. Approbation du devis estimatif relatif au réaménagement des vestiaires hommes et dames HBD au Centre sportif René Hartmann	
4.10. Approbation du devis estimatif relatif aux travaux d'aménagement d'un bureau au stade Aloyse Meyer	
4.11. Approbation du devis estimatif relatif aux travaux d'installation d'un auvent à l'entrée des vestiaires au stade Aloyse Meyer	
4.12. Approbation du contrat de louage portant mise à disposition de biens immeubles du Centre d'Incendie et de Secours de Dudelange au Corps grand-ducal d'incendie et de secours CGDIS	
4.13. Approbation de la convention de transfert de biens meubles du Centre d'Incendie et de Secours de Dudelange au Corps grand-ducal d'incendie et de secours CGDIS	
4.14. Approbation du contrat de bail avec la société coopérative « Maison du Peuple » au sujet de la location de la salle des fêtes et de ses annexes de la maison syndicale, 31, avenue Grande-Duchesse Charlotte	
4.15. Modifications à apporter au chapitre XXII – Salles communales – du règlement-taxes général	
4.16. Approbation des tarifs d'utilisation du réseau de distribution de gaz naturel et des modifications à apporter au chapitre XIV – Gaz – du règlement-taxes général	
4.17. Modifications à apporter au chapitre XXI – Repas sur roues – du règlement-taxes général	
4.18. Approbation d'un acte de cession gratuite avec Mme Lili Lin, M. Nico Zhan et Mme Daina Zhan pour une parcelle de terrain dans la rue Lentz	
4.19. Approbation d'un acte de cession gratuite conclu avec les époux Irela Subasic et Adis Eco pour une parcelle de terrain dans la rue Dr Albert Schweitzer	
4.20. Approbation d'un acte de cession gratuite avec la société Stugalux Construction pour une parcelle de terrain dans la rue de la Fontaine	
4.21. Approbation de deux conventions de servitude de passage près de l'école Boudersberg	
4.22. Subsidés extraordinaires à allouer	
5. AMÉNAGEMENT COMMUNAL	50
5.1. Modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier « Lenkeschléi »	
5.2. Approbation du plan d'aménagement particulier « rue Edison »	
5.3. Approbation du projet d'exécution et la convention relative au projet d'aménagement particulier « route de Burange »	
6. MODIFICATION DE LA COMPOSITION DE DIFFÉRENTES COMMISSIONS COMMUNALES	54
7. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS	54



RAPPORT SOMMAIRE

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU 14.02.2020

Présents : Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina, René Manderscheid ; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins. Mesdames Sylvie Andrich-Duval, Martine Bodry-Kohn ; Messieurs Bob Claude, Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Henri Glesener ; Madame Romaine Goergen ; Monsieur Vic Haas ; Madame Monique Heinen ; Monsieur Yves Jadin (uniquement pour les points numéros 2 et 3 de l'ordre du jour) ; Madame Michèle Kayser-Wengler ; Monsieur Claude Martini (à l'exception des points numéros 5, 6, 7 et 8 de l'ordre du jour) ; Madame Emilia Oliveira et Monsieur Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal.

Début de la séance à 8.00 heures.

En début de séance, Monsieur le bourgmestre procède à l'assermentation du nouveau conseiller communal Mme Monique Heinen pour le parti « Déi Gréng », appelée à siéger au conseil communal en remplacement de M. Robert Garcia, démissionnaire. Après la prise d'une photographie du nouveau conseil communal, la parole est de suite donnée à Mme Heinen qui tient son discours inaugural.

1 – Correspondance

Monsieur le bourgmestre informe les membres du conseil communal que le collège des bourgmestre et échevins, ensemble avec les services concernés de la Ville, est en train de se concerter avec Madame la Ministre de la Culture et les responsables du Service des Sites et Monuments Nationaux, pour entamer le projet de rénovation de la façade principale de l'église paroissiale de Dudelange. Le bourgmestre rappelle aussi le rendez-vous pour la prochaine séance du conseil communal, fixée au 28 février 2020. Cette séance est entièrement consacrée au dossier de refonte du plan d'aménagement général de la Ville de Dudelange.

2 – Tableau de préséance

Le nouveau tableau de préséance du conseil communal, dressé comme suite à l'entrée en fonctions de Mme Heinen, est approuvé à l'unanimité.

3 – Circulation

Le conseil communal approuve à l'unanimité les deux modifications suivantes au règlement général de la circulation :

- aménagement d'une zone de livraison dans la rue de la Libération, à hauteur des maisons numéros 10 à 14, côté pair (2 emplacements) (jours ouvrables, du lundi au samedi, de 7.30 à 11.30 heures) ;
- aménagement de deux passages pour piétons et cyclistes dans la rue du Parc (passage pour piétons et cyclistes à l'intersection avec la rue Jean Berchem, à la hauteur de la maison numéro 29 et l'entrée du Lycée Nic Biever et passage pour piétons à l'intersection avec la rue Jean Berchem).

Les règlements temporaires de la circulation suivants sont avalisés avec les voix de tous les conseillers communaux, règlements édictés par le collège des bourgmestre et échevins :

- à l'occasion de la réalisation de travaux de déploiement de la fibre optique pour Post Technologies dans la rue Boitenberg ;
- à l'occasion de travaux de terrassement dans la rue du Parc dans le cadre des travaux de réaménagement de la rue Dr Welter et la rue de la Brasserie, nécessitant une route barrée de la rue Léon Weirich ainsi que le règlement de la circulation par des signaux colorés lumineux dans la rue du Parc.

4 – Finances communales

4.1. le plan pluriannuel de financement des exercices 2021 à 2023 est présenté aux membres du conseil communal et discuté séance tenante ; 4.2. et 4.3. le projet de réaménagement de la place Frantz Kinnen est présenté au conseil communal, ensemble avec le projet du réaménagement du croisement route de Zoufftgen – rue du Commerce et rue du Commerce – rue de la Libération. A cet effet, des présentations et des explications détaillées sont fournies par Messieurs Nico Steinmetz et Frédéric Legros de l'atelier d'architecture STEINMETZ-DEMEYER architectes urbanistes et par Mme Svenja Ludmann et M. Tom Steichen du bureau d'études Schroeder Associés S.A.. Ainsi, le conseil communal approuve avec 16 voix et 2 abstentions, le devis estimatif relatif aux travaux de réaménagement de la place Frantz Kinnen (Shared Space) pour un montant de 4'770'000€. Le devis remanié, relatif aux travaux de réaménagement du croisement route de Zoufftgen – rue du Commerce et rue du Commerce – rue de la Libération, englobant la mise en double sens de la rue du Commerce, l'aménagement d'une zone de circulation apaisée (30 km/h) d'un tronçon de la rue du Commerce ainsi qu'un nouvel agencement de la voirie aux abords de la place Frantz Kinnen pour l'intégrer dans le Shared Space, pour un montant global de 4'900'000€ est approuvé à l'unanimité. Les points numéros 4.4. à 4.21. sont arrêtés unanimement par le conseil communal :



4.4. le devis estimatif de 760'000€ relatif aux travaux de remise en état des installations sanitaires à l'école Brill, après avoir recueilli des informations détaillées sur le projet par les soins de Madame Carol Rodesch, architecte de l'atelier d'architecture Team31 ;

4.5. le devis estimatif de 600'000€ relatif aux travaux de renouvellement de la toiture et de la mise en place d'une ventilation de désenfumage à l'école Strutzbiere A ;

4.6. le devis estimatif de 82'000€ relatif aux travaux de réparation de la toiture de l'école Ribeschpont ;

4.7. le devis estimatif relatif de 67'000€ relatif aux travaux de renouvellement du revêtement du sol de la maison relais « Schwemm » ;

4.8. le devis estimatif de 30'000€ relatif à l'installation de stores dans la salle Hartmann du Centre sportif René Hartmann ;

4.9. le devis estimatif de 19'000€ relatif au réaménagement des vestiaires hommes et dames HBD au Centre sportif René Hartmann ;

4.10. le devis estimatif de 16'000€ relatif aux travaux d'aménagement d'un bureau au stade Aloyse Meyer ;

4.11. le devis estimatif de 16'000 € relatif aux travaux d'installation d'un auvent à l'entrée des vestiaires au stade Aloyse Meyer ;

4.12. le contrat de louage portant mise à disposition de biens immeubles du Centre d'Incendie et de Secours de Dudelange au Corps grand-ducal d'incendie et de secours CGDIS, et

4.13. la convention de transfert de biens meubles du Centre d'Incendie et de Secours de Dudelange au CGDIS (Corps grand-ducal d'incendie et de secours). Le contrat qui précède ainsi que la présente convention ont été conclus conformément aux nouvelles dispositions légales concernant l'organisation de la sécurité civile, ayant pour mission la protection des personnes, des animaux, des biens et de l'environnement contre les événements calamiteux, les sinistres et les catastrophes, l'information et l'alerte des populations ainsi que la préparation et la mise en oeuvre de mesures et de moyens appropriés, sachant que l'organisation et de la mise en oeuvre de la sécurité civile et la coordination des mesures et des moyens prévus par la loi incombent dorénavant au ministre ayant les services de secours dans ses attributions ;

4.14. le contrat de bail avec la société coopérative « Maison du Peuple » au sujet de la location de la salle des fêtes et de ses annexes de la maison syndicale, 31, avenue Grande-Duchesse Charlotte ;

4.15. les modifications au chapitre XXII – Salles communales – du règlement-taxes général, notamment en ce qui concerne la mise en location de la salle des fêtes de la maison syndicale, 31, avenue Grande-Duchesse Charlotte. A cet effet, les tarifs de location de ladite salle sont fixés comme suit : « Les associations et a.s.b.l. ayant leur siège social à Dudelange ainsi que les fédérations et associations caritatives sont exemptées du paiement des droits de location.

Les droits de location de la salle des fêtes de la maison syndicale, 31, avenue Grande-Duchesse Charlotte, selon les disponibilités, sont fixés comme suit :

Bénéficiaires	Droit de location de base par journée pour les occasions suivantes: réunions et congrès, expositions, concerts, spectacles, matinées dansantes, réceptions, déjeuner buffet sans préparation de denrées alimentaires sur place, fêtes familiales	
	sans droit d'entrée	avec droit d'entrée
Clubs et associations non locales (avec siège social autre que Dudelange) pour l'organisation d'un événement en relation avec les activités de l'association	400€	800€
Personnes privées résidentes à Dudelange	300€	
Administrations publiques	500€	
Sociétés commerciales	1000€	

Les droits de location par local pour une location s'étendant sur plusieurs jours d'affilée sont déterminés comme suit : 1,5 X le droit de location de base pour 2 journées d'affilée ; 2 X le droit de location de base pour 3 journées d'affilée ; 2,5 X le droit de location de base pour 4 journées d'affilée ; 3 X le droit de location de base pour 5 journées d'affilée ; 3,5 X le droit de location de base pour 6 journées d'affilée ; Priorité est toujours donnée aux demandes des associations et a.s.b.l. ayant leur siège social à Dudelange. A signaler que la réservation de la salle ainsi que toutes les informations relatives à la location de celle-ci pourront être demandées au service communal des fêtes et des manifestations.

4.16. les tarifs d'utilisation du réseau de distribution de gaz naturel et des modifications à apporter au chapitre XIV – Gaz – du règlement-taxes général, tarifs qui doivent être adaptés annuellement pour les adapter aux tarifs du marché ;



4.17. le prix de revient d'un repas sur roues livré aux personnes âgées et/ou invalides. Dorénavant un repas coûte 14,67€. L'augmentation par rapport au prix antérieur découle de l'adaptation à l'indice des prix à la consommation ;

4.18. l'acte de cession gratuite avec Madame Lili Lin, Monsieur Nico Zhan et Madame Daina Zhan pour une parcelle de terrain dans la rue Lentz ;

4.19. l'acte de cession gratuite conclu avec les époux Irela Subasic et Adis Eco pour une parcelle de terrain dans la rue Dr Albert Schweitzer ;

4.20. l'acte de cession gratuite avec la société Stugalux Construction pour une parcelle de terrain dans la rue de la Fontaine;

4.21. deux conventions de servitude de passage près de l'école Boudersberg : Monsieur Adelino Dos Santos Oliveira, demeurant 27, route de Boudersberg, pour lui garantir l'accès à son garage, et Monsieur Léon Zimmer et Madame Tina Stefanetti, demeurant 29, route de Boudersberg, pour leur garantir l'accès à leur jardin, terrains en situation enclavée et uniquement accessibles par un passage longeant l'école Boudersberg de son côté gauche ;

4.22. les subsides extraordinaires suivants :

- 350€ au Cercle athlétique Dudelange, pour avoir remporté la Coupe des Dames 2019, et
- 100€ à la Fédération des acteurs du secteur social au Luxembourg a.s.b.l. (FEDAS) en tant que cotisation pour l'exercice 2019.

5 – Aménagement communal

Les décisions suivantes, dans le cadre du développement urbain et de l'aménagement communal, sont prises à l'unanimité :

5.1. l'adoption de la proposition de modification du Plan d'Aménagement Particulier « Lenkeschléi », concernant des fonds au lieu-dit « Lenkeschléi » présentée par le bureau d'architecture « Dewey Muller » pour le compte de la famille Britz-Krämer ;

5.2. l'adoption du Projet d'Aménagement Particulier (PAP) concernant des fonds au lieu-dit « Rue Edison » présenté par le bureau d'architecture « Cotugno Domenica Architecte » pour le compte de la société Immo Recto Verso s.à r.l., en tenant compte de l'avis de la cellule d'évaluation ainsi que des objections introduites ;

5.3. l'approbation de la convention relative au Plan d'Aménagement Particulier modifié « Route de Burange » conclue avec la société Roubur S.A. ainsi que le projet d'exécution afférent élaboré par « best Ingénieurs-conseils » pour le compte de la société Roubur S.A..

6 – Commissions communales

Le conseil approuve unanimement les changements suivants dans la composition de certaines commissions communales :

- Commission des seniors : Mme Gaby Klein-Emmel, LSAP, remplace Mme Françoise Zogo, LSAP ;
- Commission de l'égalité des chances et la non-discrimination : Mme Viviane Pigat-Simon, LSAP, remplace M. Denis Rampin, LSAP ;
- Commission de la sécurité publique : M. Nico Steffen, LSAP, remplace M. Romano Savini, LSAP ;
- Commission des jeunes : Mme Mara Martins, déi Lénk, remplace M. David Gauvin, déi Lénk ;
- Pool de remplacement : Mme Sonja Loullingen-Ludovicy, LSAP, est nommée au pool de remplacement pour le parti LSAP.

7 – Questions au collège des bourgmestre et échevins

Une question a été soumise au collège des bourgmestre et échevins par le fraction CSV. Lesdites questions concernent essentiellement la nouvelle école « Lenkeschléi » et l'école « Waldschoul ». Mme Josiane Di Bartolomeo-Ries, échevins du ressort, informe le conseil communal que le collège des bourgmestre et échevins répondra par écrit aux questions posées.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos.

Fin de la séance vers 12.50 heures.



GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 14.02.2020

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Léif Kolleegen a Kolleeginnen aus dem Gemengerot, a léif Kolleeg vum der Press, an och vun de Servicer. Et ass, mengen ech, haut keen aldeegleche Moment. Gutt, dass mol Rotatiounen stattfanne. No der Decisioun vum Robert Garcia hei aus dem Gemengerot effektiv ze demissionéieren, ass et un dem Nächstgewielten effektiv hei unzetrieden. Dat ass d'Monique Heinen. Effektiv, Monique, hues du och déi Charge hei ugeholl fir an de Gemengerot Diddeleng – a wou dat och haut, mengen ech, op de 14. Februar d'Libeserklärung muss sinn, zu der Stad Diddeleng an och zum Diddelenger Gemengerot iwwert d'Parteicouleurs eraus.

Op alle Fall, ass et e ganz flotte Moment, engersäits fir den Diddelenger Gemengerot, anersäits awer och fir dech, wells de hei als geschwënn vereedegt Gemenge-conseillère am Fong eng Charge unhëls, wous du an den Interêt collectif trëtts, an den Interêt vun der Stad Diddeleng. Du bass jo säit e puer Joren dobäi an och engagéiert. An ech weess, dass eng ganz Rei Projeten hei zu Diddeleng gemeet ginn, fir dass mir dëst véiertgréisst Stad weiderentwéckelen. Du kanns also an dësem Gemengerot Deel vun dëser Dynamik ronderëm d'Stad Diddeleng ginn. Fir dat awer kënnen ze maachen, muss Du – wéi gesot – offiziell vereedegt ginn an dofir géing ech Dir gären hei Däin Eed virlesen an Dech bieden, déi riets Hand ze hiewen an ze soen „Je jure fidélité au Grand-Duc, d'observer la Constitution et les lois du pays, et de remplir avec zèle, exactitude, intégrité et impartialité les fonctions qui me sont confiées“.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Je le jure.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Felicitatioun !

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Léif Kolleeginnen an a Kolleegen aus dem Gemengerot. Schéine gudde Moien an häerzlech Wëllkomm. Nodeems mer jo lo eng nei Gemengeconseillère vereedegt hunn – an der Persoun vum Monique Heinen vun deene Gréngen – ass de Gemengerot deementspreechend fir haut komplett oder rëm komplett. Et ass jo och eng Traditioun, dass wann een nei am Gemengerot ass, dass een och an dem Kontext eng Ried kann/däerf halen, also en sogenannte Maidenspeech. Dofir ginn ech ganz gären dem Monique Heinen d'Wuert.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot. Ech hu mer d'Fräiheet geholl, während menger Ried dräi Fotoen ze weisen, déi fir mech eng perséinlech Bedeitung hunn an déi an engems meng politesch Interessegebiddere ënnermolen. Dat éischt Bild weist meng Liblingsskulptur vum Yvette Gastauer-Claire mam Bibelsproch „Ech war friem, an dir hutt mech opgeholl“. Dat stëmmt fir mech haut hei. Dat war fir mech esou viru 25 Joer, wéi ech vu Betten op der Mess op Diddeleng geplënnert sinn. Iwwert de Wee vun der Biergerbedeelegung am Begleetcomité vum Citybus, a Kommissiounen, an am Biergerforum, hunn ech meng éischt Schrëtt Richtung Kommunalpolitik gemaach, ier ech der grénger Partei bäigetruede sinn. D'Integratioun an d'sozial Kohäsion spillen an Zäite vun ëmmer méi grousser Individualiséierung, awer och vun erëm Opliewe vun extrem rietse Beweegungen, eng wichteg Roll. Fir e gutt a respektvollt Zesummeliewe vu ville verschiddene Mënschen, kann d'Gemeng de Kader stellen oder Ënnerstëtzung ubidden fir Veräiner an de Benevolat, Manifestatiounen, Nopeschfester, Sproochecoursen, Café des langues, Gemeinschaftsgäert, Repair-Café an sou weider. Sech begéinen a kennelëieren geet och an eise kulturellen Aariichtungen. Oder einfach am ëffentleche Raum, op de Spillplazen, op de Sportplazen, an de Parken an um Maart. Eng wäertvoll Arabecht leescht de „Projet Ensemble“ an et freet mech, datt nach aner Quartieren derbäi kommen. Ech zitëieren d'Florence Ahlborn vun den „Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte“, déi am Kader vun „Esch 2022“ een tiers-lieux culturel matfinanzéieren: „Quand on mélange les activités, on mélange les publics“. Déi Iddi setzt ganz flott de Kollektiv D an der Hall Fondouq ëm, an enger Ambiance, wou ee sech och direkt opgeholl fillt.

Meng zweet Foto weist e klasséiert Gebai mat Geschicht, den Zenter vun der Migratiounsgeschicht an en zentralen Dréipunkt an der Zukunft: d'Gare-Usines. Als Eisebun-nerduechter, mat engem Tourismusstudium, läit ee weidere Schwéierpunkt bei der Mobilitéit. Besonnesch den ëffentlechen Transport an de Vélo hu mir et ugedoen. Eng grouss Erausforderung gëtt an der Hisiicht de Quartier op de Frichen, NeiSchmelz. Hei entsteet en Ekoquartier, deen optimal un den Zuch- a Busreseau ugebou gëtt, mat beschte Konditiounen fir Mobilitéit douce, mat Shared Space, ouni Duerchgangsverkéier... dat wier dach eng schéi Visioun. Mat NeiSchmelz kommen och nei Wunnengen, an dat ass gutt esou. Domat sinn ech beim Logement a senger horrender Präisentwécklung. Den Drock – national awer och op d'Gemengen – ass grouss. Efforten a Richtung bezuelbare Wunnraum ginn ëmmer méi wichteg. D'Schafe vum neie Service Logement ass bestëmmt net vu Muttwëll.



Meng drëtt Foto weist d'Schëld vun der Waldschoul. Als Chargée de Cours hunn ech an dësem historesche Gemaier, de Kanner –ënner anerem – politesch Bildung mat op de Wee ginn. An domat sinn ech rëm bei der Biergerbedeelegung. Nämlech dem Kannergemengerot, deen et schonn 12 Joer laang zu Diddeleng gëtt. Walen an Demokratie erklären, ass déi eng Saach. De Kanner hir Uleies eescht huelen, eng aner: Duerch déi digital Medien si Kanner a Jonker haut gutt informéiert an net eréischt säit Greta Thunberg maache si sech Suergen ëm d'Natur, d'Déieren, de Planéit an hir Zukunft. Suergen ëm eis Ëmwelt an d'Klimakris maachen ech mir och. Gutt, dass de Schäfferot am Klimapakt 2.0 de Goldstatus upeilt. Mat eise Bëscher, eise Wisen a Gewässer, hu mer wichteg Noerhuelungsgebidd fir eis Mënschen an et si wäertvoll Liewensraum fir d'Biodiversitéit ze erhalen. Besonnesch wann an a ronderëm eis Stad nei Lotissementer a Stroosse gebaut ginn, nei Firmen an den Aktivitéitszonen derbäikommen an ëmmer méi Gréngs verschwénnt. 2011 fir d'Gemengewalen, stoung bei menger Persounebeschreiwung, ech hätt d'Visioun vun engem Naturpark „Minette“. 2020 stellen ech fest, dass mir zwar keen Naturpark hunn, mee Diddeleng participéiert um Projet vun der Reserve „MINETT UNESCO BIOSPHERE“ an um „Minett-Trail“. Meng Erwaardunge sinn domat iwwertraff ginn. Un dëse Projeten ass iwwergens mäin Virgänger bedeelegt – de Robert Garcia – fir deen ech haut hei noréckelen. Ersetze kann ech hien net. Ganz einfach well hien net ze ersetzen ass an eigentlech fannen ech et schued, dass hien opgehale huet. Fir mäin Deel probéieren ech einfach hei mäi Bescht ze maachen am Déngscht vun allen Diddelenger Biergerinnen a Bierger, wéi de Buergermeeschter och virdru gesot huet. Ech freeë mech op vill interessant Gemengeréit am Team mam Romy Goergen a mat iech alleguer: Merci fir d'Nolauschteren.

I. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Monique Heinen. Et gesäit een a wéi engem Etat d'esprit dass De gäre wëlls hei matschaffen. An deem Sënn och vun eis alleguerten op eng konstruktiv Zesummenaarbecht, op konstruktiv Diskussiounen am Interêt vun der Stad Diddeleng. Voilà, ech géif proposéieren, dass mer op den kllasseschen Ordre du jour vum Gemengerot iwwerginn. Et ass eng ganz Rei Punkten, déi eis haut beschäftege virun der Fuesvakanz. Ech géif ufänke mat der Korrespondenz. Do wollt ech just zwou Informatiounen ginn : Viru gutt zwéi Wochen hate mer eng Entrevue mat der Kulturministesch – der Madamm Tanson – ronderëm d'Renovatioun vun der viischer Fassad vun der Kierch, fir effektiv ofzestëmmen, wéini d'Aarbechten dann effektiv kënnen an Ugrëff geholl ginn. Et

war och eng Reunioun wou Verrieder vu Sites et Monuments, mat och derbäi waren, well et jo e klasséiert Gebai ass, e klasséierte Patrimoine ass, wou mer jo Propriétaire sinn. Dat als Informatioun, déi ech wollt mat op den Wee ginn. En Datum, deen d'Gemengenrotsmemberen zwar kennen – fir d'Verrieder vun der Presse net onwichtig ass – ass den 28. Februar. Do kënnt jo de Gemengerot zesummen fir d'Refonte vum PAG ze lancéieren. Dat ass dat wat ech ënnert „Korrespondenz“ hat. Ech kucken hei op d'Kolleege aus dem Schäfferot, ob si nach eppes hunn – dat ass net den Fall.

2. APPROBATION VUM TABLEAU DE PRÉSEANCE

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da géif ech op den nächsten Punkt iwwergoen, dat ass den Tableau de préséance. Ech mengen dat ass jo ee kllassesche Punkt, wann effektiv en neien Member am Gemengerot noréckelt, huet dat och een Impakt op den Tableau de préséance. Deen hutt der hei virleien.

Ass dat fir lech OK sou? Jo? **Dat ass unanime.**

3. VERKEÏERSREGLEMENTER

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da gi mer eriwuer op d'Circulatioun, an da ginn ech dem Claudia d'Wuert.

3.1. MODIFIKATION VUM ALLGEMENG VERKEÏERSREGLEMENT – AMENAGEMENT VUN ENGER ZONE DE LIVRAISON AN DER RUE DE LA LIBÉRATION

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):

Bon, den éischten Punkt am Punkt Circulatioun, do maan mer eng Zone de livraison op 10-14, Rue de la Libération. Dat ass do op der Héicht wou den OUNI soll hikommen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Remarken, Froen dozou? Dat ass net de Fall. Wien ass domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech Merci.

3.2. MODIFIKATION VUM ALLGEMENG VERKEÏERSREGLEMENT – AMENAGEMENT VUN ZWEE FOUSSGÄNGER- A VÉLOSWEËER AN DER RUE DU PARC

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Am zweete Punkt geet em déi zwéi Zebrasträifen fir Foussgänger, awer och fir Véloen an der Parkstrooss. Do hu mer



hauptsächlech och fir déi vill Schüler, déi an de Lycée ginn, deen aktuelle bei der Rue Jean Berchem, fir an d'Rue du Parc, dee muss verréckelt ginn. Vun elo Héischt 20, Rue du Parc op – dann an Zukunft – Héischt 16, Rue du Parc. An den Zebra bei 29, Rue du Parc – dat ass en ganz neien, wou mer do maachen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Merci Claudia. Froen dozou? Här Martini.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci. Wéi all Kéiers froen ech eng Kéier kuerz: Ginn d'Trottoire dann do och adaptéiert, wéi mer dat scho puer mol beschwat haten – a wa jo – wéi gi se adaptéiert? Maache mer se lo ganz gläich mat deenen Borden fir déi Sehbehënnerter, fir dass de och mat der Kutsch gutt erofkënns, mam Rollstull, mam Rollator oder bleift awer nees ee kleng Bord, sou wéi ech dat net favorabel fannen?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Ech äntwären do nach eng Kéier genau dat nämmelecht, wat ech ëmmer äntwären, dat mer eis genau un déi Richtlinnen halen vun der Adapth. Mir haten net méi spéit wéi en Dënschden do war d'Verkéiserskommissioun, hate mer och eng Diskussioun doriwwer, wou nach een aneren Här gemengt huet, heiansdo ass et sou, heiansdo ass et sou, dann hues de déi Noppen, dann hues de net déi Noppen. Wéi gesot, mir probéieren dat Ganzt ze kombinéieren, fir dass et fir jidderee gutt ass: Fir déi Blann, fir déi mam Rollstull, fir déi mat de Kutschen, fir déi mat de Vëloen, a mir halen eis genau un déi Reegele vum Spill, wéi ech lech ëmmer soen, wéi och d'Adapth se virgëtt, wéi mir eis dat och virgeholl hunn. Voilà, wéi gesot, mir waren eis och eens, dat net all Zebrastreife fir jidderee kann optimal sinn, mee mir maachen eist Bescht, dass e fir jiddereen esou ass, dass en e kann uerdentlech gebrauchen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da géif ech ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat deem Verkéisersreglement averstanen? **Dat ass och unanime.** An dann dat nächst Claudia.

3.3. CONFIRMATIOUN VUN ENGEM TEMPORAIREN DRENGENDE VERKÉIERSREGLEMENT – RUE BOITENBERG

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, do sinn mer scho am Gaangen mat schaffen, also dat ass d'POST, déi do am Gaang ass Fiberglas ze leeën, an zwar an der Boitenbergstroos. Den Chantier ass vum 10.02 un. Do muss mer eng Route barrée maan, natierlech sauf riverains, och e Parkverbuert an der Strooss an Accèse fir d'Garagen an den Haiser bleiwen natierlech ëmmer garantéiert – ausser wann natierlech den

Entrepreneur grad virun enger gewässer Nummer oprappt – an och den Accès an d'Stroosse fir d'Riveraine bleift ëmmer vun enger Säite aus mindestens garantéiert.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Merci Claudia. Froen, Stellungnamen? Här Martini.

CLAUDE MARTINI (CSV): Merci, Claudia. Ech hat just do eng Fro. Vu dass ech d'leschte Kéier déi Fro vun der RueBoitenberg scho gestallt hat – wéinst den Accèsen zu de Garagen – gëtt do lo eng Adaptatioun, fir déi Leit gemaach oder gëtt do lo just opgerappt, d'Kabeln gewiesselt an da rëm zougemeet?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Also mir schwätze vun enger Famill, déi sech eng Kéier bei eis gemellt hat. D'Famill hat sech och dës Kéier bei eis gemellt, well si jo en Avis an der Boîte hat an dat ass absolut guer kee Chantier vun eis, dat ass wierklech just e Chantier vun der POST, wou si Kabeln leeën, an wou och näischt un der Strooss geännert gëtt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Merci fir déi dote Fro, respektiv och Erklärungen. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da géif ech soen, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass domat averstanen? **Dat ass och unanime.** Merci villmools.

3.4. CONFIRMATIOUN VUN ENGEM TEMPORAIREN DRENGENDE VERKÉIERSREGLEMENT – RUE DU PARC

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Am Kader vum Chantier Reamenagement vun den Rue Dr Welter an och der Rue de la Brasserie, muss mer lo nach eng Kéier 4 Traverséeën maachen: 3 mol an der Rue du Parc, an eemol an der Rue Léon Weyrich an dës 3 Traverséeën sinn dann och geplangt fir d'nächst Woch an der Fuesvakanz, fir eeben de Verkéier sou mann wéi méiglech ze stéieren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Merci Claudia. Dozou Froen, Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da kënne mer zum Vott iwwergoen. Wien ass domat averstanen? **Dat ass och unanime.** Da soen ech och dem Gemengerot Merci.



4. GEMENGEFINANZEN

4.1. PLURIANNUELLE FINANZPLANG FIR D'BUDGETSJOREN 2021 BIS 2023 – PRESENTATIOUN AN DISKUSSION

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dann hätte mer de Volet Circulatioun hannert eis. Da géife mer iwwergoen op de Punkt Finances communales“. Do ass am Fong den éischte Punkt, de „plan pluriannuel de financement“, de PPF vum Joer 2021 bis d'Joer 2023. Deen ass jo ëmmer op 3 Joer. Et ass jo sou, dass mer ëmmer hei am Gemengerot eng Presentatioun maan, respektiv awer och eng Diskussioun. Et ass en Dokument, wat ënnert der Verantwortung läit vum Schäfferot. D'Gesetz gesäit jo just vir, dass et eng Kommunikatioun gëtt, mee mir hei och eng Presentatioun mat enger uschlëssender Diskussioun. Dat Ganzt fousst op den Circulaire vum Inneministère – déi och d'Gemengerotsmembere kritt hunn – vum 11. Dezember 2019 an et ass jo och eng legal Obligatioun, dass een de PPF virum 15. Februar mécht. Mir leien also mam 14. Februar gutt an den Delaien. An deem Sënn si mer gutt, mee natierlech och de PPF vun der Stad Diddeleng. Wann ee bëssen iwwergeuerdent kuckt, fousst natierlech engersäits och op dem plan pluriannuel de financement vum Staatsbudget.

De Staat, dee jo och ee PPF muss maachen, respektiv awer och bëssen nach méi iwwergeuerdent, am Kader vun der sougenannter „Gouvernance européenne“, an natierlech och an der Circulaire, fannt der och eng ganz Rei un Informatiounen zu dem Fonds de dotation globale des communes, zu der Gewerbesteier an och zum Impôt foncier. Bon, d'Finanzkommissioun, déi huet de 5. Februar – wéi gesot – getaagt, a den PPF vun der Stad Diddeleng fousst engersäits op de Konte vum Joer 2018, op dem Rectifié vum Joer 2019 an och vum Initial 2020. Mee dat gesitt dir och am Tableau, deen der och deementspriechend kritt hutt. Wann een effektiv op d'Zuelen ageet, da kann ee soen, dass bei de Recettes ordinaires, d'Gewerbesteier weider unzitt, awer manner staark wéi d'Joren virdrun. Op alle Fall gesäit een, dass mer gutt 250.000€ kréie bei der Gewerbesteier méi. Dat heescht, wann een hei kuckt fir Stad Diddeleng: am Prévisionnel variéiert dat vum 2020 bis 2023 vun 3,1 op 3,3 Milliounen Euro. Wann een de Fonds de dotatioun globale des communes kuckt, dat si vun 72,8 ob 81,9 Milliounen Euro. An den Impôt foncier, dee bleift ëmmer an de Paragé vu l'icht iwwer 800.000€ also vun 834.000 op 853.000€.

Dat ass bëssen iwwert déi staatlechen, respektiv Gemengendotatiounen. Dir gesitt och eraus am PPF, dass mer am Joer 2021 op eis Reserven zrëckgräifen, dat an der Héischts prévisionnel vu 5 Milliounen Euro. Dat

par Rapport zu de Recettes ordinaires. Wa mer dann iwwerginn op d'Dépenses ordinaires: déi evoluéieren da vun 92,2 op 98,2 Milliounen Euro. Do ass engersäits de Volet vum Personal, wou déi normal Evolutiounen dra si par Rapport zum Salaire, respektiv wou mer och eng Kéier den Index dra gesat hunn. Engersäits huet jo dëst Joer gespilt, mir hunn awer och nach eng Kéier fir déi Joren 2021 an 2023 einfach spille gelooss, fir effektiv och do eng gewësse Sécuritéit deementspriechend och ze hunn. An dir gesitt awer och, an den Dépenses ordinaires, dass de Volet „dépenses financières“, vun 1,3 op 2,2 Milliounen evoluéiert. Dat huet – an ech ginn dono nach eng Kéier dorop a – domadder ze dinn, dass mer jo wëlles hunn bei de Recettes extraordinaires op en Emprunt zrëckzegräifen, wat natierlech och en Impakt huet op d'Dépenses ordinaires, well dann d'Annuitéiten och deementspriechend zouhuelen, déi – wéi gesot – jo de Moment am Budget 2020 bei 1,2 Milliounen leien. Dat ass jo och ëmmer e bëssen zäitversat, par Rapport zum Joer wou een en Emprunt ophëllt a par Rapport zu dem Moment, wou d'Annuitéiten dann och deementspriechend spillen. Wa mer dann – effektiv – op d'Recettes extraordinaires iwwerginn, do evoluéieren déi och.

Engersäits hu mer d'Recetten agesat, par Rapport zu engersäits de Projets votés an de Projets non encore votés. „Projets votés“ dat sinn dann – wéi gesot – déi Projeten, déi mer hei schon am Gemengerot effektiv gestëmmt hunn, wou mer Subsidé kréien, an „non-votés“, wou mer nach net gestëmmt hunn, mee wou mer am PPF awer virgesinn hunn. Do kréie mer dann natierlech Subsidé vun de Ministère, sief dat effektiv, d'Schoul Lenkeschléi, sief dat awer och fir d'Schwämm an de Gymnase um Strutzbiérg, sief dat awer och fir d'Crèche am Quartier Italien, sief dat d'Maison Ribbeschpont, sief dat awer och de Réckhaltebecken – dee Projet ass nach net gestëmmt – zu Biengreng, dee musse mer jo erweideren am Kader och vum Projet NeiSchmelz. Et sinn awer och nei Sportinfrastrukturen, déi mer plangen: den Indoor Hall fir den CAD, respektiv fir den Tennis. Dat sinn alleguerte wéi gesot, Recetten déi mer hei virgesinn, wou mer och vum Staat kréien. Nieft deene Recetten, déi mer dann och nach kréien – wou mer effektiv mol Etüde virgesinn hunn – awer de Bau nach net ugefaangenen huet, ronderëm déi nei Regiebetrieber vun der Stad Diddeleng, an effektiv och de Volet „Logement“. Bei de Recettes extraordinaires: D'Emprunten, do hu mer, wéi gesot, virgesinn, dat huet zu di mat den Dépenses extraordinaires, déi mer wäerten tätigen – wou ech herno wäert drop agoe. Par Rapport zu deene Projeten, déi mer wëllen ëmsetzen, do hunn mer op alle Fall en Emprunt virgesi fir d'Joer 2021 vu 7,5 Milliounen Euro, d'Joer 2022 vun 9,5 an d'Joer 2023 vu 4 Milliounen Euro. Voilà, dat fir d'Recettes extraordinaires ofzeschlëssen.



Wann een dann op Dépenses extraordinaires ugeet, per Joer maan mer een Investment op déi 3 Joer ronn vun 118,8 Milliounen Euro. An deenen Dépensë fënnt een engersäits déi bestoend Projeten erëm, déi ofgeschloss ginn am Laf vu dem Joer, wou de PPF opgestallt ass. Et sinn awer och nei Projeten dran, déi 2020 ufänken. Et sinn awer och Neier dran, déi réischt 2021/2020 an d'Prozedur kommen. An och – wéi gesot – dann och Projets non-votés sinn. Corollaire ass natierlech och dovunner par Rapport zu de Recettes extraordinaires och wou mer Subsidë vum Staat ze kréie, wéi ech viru gesot hunn: déi nei Regiebetrieber, de Strutzbierg, déi nei Schwämm, Lenkeschléi. Et sinn awer och Projete ronderëm d'oppe Schwämm. Et ass awer och Projeten, déi mer am Kader vum Budget jo schonn hei ungeleiert hunn, Budgetdiskussioune vum Joer 2020, wou mer och herno wëlle gären de fréiere Pompjeesschapp renovéieren, dee jo och klasséiert ass, dann natierlech d'Réckhaltebecken zu Bireng – dat ass de ganze Projet, wou mer och haut wäerten diskutéieren, ronderëm de Shared Space.

Déi drëtt Phase, respektiv awer och d'Rue du Commerce, Rue de la Libération an d'Route de Zoufftgen. Dat ass awer och, wéi gesot, Schoulinfrastruktur, Maison Relais Ribeschpont, Quartier Italien, eventuell och eng Butschebuergerstrooss. Och do hu mer effektiv och Dépensë mol agesat – quitt, dass dat ee Projet ass, deen ënnert dem Lead leeft vu Ponts et Chaussées. Dann awer och den neien Hall Polyvalent an der Beetebuergerstrooss. Awer och Projete wéi d'Déierenasyl. Dann, wéi gesot, d'Sportinfrastrukture vum CND, respektiv vum Tennis. A wéi ech Ufanks och gesot hunn: Déi Entrevue, déi mer mat der Kulturministesch haten, awer och dann de Volet vun der viischer Fassade vun der Kierch, déi mer gäre wëlle renovéieren. Ech mengen alles dat si Projeten, déi eng konsequent Dépensen deementspriechend mat sech bréngen. Dofir evoluéiert dann effektiv och d'Dépense extraordinaire an der Héischts iwwert déi 3 Joer vu gutt 118,8 Milliounen Euro. Voilà, ech mengen dat ass e bëssen d'Iwwersiicht vum PPF fir d'Joer 2021-22-23. Also wéi gesot, d'Projete ginn eis net aus vu, wéi gesot, verschidder lafen. Anere, mengen ech, wäert dëst Joer respektiv déi nächst Joren an Ugrëff geholl ginn an ech mengen dofir ass et och wichteg am Kader ebe vum Prévisionnel, an dofir mengen ech gëtt deen och gemaach, och dass déi verschidde Projeten am PPF Nidderschrëft fannen, fir dass een deementspriechend och kann sech iwwert deen dote Wee, déi néideg Kreditter gi fir déi Projeten ëmzesetzen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Voilà dat ronderëm d'Presentatioun vum PPF 2021-2023. Dat ass en Dokument, wou net brauch driwwer ofgestëmmt ze ginn, awer vun dëser Platz aus, mengen

ech ass awer d'Diskussioun op, fir dass de Gemengerot och effektiv Stellung kann huelen. Voilà, dëst gesot: d'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci Här Buergermeeschter. Wéi der sot: Dat ass am Fong och just eng Momentopnam, wéi mer lo momentan, haut, eise Planning wëlle maachen. An dat gesäit een och ganz gutt doranner, wann ee kuckt wéi d'Recettes ordinaires sech entwéckelt hunn. Mir hunn déi ëmmer ganz virsiichteg geplangt. Ech hat mer eng Kéier e Moment geholl fir de PPF 2018 eng Kéier unzekucken. Do waren d'Recettes ordinaires fir 2021 mat zaarte 95,4 Milliounen virgesinn an am PPF 2019 do hunn mer scho gesinn „ah et geet awer nach Bierg op mat der Wirtschaft“. Do hate mer schonn 103 Milliounen virgesi fir 2021. An lo si mer bei 112 Milliounen. Déi 100 Milliounen, wat jo awer am Fong schonn eng Schallmauer war vun den Dotatiounen, déi gouf am Fong am Rectifié 2019 gemaach. Wéi gesot, dofir ass dat heiten am Fong just eng Momentopnam, a momentan gëtt des Momentopnam an enger Period gemaach, wou et Europa an der Weltwirtschaft an och eisem Land, ganz gutt geet. „Pourvu que ça dure“, kann een nëmme soen.

Ongewëss ass och, wéi Lëtzebuerg an deenen nächste Joren säi Statut als stabil Finanzplaz an Europa ka verdeedegen. Virun allem de Brexit ass eng Inconnue, déi eis e bësse Suerge mécht. An déi Projete vu London, déi een an deenen éischte Statements vun dem Ex-Finanzminister a vum Nach-Premier gesäit, déi kéinte fir eis geféierlech sinn, well si wëllen an eng Richtung goe fir London an eng City of Finance – Genre Singapur – ze entwéckelen, wat – géif ech mengen – fir Lëtzebuerg en immensen Impakt hätt, deen een awer absolut nach net ka chiffrieren. Dofir, et ass wéi den Här Buergermeeschter gesot huet: Momentan geet et gutt, momentan gesäit et gutt aus. Loosse mer mol ofwaarde wéi et geet, well mir brauchen eis Finanzplaz. Dat ass jo am Fong den Hauptsteierzueler oder soe mer mol den Hauptfacteur an der Industrie oder an de Recetten. Well net nëmmen déi direkt, mee och déi indirekt Recetten, déi hänken och domat zesummen, wéi gutt et eiser Finanzplaz geet. Voilà. „Wann et dem Land gutt geet, da sollt et de Leit och gutt goen“, sot eise Premier, an dofir sinn nieft dem Staat awer och d'Gemenge responsabel. D'Monique huet dat och gesot gehat: D'Gemengen hunn eng immens Responsabilitéit an der Kreatioun vun engem liebenswäerten Ëmfeld. An den Här Buergermeeschter seet och ëmmer: „Eng gutt Offer vu Servicer, déi musse mer natierlech ubidden“: Schoulgebaier, Maison Relais, Stroossen, Leitungen, musse renovéiert a geplangt ginn – dat kascht. Dat maache mer jo och all Joer de Previsiounen vum Plan pluriannuel. An enger ganz interessanter, informeller Reunioun vum Gemengerot gouf de



Concept global „Diddeleng 2025 – Sport et Education“ virgestallt. Dat war mol eng richtig flott Concertation. Mir 19 souzen hei zesummen a kruten d'Planungsiwwerleeunge vum Schäfferot virgestallt a vill vun dëse Projeten an Iddien, ware schonn iwwer déi lescht Joren an de PPFen ugeduecht, sinn awer oft nach net realiséiert ginn. Et gouf Retarden am Planning – wat net ëmmer eis Schold ass – mee verschidde Saachen, déi schleefe mer ëmmer sou mat, ouni dass dann awer en konkrete Projet kënnt. Den Här Buergermeeschter huet lo och nach eng Kéier d'Gemengenatelier zitéiert oder d'Renovatioun vum ale Pompjeesbau, déi hunn mer lo scho puer Joer an de Projets non-encore-votés. Bon, wéi gesot, et leit net ëmmer an eiser Hand, mee et muss een awer kucken fir déi Planungen awer ze straffen, fir dass mer awer do net an Verzug kommen a, wéi gesot, och, en vue well een net weess, wéi de Geldhahn och fléisst vum Staat.

Wat ech an der Finanzkommissioun ze bedenke ginn hunn an och nogefrot hat : Wéi ass et mat den Investier am Plang um Niveau vum Logement Social? Ech menge, mir müssen eis och zesummen iwwerleeën, ob d'Gemeng a wou d'Gemeng wëll bezuelbare Wunnraum schaffen. Och nei Wunnforme mussen geschaaf ginn. An ech denken och virun allem an der Vue vum Projet Pacte Logement 2.0, do kënnt och en neie Moment op d'Gemengen zou. Sou wéi mir dat verstanen hunn – vum Här Kox – ass an de Preparatiounen vum deem Pacte Logement virgesinn, dass Subsidien un d'Gemengen net nëmmen kënnen fléissen, wa Schoulen an Infrastrukture gebaut ginn – dofir hunn mir ëmmer d'Suen geholl vum Pacte Logement, wat och absolut wichtig an richtig war. Mee ech denken et geet och drëm, dass mer müssen als Gemeng Wunnraum schaffen, soss fléisst den Zouschoss vum Pacte Logement net méi sou, wéi mer et bis lo erwaart hunn. Ech mengen, d'Diskussiounen sinn do nach net ofgeschloss. Mir haten do och nach kuerz Rieds gehat, wéi dat do soll weidergoen, mee ech denken, mir dierfen dat net aus den Ae verléiere fir bezuelbare Wunnraum ze schaffen. Och do war d'Monique schonn drop agaangen, dass dat ganz wichtig ass.

Zu de Personalfraisën soen ech am Fong dat, wat ech ëmmer soen: Wa mer ëmmer e bëssen zrëckhaalend sinn, war mer d'Previsiounen vum eise Recettes ordinaires maachen, ware mer awer ëmmer e bëssen ze optimisteschesch wat eis Previsiounen vum de Personalkäschten sinn, an do hëllt d'Realitéit eis awer ëmmer an. Wann ech elo kucken, am PPF 2018 hate mer fir 2021 geduecht, mir géife mat de Personalfraisen bei 46 Milliounen stoe bleiwen, wat bei engem Total Dépenses ordinaires vum 82 Milliounen 55% géif ausmaachen. Mee de PPF 2020 weist eis awer lo, dass mer lo scho fir 2021 mat de Personalfraisën bei 54,5 Milliounen ukomm sinn. Bedenkelech ass, dass dat awer trotzdeem 59% vum eisen Dépenses

ordinaires ausmaachen. Mir setze vill Hoffnung an d'Resultat vum Audit zu dem Organigramme vum der Stad Diddeleng, dee jo och deemnächst soll präsentéiert ginn. An dann och e waarmen Appell un de Schäfferot och do déi richtig Konklusioun ze zéien, proaktiv virzegoen, fir eng Verbesserung vläicht vum de Synergie vum de Services unzeweilen an och eng virsiichteg Astellungspolitik weiderhin un den Dach ze leeën. Voilà. D'CSV ass och gäre bereet, Diddeleng weider matzeplangen. Mir begreifen explizit sou Initiative wéi dee Schäfferot, deen de Schäfferot ageleet hat, wéi mer de Concept global 2025 virgestallt kritt hunn. Mir begreifen déi geplangte Reunoun wou mer och den Audit virgestallt kréien a mir sinn och gäre bereet eisen Input ze ginn. Mir fannen, dass Dialog wichtig ass – d'Opposition representéiert och ëmmerhin 49,7% vum der Bevëlkerung vum Diddeleng a sie nëtt an d'Planung vum Diddeleng mat anzebeziehen ass fir eis eng Selbstverständlechkeet a mir si gäre prett, weiderhi konstruktiv matzeschaffen. Voilà, an dat wier eis Stellungnam gewiescht. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci der Madamm Kayser. Weider Stellungnamen? Madamm Goergen.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Merci Här Buergermeeschter. Am Numm vum Déi Gréng huelen ech da Stellung zum pluriannuelle Finanzplang. Ech huelen net sou wäit aus, wéi meng Virriednerin a faasse mech och kuerz. Mir wëssen, dass dëse Finanzplang opgesat gëtt fir der europäescher Unioun en Iwwerbléck ze verschaffen iwwer zukünfteg Investitiounen am öffentlechen Beräich. Dat ass en Deel vum engem Ganzen. D'Investitiounen sollen net ausufern, par Rapport zu de finanziellen Ressourcen, an d'Gemenge sollen sech net ze vill verschelden. An där Hisiicht stoung d'Diddelenger Gemeng déi lescht Jore gutt do, wou d'Schold kontinuierlech erofgaangen ass. Wa mer dëse Plang lo kucken, da gesi mer, dass dat sech wäert an Zukunft änneren. Mir gesinn, dass virgesinn ass, d'nächst Joer op eis Reserven zrëckgräife: vu 5 Milliounen. Et sinn och Emprunte virgesi vu 7,5 Milliounen, vum 9,5 Milliounen a vu 4 Milliounen. Besonnesch beim Budget ordinaire kann een aus dem Tableau och erauslesen, dass bei de Previsiounen vum den nächste Joren de Solde à reporter ëmmer méi kleng gëtt. Gläichzäiteg ass nach eng Steigerung vum den Investissementen an den nächste Joer virgesinn. Mir wësse jo, dass mat Bléck op den Horizont 2025 vill grouss Projeten ugeduecht sinn, déi mat dem Wuesstem vum der Bevëlkerung an der Ausbau vum Neischmelz zesummenhängen. Mir froen eis awer, ob déi dach riseg Zomme vum ausserordentlechen Ausgaben, net müssen hannerfrot ginn. Wann de Kont vum 2018 grad mol 15,7 Milliounen ausweist, a mer quasi all Joers mat verschobenen Ausgabe konfrontéiert sinn, da müssen en sech froen, ob déi



Zomme vun 43,7 Milliounen fir 2021 wierklech realistesch ass. Mir wësse jo, dass déi Zuelen am pluriannuelle Plang mat Virsicht ze genéisse sinn. Mir sinn och hei erëm der Meenung, dass déi Previsiounen op wackelege Féiss stinn, an dass e bësse grouss gesi gëtt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci der Madamm Goergen. Weider Stellungnamen? Martine Bodry-Kohn.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, dir Dammen an Härren aus dem Schäfferot, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot. De Staat, d'Gemengen an d'Sécurité Sociale – wéi mer héieren hu vun eise Buergermeeschter – si gehalen, no europäesche Virgabe Previsiounen ze maan, wéi hire Budget sech an deenen nächste véier Joer wäert entwéckelen. Dat si, wéi gesot, Previsiounen. Wéi d'Madamm Kayser schonn erkläert huet, Schätzungen déi also gemaach ginn, fir besser a méi nohalteg ze plangen. D'Realitéit kann natierlech vun dese Schätzungen ofwäichen – souwuel bei den Einnamen, wéi och bei den Ausgaben. Well mer jo net kënnen an d'Zukunft kucken, kënnen mer och net mat Sécherheet soen, wéi d'Wirtschaft sech wäert entwéckelen, wéi vill Stiere domat bei de Gemengen ukommen, wéi vill Subsidien an och weini mer se kréien – bei deem engen oder anere Projet oder och nach wéi d'Präisser sech wäerten entwéckelen. Trotzdeem mussen déi Rechnungen gemaach ginn. Grouss Projekte strecken sech oft iwwert méi Exercicen, an dat muss berécksiichtegt ginn. Eise Finanzminister Pierre Gramegna huet viru kuerzem d'Zuelen an der Chambre virgestallt, déi weisen, dat de Staat eigentlech engem liichten Iwwerschoss rechent am Staatskont 2019 an déi méi héich Einnamen, deenen ass hei an deem Tableau net onbedéngt Rechnung gedroe ginn. Fir déi nächst Joren, also 2021-2023, wäerten d'Einnahmen weider klammen, awer manner staark wéi déi Jore virdrun. Ma déi Einnahmen ginn duer, fir des ganz ambitiéis Investitiounen ze verwierkleche mat Rekordzuel am Ganze vu ronn 187 Milliounen an deenen nächste 5 Joer. Wann mer lo d'Investissementer méi no ukucken, déi solle getäteg ginn, da gesäit ee ganz kloer, dass des Majoritéit an Zukunft vun eiser Stad investéiert, an zwar op alle Gebidder. Nëmme well mir lo net bis op de leschte Cent wësse, wéi sech an den nächste Jore wäert alles entwéckelen, kënnen mir hei net an en Stëllstand verfallen.

Diddeleng wësst, an dofir brauche mir genuch a gutt ausgebildeten Aarbechter a Beamten. Eng gutt Versuerung a gutt Déngschtleeschtungen vun de Gemengenservicer brauchen och déi richteg Equipementer an Atelier. 19,85 Milliounen ginn hei an nei Gemengenatelieren investéiert. Am Beräich Schoul ginn 19,5 Milliounen an eng nei Schwämm an eng nei Turnhal um Strutzbiere

investéiert. D'Bildungshaus Lenkeschlei wäert mat ronn 18 Milliounen zu Buch schloen, d'Maison Relais Ribbeschpont mat 5,18 Milliounen. Beim Sport ginn 9,5 Milliounen an eis oppe Schwämm investéiert, ronn 3 Milliounen an eng nei Hal fir de CND an eng 2,5 Milliounen an enen Tenniszenter. Och eng nei Salle Polyvalente an der Beetebuerg-erstrooss ass geplangt fir ronn 4 Milliounen – eppes wat all eise Veräiner wäert ze gutt kommen an si freeën sech schonn drop. An den effentleche Raum, bezéiungsweis eis Infrastrukture gëtt investéiert: E Rückhaltebecken zu Bireng fir ronn 7,8 Milliounen an an der Rue du Commerce, Rue Zouffgen, Rue de la Libération, fir 5,4 Milliounen, sou wéi fir déi zweet an déi drëtt Phase vum Shared Space ronderëm d'Place Kinnen fir zesummen 9,77 Milliounen. Am Quartier Italien fir 5 Milliounen, fir ronn 4,7 Milliounen gëtt Butschebuerg-erstrooss erneiert. De Kanalsystem zwëschen dem neie Quartier Neischmelz an dem Rückhaltebecken Bireng schléit mat 3,7 Milliounen zu Buch an déi viischt Fassade vun der Kierch mat 1,5 Milliounen. Och un den Ausbau vun eise neie Déierenasyl ass geduecht ginn, an hei gi 4,5 Milliounen ageplangt. De soziale Wunnengsbau ass eis immens wichteg an hei ginn an deenen nächste 5 Joer fir op Lenkeschlei an an der Rue Nic Bodry ronn 10,5 Milliounen agesat. Hei kommen an eise scho besteende Contingent 5 Haiser am Quartier Lenkeschlei derbäi an eng Bauplaz fir Sozialwunnengen an der Rue Nic Bodry. Natierlech ass domat den Dossier „sozial Wunnengen“ a „soziale Wunnengsbau“ net ofgeschloss. Weider PAPen, déi an de kommende Joren agreecht ginn, a Projete, déi realiséiert solle ginn, sinn an deem plan pluriannuel nach net berécksiichtegt.

Wann ee lo d'Joren 2019-2023 zesummenhëlt, da maan des grouss Projete eng ronn 143,5 Milliounen aus op der Säit vun de sougenannten Dépenses extraordinaires. Op der Recettensäit fenne mer dann eng ronn 73 Milliounen, déi zu engem groussen Deel Staatssubventiounen sinn. Fir d'Joren 2020 bis 2022 sinn insgesamt 21 Milliounen Emprunte virgesinn – eng Decisioun, déi sécher och mat den nidderegen Zësen ze dinn huet. Ausserdeem gräife mer fir 5 Milliounen op d'Reserve budgetär zréck. Et ass also méiglech, déi grouss Zuel un Projete fir Diddeleng a seng Leit ze finanzéieren, ouni d'Finanzlage iwwerméisseg ze belaaschten. Gläichzäiteg ginn d'Servicer vun der Gemeng fir d'Bierger ausgebaut a verbessert an domat d'Liewensqualitéit hei zu Diddeleng konstant héich gehalen. Op alle Fall hunn mer hei net mat Luxusprojeten ze dinn, mee et si konsequent Investissementer an eis Stad an an eis Zukunft. Diddeleng ass a bleift eng Stad an där et sech gutt liewe léisst. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Martine Bodry-Kohn. Nach weider Stellungnamen? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Dann géif ech villäicht effektiv op déi verschidde Stellungnamen agoen.



Richtig ass, dass dat heiten eng Momentopnam ass, awer net nëmmen, well – wéi d'Madamm Bodry-Kohn gesot huet, an och d'Madamm Kayser – mer jo hei am Kader vun den Diskussiounen vun der Visiounen 2025, wou Diddeleng wëll higoen, och deene Projeten hei Rechnung droen. Dofir deelen ech awer och an dem Sënn net onbedéngt d'Aschätzung vun der Madamm Goergen, dass mer hei ze grouss gesinn. Ech mengen, dat heiten si Projeten, déi deelweis schonn an der Mache sinn, respektiv awer och scho Projeten, iwwert déi mir hei am Gemengerot diskutéiert hunn a mir gesinn et grouss, well déi Projekte – an do sinn ech ganz bei der Madamm Bodry-Kohn – dat gouf hei jo och am Kader vun de Budgetdiskussiounen 2020 gesot – hei an Diddeleng hunn mer eng Rei Projeten, mee dat si keng Prunkbauten, déi mer hei maachen. Mir maachen hei am Fong Projeten, déi den Diddelenger Bierger ze gutt kommen a verhältnisméisseg zu de Moyer, déi mer hunn.

Dass mer all déi lescht Joren net hu brauchen op d'Reserve zréckgräifen – respektiv gréisser Emprunten ze maachen – huet och domat ze dinn, dass mer probéiert hunn, sou gutt wéi méiglech eng virsiichteg Haushaltspolitik ze maachen. Wëssend – an dir konnt ee jo e bësse suivéieren an de leschten Deeg oder och Wochen : Wann aner Gemengen hier PPFen virgestallt hunn, wat déi vu Reserven hunn, wat déi vu Spillraum hunn, muss ech soen, dat sinn natierlech och Gemengen, déi ronderëm de Speckgürtel vun der Stad Lëtzebuerg sinn, déi och aner Impôt Commercialen hunn, déi net kllassesch Industrien hunn, wéi mir hei zu Diddeleng. Dat heescht, déi hunn och net sou vill Impôt Commercialen, déi sou vill Gewerbesteier abréngen, oder grouss Supermarchéen hunn op der grénger Wiss, wou et just sou ka spruddele vu Suen. Mir wëssen, dass Industrie, Industriepolitik, national Industriepolitik an Diddeleng ass tributaire dovun an et ass och doduerch, dass mer zanter den 80er Joren no der Stolindustrie jo d'Kéier hei konnte maachen zu Diddeleng, fir eis ze entwéckelen, do wou mer haut sinn. Dat heescht, dat huet effektiv och domat ze dinn, mat deenen Decisiounen, déi déi deemoleg Regierung an d'Schäfferéit geholl hunn. Ech mengen, Industriepolitik ass och ee ganz wichtege Bestanddeel vun der Stad Diddeleng, mee et sinn net déi, déi eis Keese féllen um Niveau vun der Gewerbesteier. Och dat ass eng national an eng lokal Realitéit. Dofir ass dat och bëssen de Spillraum, an deem mir eis beweegen, an dofir ass et och wichtig eng virsiichteg Haushaltspolitik ze maachen. Ech mengen awer – an do deelen ech net onbedéngt d'Aschätzung vun der Madamm Kayser, quitt dass déi Diskussiounen an déi Richtung lafen, dass Lëtzebuerg vill verléiert duerch de Brexit – well mer awer – dat huet och de Finanzminister gesot och an der Chamber – Lëtzebuerg sech kloer positionéiert um Niveau vun de Service Financier, fir awer an dem dote Kontext – mengen ech – ee Player ze bleiwen.

Mee et mussen een natierlech och kucken, wéi déi weider Bezéiungen tëscht der europäescher Unioun an England sech effektiv weiterentwéckelen. Ech mengen, dass jo do dat lescht Wuert nach net geschwat ginn ass, um Niveau vun der neier Bezéiung, déi déi zwee Partner, mengen ech deementspreechend wëllen agoen. An ech mengen, dass och do den Handel wäert tëscht deenen zwee effektiv nei orientéiert ginn. Fir villäicht verschidde Projeten hei opzegräife – och wou d'Madamm Kayser gesot huet – de Pompjeesschapp fir dee – well der dorop agaange sidd – wëll hei soen, dass wa mer Projeten hei ëmsetzen, dass mer ee Projet nom anere maachen. Ufank Mäerz wäert hei de Projet ronderëm de Festsall, an iwwert dem Festsall, fäerdeg ginn, an da wäerte mer deen nächste Projet hei an Ugrëff huelen. Dat ass de Pompjeesschapp. Dat heescht, mir wäerten hei eng Etappe no der anerer och deementspreechend ëmsetzen. Wann een iwwert d'Regiebetrieber schwätzt: Jo, déi plange mer weider. Och wann mer déi effektiv baue wëllen, brauche mer och – wéi a verschidene Situatiounen – Terrain fir dat ze maachen an do si mer an Diskussioun mat Proprietäre fir Terrain ze kréie – a mir wëssen, dass effektiv sou Diskussiounen net ëmmer evident an einfach si, fir dann och sou Projekte kënnen ëmsetzen.

Par Rapport zu de Personalkäschten, muss ech elo soen: effektiv, Diddeleng entwéckelt sech weider, an eise Service Public entwéckelt sech weider, an do ass et och wichtig engersäits ze consolidéieren, a wann d'Stad sech weiterentwéckelt, och deementspreechend déi nei Déngschtleeschungen unzëbitten, respektiv déi och auszubauen. Ouni awer – mir wäerten déi Diskussioun jo och matenee féieren an deenen nächste Wochen, wou mer dann och iwwert déi Bestandsopnam schaffen, an do ass och ganz kloer virgesinn, eng ganz Rei Synergien ze huelen, fir effektiv de Service Public, dee mer als Stad Diddeleng ubidden, mengen ech nach besser am Interêt vun der Stad Diddeleng deementspreechend och ze maachen. Wat déi nächst Jore bréngen, wat den Niveau vum Wunnengsbau ugeet – bon, souwisou „NeiSchmelz“, an natierlech Diskussiounen ronderëm de Pacte Logement, brénge sichtlech eng nei Ausrichtung – do muss och een neit Gesetz gestëmmt ginn. Mee wat een awer och muss bedenken, wann ee – an dat hat ech ulässlech vun der Fianzkommissioun och gesot: „Et ass de Moment jo keng obligatoresch Missioun vun de Gemengen, de Logement. Wann een awer gären hätt, dass d'Gemeinde méi a konsequent an de Logement investéieren, da muss och do d'Realitéit stëmmen.“ An déi affichéiert Realitéit –notamment um Niveau vun der Subventiounspolitik – wou gesot gëtt: „Hei, dir kritt bis zu 70 verschidde Projekte lo mol 100% effektiv Subventiounen, pardon, 75%“, déi stëmmen net ëmmer an der Realitéit. Oft hate mer Projeten – déi mer hei am Gemengerot hate – wou mer mol bei 60 oder 65% vun



de Subside waren a wann een och gär hätt – ech mengen Diskussiounen lafe jo och an déi Richtung – dass d'Gemengen och do mat weider Responsabilitéit oder méi Responsabilitéit iwwerhuelen, dass se dann natierlech nach Subventiounspolitik och do d'Realitéit stëmmt. Well dat kann natierlech ee klären intensive si fir deementspriedend och fir d'Gemenge. An ech mengen, mir wäerte jo och eng Rei Projeten hunn, fir dat hei um Niveau vum Logement deementspriedend wäerte beschäftegen.

Dat heiten si Previsiounen, déi de Merite hunn, dass mer engersäits, déi Projete mer am Gaange sinn ze maache – déi iwwert zwee, respektiv dräi Budgetsjoer entwéckelen, hei virgesinn hunn – anerer hunn mer hei schonn ugeschwat – wäerten, wéi gesot, d'nächst Joer oder iwwernächst Joer ulafen. De But ass hei einfach dat mol budgetär virzugesinn, dass einfach net nach eng navigatioun à vu mécht, an dat ware jo ëmmer déi Diskussiounen, déi jo stattdonn hunn, éier et iwwerhaupt e PPF gouf, dass een net richtig wosst, wou geet een déi nächst Joren hin an hei mécht een einfach mol den Exercice mol zesammen: Wou wëlle mer higoen? Engersäits huet een déi politesch Dimensioun vum enger Schäfferotsklärung, wou eng ganz Rei Projeten dra sinn – wou mer jo och hei diskutéiert haten ugangs vum der Legislaturperioden, déi mer gäre wélten ëmsetzen – an de PPF kann natierlech en Instrument, en Outil sinn, wou natierlech deen dote Volet vum deene Projeten, déi jo do si fir d'Stad Diddeleng weiderzebréngen, och deenen eng gewëssen Zäitschinn gëtt, fir se och deementspriedend och ëmsetzen. An natierlech: D'Realitéit kann ëmmer eng aner sinn. Do kann ee mol a Versuch geroden, duerch Ausschreiwunge vu Projeten, duerch Verlagerunge vu Prioritéiten, duerch aner Situatiounen, déi op een duerkommen. Ech mengen, dat kann een net ëmmer steieren. Ech mengen, dofir hu mer hei deen Exercice, fir dass mer mol einfach eng Previsioun maachen an och probéieren, déi esou gutt wéi méiglech anzehalen. Et muss een awer soe generell, och all déi Jore wou mer hei de PPF hunn, och wa mol Verschibunge goufen, hu mer awer ëmmer probéiert hei ganz kloer de Kurs ze halen, dass een awer do och ee klären Fuedem deementspriedend och rëmfënnt.

Voilà. Dëst gesot zum PPF, deen effektiv Joren 21,22 23 concernéiert. Et brauch ee jo kee Vott hei, wéi gesot, ze maachen. An natierlech ass et och esou, dass de PPF normalerweis jo och nach eng Kéier am Juli muss – wéi gesot – un déi zoustänneg Ministère och nach eng Kéier geschéckt ginn, mat deen eenzegem Adoptiounen, déi och da säitens vum de Ministère komme par Rapport zu de Previsiounen vum der Dotatioun, respektiv vum Impôt Commercial. Voilà. Dëst gesot géife mer op den nächste Punkt weidergoen.

4.2. + 4.3. APPROBATION VUM DEVIS ESTIMATIF IWWERT D'REAMENAGEMENTSARBECHTE VUN DER PLACE FRANTZ KINNEN (SHARED SPACE) + APPROBATION VUM DEVIS ESTIMATIF IWWERT D'REAMENAGEMENTSARBECHTE VUN DER KRÄIZUNG ZOUFTGERSTROOSS – RUE DU COMMERCE A RUE DU COMMERCE – RUE DE LA LIBÉRATION

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dat ass engersäits d'Presentatioun vum der drëtter Phase vum Shared Space vum der Frantz Kinnen Plaz, awer och parallel d'Presentatioun vum Projet an der Zouftgerstrooss – Ruedu Commerce – Ruede la Libération, d'Bidirectionalitéit, déi do schonn do en Face ass. Dat sinn am Fong zwee isoléiert Projeten, an awer zwee Projeten déi – mengen ech – ganz kloer aneneen impliquéiert sinn an aneneen afléissen. Wou mer och engersäits hei Devisé virleien hunn. Dofir begréissen ech hei an eiser Ronn, den Nico Steinmetz an de Frédéric Legros, vum Architektenbüro STEINMETZDEMEYER, an awer och vum Büro „Schroeder & Associés“, den Tom Steichen an d'Svenja Glutmann an och eis Mataarbechter aus dem Service Technique an eise Service Circulation. Voilà. D'Presentatioun, déi wäerte mer och iech hei maachen, wéi déi zwee Projeten ausgesinn. Bon, et ass jo esou, dass mer haut hei déi drëtt Phase vum Projet Shared Space an Ugrëff huelen, wat initial jo déi zweet Phase war a wou mer jo als Gemeng flexibel genuch waren de Switch vum de Phasen ze maan, well och par Rapport zu dem heite Projet – a mir wäerten iech dat heiten och nach eng Kéier virstellen, notamment wat de Volet „Rue du Commerce“ ugeet – Ponts et Chaussées de Lead op dem dote Projet hunn a mer hunn eis jo un d'Ausschreiwung drunhänken, mir wäerten herno nach am Detail drop agoen. Also zwee Projeten: engersäits d'Frantz Kinnen Plaz, drëtt Phase vum Shared Space: 4,7 Milliounen Euro an d'Kräizung Zouftgen/Rue du Commerce/Rue de la Libération: 4,9 Milliounen, wou nei amenagéiert ginn, wou ee jo a béid Richtunge fuere kann, wou och d'Ausrichtung ass. An der drëtter Phase vum Shared Space, eben och bei der Entrée vum Shared Space, bei der Kierchplaz, eng Zone 30 ze amenagéieren, an de Shared Space ass jo eng Zone 20. Eng Zone 30 ass och do de Parallelismus walte wëlle loosse, gi par Rapport zu enger Dominique Lang an eng Avenue Grande-Duchesse Charlotte och do eng Zone 30 ass de Parallelismus, op deenen Achsen, well mengen ech hei aféieren.

D'Ausrichtung – a mir si jo de Moment a Pourparlere mat Ponts et Chaussées a mam Ministère – dass dese Projet viraussichtlech Mäerz/Abrëll soll an d'Ausschreiwung goen, fir dass effektiv d'Kräizung Zouftgen/Commerce am Hierscht solle kënnen ufänken, fir och dat heite kënnen an Ugrëff ze huelen. Et ass hei awer och



nach eng Kéier ze soen, dass mer déi heite Phase – dofir hu mer och hei de separaten Devis, vu dass mer déi drëtt Phase vum Shared Space separat huelen, par Rapport zum initiale Projet, wou jo déi dräi Phasen zesumme waren, einfach well mer mierken, dass d'Ëmsetzung vum Projet eng gewësse Komplexitéit mat sech bréngt. An och well de Projet par Rapport zu dësem Projet lo, par Rapport zum initiale Projet wéi mer en hei diskutéiert hunn 2016 och evoluéiert huet – och um Niveau vum Kanal. Mir wäerten herno deementspreechend drop agoen an natierlech och iwwert deen dote Wee et aneschtens steiere kënnen, notament well och déi Komplexitéit hei erakënnt mat dem Projet vu Ponts et Chaussées, wou och effektiv ofgestëmmt muss ginn, quitt dass mer net direkt dovunner ofhängeg sinn, wat de Volet vum Shared Space ugeet. An awer mengen ech hänke mer eis drun. Dat heescht, et ass eng gewëssen Implicatioun, déi hei ganz kloer och an deenen zwee Projeten effektiv dran ass an ech hat et jo och scho lo ugedeit am Kader vum PPF – concernéiert eis haut zwar net – mee dat ass dann och virgesi – dass mer nieft deenen heiten zwee Projeten och wëllen da viraussiichtlech 2021 – mir haten am Kader vum Budget 2020 och schonn driwwer geschwat – och fir deen Deel vun der viischter Fassad vun der Kierch och an Ugrëff ze huelen. Sou mengen ech, dass am Endeffekt herno dräi Projete mam Stadkär an der Stad Diddeleng wäerte stattfannen, deen natierlech och weider zu der Attraktivitéit wäerte bäidroen, well mer och do wëllen ee convivialen espace public kreéieren. Op alle Fall vill méi convivial, wéi dat de Moment de Fall ass.

Dëst gesot, als eng bësse méi generell Introductioun zu engersäits deenen heiten zwee Projeten. Wéi d'Déclinatioun méi am Detail wäert sinn, dat wäert lo op alle Fall de Büro STEINMETZDEMEYER an och Schroeder et Associés eis virstellen. Dofir géif ech hinnen och dann direkt d'Wuert ginn, fir direkt dans le vif du sujet eranze klammen. Dann géif ech och villäicht direkt d'Wuert dem Architekt ginn.

NICO STEINMETZ (STEINMETZDEMEYER – ARCHITECTES URBANISTES): Villmools Merci, Här Buergermeeschter. Merci villmools. Also mir ginn elo relativ schnell duerch vill Sliden, well mer och eng länger Analyse gemaach hate vun de Situatiounen hei eng Kéier. Wou si mer? Place Kinnen si mer do um Fouss vun der Kierch. Do ass jo d'Niddeschgaass, déi ganz frësch gemaach ginn ass oder nach am Chantier ass. Hei d'Gemengenhais, wou mer lo haut sinn. Voilà, dat do ass d'Envergure vum ganze Projet. Ech schwätzen iech elo perséinlech méi vun deem heiten Deel an dann ass Schroeder Associés nach eng Kéier deen technesch Deel a Circulatiounsvolet vun deem gesamte Projet. Place Kinnen, wéi gesi mer déi? Et ass eng Plaz, déi e gewëssen Alter huet, vum Zentrum vun der Gemeng. Dofir hu mer och do eng „Analyse his-

torique“ gemaach, wéi een et nennt. Als éischt hu mir ugefaange – dat sinn déi éischt Kaarten déi mir zu Lëtzebuerg hunn: 't ass d'Kaart „Ferraris“, sou heescht déi, vun 1778. Do gesi mir hei deen Deel, wou mir am Zentrum sinn – do – do ass nach keng Kierch z'erkennen, mee et ass wierklech den Duerfkär. D'Stroosse konzentrieren sech all op deem Punkt. Spéider, 1907, do gesäit een ass d'Eisebunn schonn déi rakënnt an do erkennt een och op engem Punkt, dat d'Kierch schonn do ass. De Stroossentrafic ass nach ëmmer am Kär. Dat bleift och laang esou. 1927 ass Diddeleng nach ëmmer relativ konzentriert op sengem Mëttelpunkt, wou d'Kierch och do ass op der Kräizung. Et ass am Fong ëmmer eng Kräizung vum Verkéier, vun Hin an Hir, eran- an erausfueren aus dem Stadkär. Dann gesäit een de Brill deen sech am Gaang ass z'entwëckelen an och hei am Süden, Diddeleng, d'Schmelz. Voilà. 1954, do gesi mir d'Kierch ganz kloer hei. D'Gemeng ass schonn dee Moment do an do gesi mir och déi schwaarz Linn, déi interessant ass. Dat ass den Tram, déi kleng Tramslinn déi do duerch gefuer ass. Dat ass am Fong geholl d'Naissance och vun der Diagonaler warscheinlech, déi do duerch geet wou jo dono den Auto de selwechten Tracé geholl huet.

De selwechten Tracé fir den Auto, hei si mir 51 – oder nee 51 do si mir nach net mam Auto, dat ass warscheinlech do déi Linn vum Tram. 't ass am Fong e groussen neutralen Espace, wou ee gesäit, dat d'Strooss Ruedu Commerce, déi haut hei méi eng fiert, dat déi fir d'éischt op d'Plaz kennt an da réischt riets eriwwegeet. E bëssi méi spéit, tëscht de 50 a 60er Joren, hu mir identifizéiert mat den Autoen déi do sinn. Do gesäit een eben dat Gebai – hei mat e bësse Bauhausstil, modernistes – wierklech d'Ruedu Commerce fir d'éischt eriwwer geleet huet an d'Richtung Niddeschgaass an dat do net déi Boucle ronderëm d'Stad wuer, dat d'Stroosse wierklech all an de Kär, an den Zentrum gefouert hunn, wou dann d'Kierch e kleng Parvis just virdrun hat, mat awer scho Stroossentrafic. Da si mir 1987, voilà, 't ass ongeféier d'Situatioun wéi si haut ass, déi do schonn entstane war, wou ee gesäit dat den Autostrafic eben den Auto lénks fiert – et ass eng Resolutioun am Fong e bëssi wéi Autobunnsbrëtellen, wou een den Trafic inverséiert an dann natierlech wou ee muss mat Bornen, Bordüren a mat Planze schaffen, domat do kee sech do iert an onglécklecherweis an déi aner Richtung fiert.

Voilà, et ass e bëssi Historique. D'Situatioun wéi si haut ass 2019, do gesäit een dat Plaz haut am Duerf do ass, Niddeschgaass déi hei a sengem éischten Deel scho fäerdeg ass an de Chantier uewendriwwer a wou aus deene kleng Beem an Hecken déi deemools geplanzt goufen haut grouss Beem gi sinn, déi e schéine Stamm an eng schéi Kroun hunn, an déi déi Plaz relativ – wann een déi Plaz nach Plaz well nenne – op alle Fall deen Espace relativ



determinéieren. Do einfach eng Kéier als Erënnerung, wou si mir, wéi ass do den Trafic – ebe lénks fuere fir d'Ges-tioun den Duerchfloss duerch den Zentrum. De Projet ass jo haut – jo eng kleng Analyse fir d'éischt nach – wat hunn mir vun éffentleche Raim am Zentrum? Mir hunn souwuel déi gréng Reim, wéi och méi mineralesch Plazen, wéi een si nennt, wou mir och de kleng Parvis hei hunn virun de Caféen. Do hunn mir di Gebaier déi esou bëssi en mini llot maachen. Fir déi Plaz kéint ee soen et wier e Ganzt mat engem Objet dra mee mir ginn am Projet éischter an d'Richtung mir loossen d'Niddeschgaass d'Niddeschgaass sinn, well dat och d'Logik iergendwéi war, a mir maachen elo wierklech hei eng Plaz draus, déi dann am Osten ass. Do si bëssi fir d'Echellen ze vergläiche vun den éffentlechem Raim.

Voilà, mir hunn vun de Beem geschwat. Do ass eng Loft-opnam vun uewen an do ass och eng détailléiert Opnam gemaach gi vun der Gesondheet vun de Beem, hirem Alter, Stamm, Essenz, wéi eng Zort et ass an och mam Ministère de l'Environnement si mir och do duerch gaangen a hunn gekuckt wat muss fort am Sënn dat et eventuell krank ass, wat ka fort, well awer d'Travaux d'Envergure muss gemaach ginn um Egout. Dat ass och d'Utilité publique. D'Installatiounen, déi do sinn, hunn och e gewëssenen Alter an ech mengen déi mussen amelioréiert ginn an do si verschidde Saache wou e Bam just do ass wou en net soll sinn. Mee dat ass wierklech mam Ministère a mat den Ingenieuren étudiéiert ginn, dat mir wierklech just do cibléiere wou et muss sinn an e Maximum vun de Beem kënne bäibehalen. Wat Dir hei gesitt am Rouden – dat sinn déi Beem, déi fort kommen. Dat ass an der Niddeschgaass. Déi déi wäiss sinn déi nei Beem, déi déi Aner ersetzen, wann een et sou well nennen. Déi gréng sinn déi Beem déi mir bäibehalen. Do gesäit een hei virun der Kierch, et ass well do ënner aner-em Egout-Aarbechte gemaach ginn a well mir do gesot hunn mir loossen do d'Zone partagée virun der Kierch duerchgoen. Hei ënne sinn och gréisser Aarbechte virge-sinn an dat do sinn zwee kléng Beem, wou d'Paysagiste sote „voilà, déi si kleng, wann déi elo rauskommen, et ass net schlëmm, a kënne à la Limite nach replantéiert ginn“. Hei hunn mir nach eng Bestandsopnam gemaach, fotografesch, wou ee gesäit déi grouss Diagonal, déi déi Plaz zerschneit, mat engem Trafic dee bëssi op engem Autobunnssystem regléiert ass an eben d'Alignement virun de Beem, déi op der Diagonal sinn. Wat wichteg ass, do gesäit een och déi déck Granitsbordurë – dat ass dat wat een en Surface gesäit. Do drënner geet de Granit nach 20 oder 30 Zentimeter weider an dee Granit ass an enger Bëtongsfondatioun ënnendrënner. Déi Beem sinn dotëscht gesat ginn, tëscht de Bordüren, an déi ware kléng, an déi Beem hunn sech hir Wuerzele gemaach tëscht deene Bordüren. Déi Beem halen sech warschein-lech haalt mat hire Wuerzelen un deene Bordüren un. An

deem éischte Projet, dee mir gemaach hunn wollte mir déi Bordüren ewechhuelen, well déi Diagonal hunn eis gestei-ert. Dann hunn mir dat alles am Detail erkläert kritt an och opgeholl, soudatt mir déi Plaz frësch maache mat esou vill wéi méiglech Bordüre behalen déi do sinn, dat d'Beem hir Stabilitéit behalen. Voilà, dat ass en Deel vun der Komplexitéit, déi ugeschwat ginn ass – hei nach eng Foto vun der Kierch. Do si mir och am Gaangen ze kuck-en, déi Lumièren déi do sinn, sinn déi d'Origine oder net? Mir waren och gëschter oder virgëschter beim Sites de Monuments fir de Projet eng Kéier unzeschwätzen – wat positiv ugeholl ginn ass mee wat nach muss duerch hire Gremium goen.

Dann hunn mir och eng Analyse gemaach, mir wëllen déi Plaz de Foussgänger ginn: Wéi sinn d'Fluxe vun de Fouss-gänger: Wann mir vun der Niddeschgaass hei kommen, wou ginn déi meescht Leit? Do ass de Foussgänger-iwwergank, si ginn dohin – an dohin. Dat sinn am Fong déi Hauptdestinatiounen wou de Foussgänger kann higoe vun enger Plaz op déi Aner, wat am Fong déi verschidden Entréeën zur Plaz sinn. Dat sinn déi Fluxen un Fouss-gänger a Cyclisten, déi mir musse fräi halen a positiv gestalten dat de Foussgänger sech wierklech do am Zentrum spiert. Dann hunn mir gekuckt de kierzesten an neutraalste Wee fir e groussen éffentleche Raum ze behalen. Dat ass dat mir déi Konnektioun maachen zur Niddeschgaass mat engem Shared Space. Do hunn mir verschidde Virschreften par Rapport zu Ponts et Chaussées wéi wäit mir awer do mussen normal Bordüre ranzéien, iert mir kënne Zone 20 maachen ouni Bordüren an dann, wéi gesot, gëtt dat en Deel vum Verkéiersfloss wéi en elo schonn an der Niddeschgaass ass. Si soen och dat hei déi Borne ass wou just Bussen dierfen duerchfueren an dat den Trafic, deen hei aus der Niddeschgaass kennt entweder do erafiert oder hei an do erop an da fiert en nees zréck. Déi déi hei uewen an der Rue du Commerce eroffueren, déi kënne am Fong just do weider fueren. Fir ze soen dat net esou vill interesséierten Trafic vu just Transit ass, dat et wierklech déi lokal Populatioun an Usageë vu Commerce etc sinn, déi do interesséiert sinn eranzefueren an och Liwwercamione fueren da moies hei nees eraus oder déi Sait eraus. Wat wichteg fir aus war ass ze soe „d'Plaz gëtt Plaz am Fong déi beliebter gëtt vun de Commercen hei ronderëm“ an dat mir hei déi Prox-imitéit vun de Fassaden an de Venture vun de Commerce par Rapport zum Trafic wierklech reduzéiert hunn. Et ass manner Trafic an en ass net méi virun der Dier vun de Commercen.

Wéi gesi mir den Amenagement vir? Do hunn mir elo déi verschidde Stratten opene geluecht an deem Power-point. Hei hunn mir déi Bordüre geholl, déi mir jo elo mussen halen, déi eis déi diagonal Linne ginn, déi duerch déi ganz Plaz ginn. A priori, eng Diagonal Linn iwwer eng



Plaz ass destrukturant fir de Foussgänger dee well a sengem Salon e schéinen Tapis um Buedem hunn mat nach enger Moulure uewendriwwer – et ass wéi e Raum a engem Haus. Hei hunn mir dann eng Diagonal, relativ staark, puer Diagonalen, déi – Klack – doduerch ginn. Do hunn mir eis en Defi draus gemaach. Et ass bëssi wéi mat engem Patrimoine ze schaffen mat engem bestoende Gebai. Op alle Fall ass dat eng Stratt, déi mir jo deels mussen halen. Mir hunn si do verlängert. Wéi gesot, wat kënne mir draus maachen. Wat hunn mir vun aner Ligne de Forcen: Dat sinn d'Linnen natierlech vun der Kierch. Ech mengen dat ass en ëffentlecht an ikonographesch Gebai am stättesche Raum, et ass eng Referenz an déi gëtt och hir Linnen op d'Plaz. Do hunn mir ugefaangen ze kucken, wéi mir dat equilibréiere kennen. Wat sinn déi Bordüre bei deene mir sécher sinn dat mir se musse behalen. Wéi kënne mir mat de Bordüre spillen? Eng Superpositioun maache mat den anere Linnen an eng Zort Patchwork maachen, wou eng mat den anere Linnen dat e ganzen Tissu gëtt, wou een duerno net méi spiert, wat d'Origine am Fong geholl wuer a wat der Plaz awer e ganz staarke Charakter ka ginn, dee ganz logographesch ass, mat dem Material wéi si um Buedem sinn. Dat wat mir hei gesinn, dat ass am Fong dat selwecht Material, wéi dat wat mir schonn hunn, den Enrobé teinté vun der Niddeschgaass an dat wat elo bëssi méi Donkel ass wier de Beton lavé désactivé, dat hunn mir och an der Stad gemaach um Fouss vum Lift am Pafendall. Do gi mir och an déi beige Téin, mee do huet een de Grain bëssi méi déck vun de Steng déi am Betoun sinn. Voilà, dat mer do mat verschidden Texture schaffen, mee mir wëllen och mat verschidde Pavagen déi hei bei de Beem sinn, déi mir eventuell och mussen en Place halen, dat mir mat Pavéen déi de Moment in Situ sinn eventuell och punktuell nach weider drun schaffen. Wéi Dir héiert, soe mir „warscheinlech“ a mir musse kucken, währenddeem wou d'Revêtement déi do sinn ewechgeholl ginn, musse mir nach observéieren, wou sinn d'Wuerzele genau a wéi sinn si gewuess an et ass nach eng gewëssen Adaptabilitéit vum Projet – dat si Richtlinnen. Mee wat mir do op de Meter oder Zentimeter genau maachen, gesi mir op der Plaz selwer an do ass en Accompagnement au fil des travaux. Dann hunn mir natierlech de Bambestand dee mir behalen a mir hunn kléng Elementer, déi mir drasetze fir déi Plaz och raimlech anescht ze cadréieren.

Last but not least, wou sinn d'Leit? Eng Plaz ass do fir iech ze setzen. Do hunn mir eng ganz Serie vu mobiliers urbains déi mir do erabrénge, wat méi ass wéi eng einfach Bänk, wat wierklech esou bëssi gradinsaarteg oder chaise longue-aarteg Installatiounen sinn, déi mir do virgesinn an zwee Waasserpunkten, deen éischten op der Plaz, wat eng kleng Fontaine ass, wou d'Waasser aus dem Buedem kënnt wéi et och am Park schonn ass, hei

e bëssi méi kleng, si ass an engem urbane Raum an do hu mir och direkt Bänken donieft, dat ass e bëssi méi e ludique Charakter. De Kaméidi vum Waasser kann och de Kaméidi vun der Strooss an dem Trafic equilibréieren. Dann ënnen, déi Skulptur déi am Moment hei steet an hirem Fënn-Eck mat rosaem Granit, déi géinge mir hei ënnere bréngen, wierklech dat an der Niddeschgaass vill méi present ass, an et ass scho mat der Artistin geschwat ginn, déi ganz en Faveur ass. Déi setze mir och do hin ouni de Col de Granit, wou si och frou driwwer ass. Voilà, dat ass d'Endresultat wéi et elo ausgesäit. Am gesamte Bild – mir dann nach e puer Fotoe fir ze weise wat e Patchwork ass an enger urbaner Echelle. Dat gesäit elo vläicht e bësschen nervös aus, mee dat ass wéinst den Déckte vun de Strécher, déi dat bësschen ze vill erhiewen, mee esou erlieft sech dat op engem ëffentlechem Raum. Voilà, dat ass raimlech a graphesch kann dat relativ staark sinn. Do hunn mir lo verschidde Bänken aus der Niddeschgaass, déi dobäi komme wéi Dir si scho kennt. An dann hu mer hei ënnere wéi et vun der Niddeschgaass op Plaz geet, do hunn mir eng gréisser Installatioun gemaach, wou een sech kann sou just mam Hënner dropsetzen oder sech carrement och dohileeën, wéi een et hei gesäit an ëmmer bei de bestoende Beem hunn mir dann éischter mat liichte Konstruktiounen geschafft aus Holz, wou d'Waasser kann doduerch goen, domat esou vill wéi méiglech Beem geschützt sinn.

Dat do ass uewen um Parvis vun der Kierch. Do géinge mir esou wéi Fielsen oder Äisbierger déi do sinn, wou een sech och nees kann dohisetzen, drop leeën oder waarden op Leit, déi aus der Kierch kommen oder sou. Mir sinn och do beim Foussgängeriwergank. Dat ass och e bëssi de Salon d'entrée, d'Sall d'attente fir eranzegoen, wou een sech kuerz hisetzt. Hei si mir bei de grouss Beem, wou mir wierklech e Parterre hunn, dee relativ laang ass, wou mir de Buedem och wëllen iwwert déi Längt halen, wou mir da Bänke maachen ënnert dem Bam, déi an déi aner Richtung droe wou mir net vill Fundamenter op d'Wuerzele setzen hunn a wou mir hei villäicht dat do op kleng Schinnen hunn dat een dat kann Hin an Hir réckelen. Dat heescht, dat deen do Volumen do widder ka sinn, da kann een d'Féiss an d'Been ausstrecke – am Fong nach eng Kéier eng Sëtzegeleeënheet fir eng méi laang Dauer ass wéi just kuerz sech dohinzesetze mat de Féiss um Buedem.

De leschten, bësschen eng Unartung u Gradient, deen ass uewe bei der Entrée, wou mir dann de visuellen Akzent setzen op déi do Perspektiv. D'Leit setzen sech hei hin an de Gradin, si kënnen zesumme schwätzen, mee d'Richtlinn, de Visuell geet Richtung Kierch, Niddeschgaass, wou mir am Fong dann der Rue du Commerce de Réck dréie fir d'Plaz besser ze cernéieren, e kleng Gradins-effet ouni elo ze héich ze goen, well ab engem Meter muss



een d'Gelänner maachen a mir wollten déi elo net dohi bréngen. Dat sinn déi Richtlinnen déi mir müssen anhalen. Ënne bei der Fontaine, do sinn och zwee Beem relativ no beienee wou mir och mat Holz Volume schaffen, wou een sech kann uewen dropsetzen, an d'Mëtt, wou een sech ka leeën, am Fong geholl Bänken déi keng Bänke sinn, souwéi d'Installatioun „I am Duerf“ wat am Fong keng Spillplaz wuer, wat awer ee Moment esou benotzt gëtt. An dann natierlech d'Waasserspill, ech mengen dat kennt Dir all, do brauche mir eis net ze verdéiwen. D'Skulptur, wéi si elo hei ënnen hikënt, wou mir just do en Affaisement am Revetement maachen esou wéi en Pool oder en Thermaque, dee schlecht gemaach ginn, dee mir hei awer express schlecht maache wou d'Waasser drasteet, well d'Waasser kennt aus der Skulptur raus, dat heescht et ass mam Waasser mee et ass elo keen extra Bassin dee mir maachen. Et ass ganz natierlech a steet do an deem klengen Waasserpunkt.

Mir hunn och schonn d'Belichtung etudéiert, mat der Firma och scho wéi déi ganz Niddeschgaass, an do gesäit een elo d'Simulatioun wou mir mat deene selwechten Apparate schaffen. An der Niddeschgaass si mir awer just nëmmen op 5 Meter Héicht, hei hunn mir Liichtmasten déi bis 7 oder 8 Meter héich ginn, well mir e méi groussen Raum belichten an och am Gaang sinn ze kucken wéi dat ka mat der Kierch zesumme funktionéieren. Voilà, villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEISTER):

Merci dem Nico Steinmetz fir d'Presentatioun ronderëm d'Kinnenplaz a ronderëm d'Kierch. Et héiert ee kloer raus, dat souwuel iwwert eng Neigestaltung, awer dann och Gestaltung, Perceptioun an och Notzung vum öffentlichen Raum an deem heiten Projet sichtlech eng ganz Aner gëtt, wéi dat actuellement de Fall ass an dat d'Openthaltsqualitéit staark zouhëlt. Ganz konnex dozou ass natierlech mam öffentlichen Raum déi ganz Verkëiersfeierung laanscht an duerch den öffentlichen Raum an do géing ech och hei de Vertrieeder vum Schroeder an Associés d'Wuert ginn, fir och an dee Volet anzegoen.

SVENJA LUDMANN (SCHROEDER & ASSOCIÉS – INGENIEURS-CONSEILS): Gudde Moien. Es wurde ja gerade eben über die Bäume gesprochen. Noch eine kleine Ergänzung dazu: Insgesamt sollen 16 Bäume gefällt werden, davon ein Baum der krank ist. Es wird aber auch 17 Bäume wieder neu gepflanzt. Hier sieht man auch noch einmal warum das nötig ist. Es werden teilweise das Kanalprofil erneuert und die ganze Wasserleitung neu gelegt, die Bäume, die aktuell in dem Bereich liegen müssten dann eben gefällt werden. Auch liegen einige Bäume im zukünftigen Straßenbereich oder in den Sichtbereichen. Jetzt kommen wir zum Bereich Vitesse 30, der sich neben dem Place Kinnen anschließt. Es ist geplant

ein Plateau zu bauen, man kommt hier aus der Rue du Commerce auf das Plateau drauf, das wird auch mit farbigem Asphalt gestaltet wie aktuell auch im Shared Space. Es wird einen 3 Zentimeter hohen Bordstein geben der sich hier im Shared Space anschließt. Dort wird es dann nur eine Metallbordüre geben, aber auf gleichem Niveau, also kein Niveau-Unterschied zwischen der Straße und dem Gehweg. Wie sie sehen wurde auch berücksichtigt für behinderte Personen die Zebrastreifen entsprechend auszurichten, also mit Blindleitsystemen um eben den PMR Richtlinien gerecht zu werden. So zur Rue du Commerce, was ja der grösste Projektteil ist, dieser Bereich soll zweiseitig in beide Richtungen ausgebildet werden. Aktuell haben wir da ja einen Richtungsverkehr.

In der Rue du Commerce wird auch der Kanal erneuert. Es wird eine Regenwasserachse gelegt. Im Moment gibt es da nur einen Mischwasserkanal. Hier in dem Bereich sieht man, dass die ganze Kreuzung erneuert wird. Der aktuelle Mischwasserkanal der im Gehweg liegt, wird in die Straße verlegt und der Regenwasserkanal wird an den Bach angeschlossen. Im weiteren Verlauf der Rue du Commerce wird eben auch der gesamte Mischwasserkanal erneuert und die Regenwasserachse gelegt bis in die Route de Zoufftgen. Dort wird der Mischwasserkanal teilweise saniert. Grundsätzlich werden viele Versorgungsanbieter neue Leitungen legen: CREOS, Post, Eltrona werden sich am Projekt beteiligen. Für die Gemeinde werden neue Wasserleitungen und Gasleitungen gelegt sowie WiFi Masten installiert und Sonorisation. Des Weiteren wird die Zebrastreifen-Beleuchtung für die Gemeinde neu gemacht. Hier nochmal im Schnitt, da sieht man, dass sowohl Niedrigdruck als auch Mittel- und Hochdruck von Gas neu gemacht wird und eben viele Réseaux im Trottoir erneuert werden. Hier einmal der Plan wie die Rue du Commerce zukünftig aussehen. Der gesamte Kreuzungsbereich mit der Rue de la Libération wird umstrukturiert. Die aktuellen Mittelinseln werden entfernt. Es wird eine Lichtsignalanlage installiert. Grundsätzlich wird der gesamte Trottoir mit Pavé gebaut. Einige Bereiche, gerade dort wo sich viele Bäume befinden, werden mit Elasto Pave gebaut, das ist ein wasserdurchlässiges Material wodurch das Wurzelwachstum gefördert wird. In der Rue des Ecoles wird ein Zebrastreifen auch für einen Fahrradüberweg gebaut und wenn man von der Route de Zoufftgen kommt, wird man auch in Zukunft links in die Rue du Commerce fahren können. Es werden neue Bushaltestellen gebaut. In diesem Bereich werden eben die Bäume gefällt werden müssen da die aktuellen Kanalanschlüsse durch die Bäume behindert werden und die Hausanschlüsse zukünftig eben an den neuen Mischwasserkanal in der Straße angeschlossen werden müssen. Diese Bäume werden aber nach der Baustelle auch wieder neu gepflanzt. Es wird grundsätzlich ein 13 Zentimeter hoher Bordstein gebaut. Da aber einige Haus-



einfahrten vorhanden sind, wird gelegentlich der Bordstein auf 4 Zentimeter abgesenkt. Bei der Bushaltestelle wird ein 18 Zentimeter hoher Kassler Bordstein eingebaut. Das sieht man hier nochmal im Detail. Hier sieht man ein Detail der Baumbeete mit dem Elasto Pavé und viel Platz für die Wurzeln der Bäume. Das Elasto Pavé wird mit einer Stahlkante von der Begrünung getrennt.

Hier auch nochmal die Gestaltung für Beeinträchtigte Personen mit eben dem Blindleitsystem am Zebrastreifen und an Bushaltestellen. Hier mal ein bisschen die geplanten Phasen, grundsätzlich soll der Kanal als Erstes erneuert werden in der Rue de la Libération beginnend bis hin in die Route de Zoufftgen. Im Anschluss daran wird die Straße und der Trottoir in der Route de Zoufftgen erneuert. Daraufhin wird dann wieder links hier im Bild immer einseitig die Straße und der Trottoir erneuert, sodass der Verkehr immer einseitig fahren kann, also einspurig in eine Richtung. Die „Installation de chantier“ wird auf dem Parkplatz der Schule sich befinden. Hier einmal Vorschläge zu einer möglichen Umleitung, grundsätzlich soll probiert werden die Autos großräumig, um die Baustelle umzuleiten. Wir haben uns auch schon mal ein bisschen Gedanken gemacht über eine provisorische Umleitung, das aber muss im weiteren Verlauf detaillierter geklärt werden, aber grundsätzlich ist geplant die Rue du Commerce immer einseitig offenzulassen. Während der Kanalarbeiten im Kreuzungsbereich muss dann auch mal diese Kreuzung gelegentlich gesperrt werden, dann wird eben auch der Verkehr großräumig umgeleitet. Hier beim Anschluss an das Bachprofil muss eben auch hier kurzzeitig gesperrt werden, aber grundsätzlich soll eine Fahrtrichtung immer offen bleiben. Während der Kanalarbeiten in diesem Bereich sollen die Fußgänger linker Hand laufen können. In der Mitte der Straße wird dann der Kanal erneuert und rechts teilweise über dem Gehweg sollen dann Autos und LKW's und Busse fahren können. Die Route de Zoufftgen muss eventuell komplett gesperrt werden da eben hier der Regenwasserkanal in der Mitte der Straße liegt, sodass dort vermutlich keine Autos in der Zeit fahren können. Dort wird, aber noch einmal mit der Gemeinde geschaut wie dann die Umleitung aussehen kann. Es gibt auch einige Kanal Traversen. Dafür muss die Straße an Wochenenden oder nachts kurzzeitig gesperrt werden. Während der Arbeiten am Trottoir und der Straße wird dann eben immer einseitig gearbeitet, sodass sowohl Fußgänger als auch der Verkehr immer in eine Richtung fahren kann. Hier noch einmal eine mögliche Umleitung während der Phase wo am Place Kinnen und in der Vitesse 30 gebaut wird, also ein Richtungsverkehr soll erhalten bleiben? Beim Place Kinn wird auch schon gearbeitet während auf der Rue du Commerce noch gebaut wird. Hier der Bereich soll eben erst von den Arbeiten betroffen sein, wenn die Rue du Commerce schon in beiden Richtungen befahrbar ist.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Also Froe ginn et bestëmmt, villmools Merci fir d'Presentatioun. D'Objektiv war et haut lech déi zwee Projeten ze presentéieren, well par Rapport zu der Zäitschinn och de Volet Zoufftgen, wou jo och Ponts et Chaussées de Lead hunn a mer dru sinn, e Projet en tant que tel, deen och scho beim Minister läit an der Ënnerschrëft – dat hunn mir matgedeelt kritt, sou dass d'Prozedure kënnen ulafen vun enger Ausschreiwung an den nächsten Méint, fir dann och ebenfalls am Hierscht kënnen mat den Aarbechten unzeefänken. Dofir wollten mir haut iech hei et presentéieren. Et ass och natierlech mat der Envergures deen de Projet och huet, dat mir kënnen och hei den Aval kréien vum Gemengerot. D'Diskussioun ass op zu deenen zwou Präsentatiounen. Ech mengen, dofir si mir hei. Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci Här Buergermeeschter. Merci iech alleguete fir déi flott Presentatioun. Zu der Place Kinnen: Bon, d'CSV steet ëmmer nach voll a ganz hannert dem Projet Shared Space. Mir fannen dat eng ganz flott Saach, och wéi dee kleng Buer versat gëtt a wéi dat Waasserspill ass – ech hunn meng Kannerdokteschpraxis just virun dem Buer do. Ech menge meng Clienten, déi wäerte begeeschtert sinn. D'Eltere vläicht manner, mee dat gëtt op jiddefalls eng ganz flott Saach. Ech hunn do just eng prinzipiell Fro: Dir hat jo gesot gehat mat der Kierch, déi ass jo klasséiert, do ware jo Uleies komm vu Leit: Wéi ass dat mat der Trap? Déi ass, mengen ech, net historiesch esou wéi si ëmmer war, op een do en Accès ka maachen, fir dass een eng Ramp ka maache fir Leit mat enger Behënnerung oder mat enger Géibehënnerung, well do ass e Lift, awer dat ass ëmmer ganz komplizéiert, well en ugesacht muss ginn. Den Accès an d'Kierch ass net ëmmer garantéiert fir Leit mat enger Mobilitéitsreduktioun. Do vläicht eng Iddi, wéi dir lech dat virstellt?

Dann hunn ech zu dem Projet Frantz Kinnen eng Fro. Mir hunn elo hei 750.000€ Dépenses extraordinaires fir 2020 virgesinn. De ganze Projet ass 4,77 Milliounen. De Nico huet elo grad erkläert wisou verschidde Saache méi deier ginn, mee mir hunn e grouse Problem wa mir kucke wéi d'Präisentwécklung ass vun dem ganze Shared Space. Mir hatten am Ufank ganz fréier Mol eng Kéier, wou du fir d'Eischt eng Kéier hei waars, wéi mer iwwert de Projet geschwat hunn, do huet et geheescht, de ganze Shared Space, dee kascht eis 6 Milliounen. D'Realitéit huet eis jo natierlech batter ageholl. Mir hatten nach am leschte Gemengerot missen novotéiere fir d'Phase 1 an 2. Do war fir d'Eischt eng Devis gewiescht vun 3,5 Milliounen an dann huet et geheescht 5,4 Milliounen. An um Endeffekt hunn mir elo an der Phase 1 an 2 Shared Space 7,05 Milliounen ausginn. Dann ass d'Reamenagement vun der Rue Dominique Lang mat 1,7 Milliounen



dann dobäi komm. Dat war am Ufank net virgesinn, dat ass sënnvoll. Mee trotzdeem hunn mir awer fonnt, dat déi Präisexplosioun enorm war an dofir hunn mir eis och do bei dem Devis enthalten. Elo kënnt déi Place Kinnen nach dobäi. Dat heescht mir si bei 7 Milliounen plus 1,7 plus 4,7 Milliounen. Da komme mer op 13,5 Milliounen. Dat muss een sech trotzdeem eng Kéier op der Zong zergoe loossen. 13,5 Milliounen fir e Shared Space. Och wann ee kuckt, réng den Amenagement vum Shared Space an de Budgeten, do si mir am Plaz vun deene 6 Milliounen elo bei 9 Milliounen. Sécher hutt Dir eis ëmmer erkläert „Jo, et sinn Imprevuen do“, mee ech hunn e bësschen nogekuckt, als Beispill just, wéi déi Präisexplosioun awer sinn. Den Eclairage public zum Beispill – dat ass och elo am Zësummenhang mam Amenagement vun der Ruedu Commerce an der Rue de la Libération – den Eclairage public, do hate mir zum Beispill fir eben de Croisement, fir den Areal, hate mir den 9. Februar 2018 – mir schwätze lo net vu virun 10 Joer, mee virun zwee Joer – hate mer do zum Beispill en Devis vun 10.000€ an elo steet hei en Devis vun 235.000€.

D'Material war den 09.02.2018 war ugi mat 2.500€ an elo steet do Material 69.000€. Bei der Place Kinnen, do hu mir och Eclairage public a Sonorisatioun 495.000€, Material 180.000€. Dat si schonn Zommen déi ee muss och eng Kéier ausernee plécken, firwat dat esou ass. Idem beim Shared Space 1 an 2 – ech schwätzen nach ëmmer vu Eclairage public a Sonorisatioun. Do ass d'Material 323.000€ an do komme mir op en totale Präis vun 727.000€ just fir d'Sonorisatioun an Eclairage, Dominique Lang idem. Dat heescht insgesamt fir de ganze Croisement Place Kinnen, Shared Space an Dominique Lang komme mir op e Präis fir den Eclairage public vun 1,4 Milliounen, dovunner e Material vun 772.000€. Also Dir musst eis awer e bësschen erklären, wou déi extrem Hausse och hirkënnt a wéi mir dat sollen dann de Leit dobaussen och verkafen. Et si jo awer immens vill Sue fir esou e klengt Areal. Dat ass net evident. En plus fannen ech, grad elo fir den Devis, dee mir nostëmme mussen fir de Croisement, do sinn zum Beispill Saachen am Devis vun 2018 – wéi gesot, do schwätze mir net vu virun 10 Joer – do stinn dann am alen Devis, do hate mir Travaux préliminaires mat awer 50.000€ an elo komme mir hei op en Devis vun 119.000€. Dat ass jo awer méi wéi dat Duebelt. Dofir meng Fro: Hu mir schlecht geplangt? Hu mir schlecht kontrolléiert oder firwat kënnt et ëmmer zu deene Präisexplosiounen? Dat ass och en Appell, deen ech un de Schännerot maachen, wat ech och scho lescht Kéier gesot hunn. Et sinn awer ëffentlech Gelder a mir mussen dat awer och e bëssche méi rigouréis kontrolléieren. Ech fannen och ëmmer e bësschen eng Diskrepanz, wann ech déi Zuelen zesummen zielen op deenen eenzelnen Devisen, da kommen ech op e komplett anere Chiffer, wéi hei bei den Devis estimatifen, déi mir dann hei an den

Zifferen hunn.

Da wollt ech och awer nach vun der Route de Zoufftgen an sou weider schwätzen. Hei steet, dass et net virgesi war fir eng Regenwasserleitung – hei steet: „Initialement non-prévu“, et ass eng „planification et l'aménagement du réseau de la canalisation séparée pour les eaux pluviales initialement non-prévu.“ Do hate mir awer am Gemengerot am Februar 2018 explizitt nogefrot, mee do huet et awer scho geheescht „dach, mir maachen op der Ruede Zoufftgen bis virun d'Rue de l'Ecole eng nei Ree-wasserachs“. Dat heescht dann ass et net richtig fir mech dat hei geschriwwen hunn, dass mir dat net virgesinn haten. Ech denken, et muss een awer och wann een dem Ministère e Bréif gëtt, muss een dat dann och scho richtig schreiwen. Bon, wéi gesot, mir si mam Projet virun der Kierch an der Place Kinnen si mir ganz avers-tanen. Mir sinn awer entsat iwwe déi Explosioun vum Präis vum Croisement wou mir wierklech en demesuréierten Devis musse stëmme vu 4,9 Milliounen an et waren 1,295 Milliounen virgesinn. Ech schwätze vu virun 2 Joer an do muss Dir mir awer erkläre wéi déi 300 prozenteg Steigerung vun deene Fraisen hierkommen.

Dann kuerz zwou Froen: de Phasage hutt Dir eis erkläert. Mir hunn elo hei geschléckt wann et heescht „d'Route de Zoufftgen gëtt eng Kéier gespaart“. Do ass awer d'Fro: Wéi laang dat soll sinn, well dat gëtt e bësschen dramatesch hei zu Diddeleng, well dat eng vun den Hauptachsen ass. Mir haten och ze bedenke gi mam Verkéiersfloss. Dir hat déi lescht Kéier de Februar 2018 gesot, dat dir eng Etüd gemaach hutt 2012 mam Verkéiersfloss vun 2012 op 2020. De Buergermeeschter kann d'Ziffere vläicht soen, wéi vill nei Awunner mir op Diddeleng kritt hunn. Ech weess net ob Dir vun der Strooss erofkomm sidd zu normalen Zäiten oder wann Dir wëllt owes an Diddeleng erakommen, do ass et sécher dee Verkéiersfloss, deen Dir eis deemools virgerechent hat extrem optimistesches. Entweder ass deen an Congé collectif Zäiten oder ech weess net wéini Dir do gemooss hutt, mee awer net an deenen normalen Aarbechtszäiten. Ech denken dat gëtt nach e grouse Problem an ech hoffen dat mir eis do net verrechnen an dat et net e onméigleche Stau a Réckstau gëtt. Sécher soe mir ëmmer mir initiéieren d'Leit fir op den ëffentlechen Transport ze kommen oder méi ze Fouss ze goen oder mam Vëlo – dat ass jo alles schéin a gutt. Och den ëffentlechen Transport, deen huet seng Grenzen a grad hei zu Diddeleng wësse mir dat mir do – il y a du pain sur la planche – an do musse mir kucken dat mir dee vill méi attraktiv gëtt, soss gëtt dat awer Näischt.

Dann hunn ech nach d'Fro: Wéi laang dauert dee Chantier an deem klengen Deel vun der Route de Zoufftgen erof an d'Ruedu Commerce, well och do si Geschäftsleit,



do si Leit déi hunn Terrasse virun der Dir, déi sinn och natierlech hei beträff. An dann ass meng Fro och dee Foussgängeriwierwee vun der Place Kinnen eriwuer an der Rue du Commerce: Gëtt deen no uewe versat – ech hat gemengt dee wier e bësschen eropgeréckelt, oder bléift en op der selwechter Plaz? Gëtt dat mat Luuchte gereegelt oder wéi soll dat sinn? An dann hat den Här Gangler bei der leschter Diskussioun 2018 gefrot gehat ob et net och sënnavoll wier, fir d'Rue de l'Etang dann och elo schonn definitiv an déi aner Richtung de Verkéiersfloss ze maachen, vu dat mir d'Leit elo iwwer de Shared Space drainéiere – d'Autoen elo – fir dann erop duerch d'Rue Jean Jaurès, ob een dann net elo scho kéint de Verkéiersfloss an der Rue de l'Etang do weider Richtung Match an déi aner Richtung drainéieren. Voilà, dat waren e puer Remarken a puer Froen. Wéi gesot, e puer Explikatiounen zu de Präisexplosiounen wieren awer villäicht ganz ubruecht. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci der Madamm Kayser. Nach weider Stellungnamen? Madamm Goergen.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Jo, also eigentlech keng Stellungnam, dat wäert d'Madamm Heinen maache fir eis. Ech wollt am Numm vun deene Gréngen och Merci soe fir d'Presentatioun. Si war wéi ëmmer ganz iwwerzeugend, mee Dir wësst, dat mir par Rapport zum Shared Space ëmmer méi skeptesch sinn an dofir och eng wesentlich Fro hunn. Dir hutt eng Verbindungsstrooss bestoe gelooss tëschent der Rue du Commerce an der Rue Jean Jaurès virun der Kierch. Et ass och virgesinn dat do an zwou Richtunge soll gefuer ginn, woumat de Verkéier berouegt soll ginn an op Tempo 20 erofgesat ginn. Ass awer envisagéiert ginn, dee Wee vun der Richtung Rue du Commerce Richtung Jean Jaurès zou ze maachen? An mat wéi engen Argumenter ass déi Variant verworf ginn? An dann och ëmgekéiert wollte mir och wëssen, firwat dann déi aner Richtung net zougemaach ginn ass. Dat heescht grosso modo: Firwat bleift do awer nach déi Verbindungsstrooss virun der Kierch bestoen a firwat sidd Dir net esou wäit gaange fir ze soen: „mir maachen dat ganz autofräi“? Also mir wollten einfach d'Argumenter wësse fir do nach Verkéier bestoen ze loossen an déi Verbindungsstrooss an deenen zwou Richtungen. Ok, Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci der Madamm Goergen. Weider Stellungnamen? Madamm Duval.

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Der exzellent Stellungnam vun der Madamm Kayser ass näischt bäizefügen. Ech hunn just zwou Detailfroen: Et ass eis erkläert gi vun deenen zwee

Waasserpunkten, wat sécherlech ganz flott ass fir Liewen dohinner ze bréngen an dat Ganzt och ze beliewen. Ech hat do allerdéngs och eng Fro wat d'Sécherheet ubelaangt par Rapport zu de Kanner. Dat Waasser zitt bekanntlech d'Kanner un. Et héiert ee vill Kommentare vun der Plaz am Duerf, wou dee Waasser-Areal do ass, dass verschidde Leit sech och Suerge wéinst de kleng Kanner, well dat huet och eng gewëssen Déift, wat d'Sécherheet ubelaangt, wéi gesot, vun deenen Plage Stoen do. Wann ech do kéint zousätzlech Explikatiounen kréien. A meng zweet Fro betrëfft den Phasage, also d'Koordinatioun vun den techneschen Aarbechten vun deenen eenzelnen technesche Partner wéi d'Post, Creos an sou weider. Ass et virgesinn dat déi och zäitlech koordinéiert virginn. Net – dat kenne mir jo vun anere Plazen – deen ee mécht d'Lach zou, deen anere kënnt et rëm opmaan. Dat wier jo natierlech an deem Fall net ganz sënnavoll. Do wier ech frou och eng Explikatioun ze kréien. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Madamm Andrich. Herr Glesener.

HENRI GLESENER (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Ech beschränke mech elo just op eng kleng Remark an eng Fro. Iwwert de Gesamtprojet géing ech gären dono d'Wuert froen. Ech begrësse par Conter ganz staark dat de Reewasserkanal an deem ganzen Areal „Niddeschgaass“ elo geluecht gëtt an och esou ugeschloss gëtt wéi et do ass. Niddeschgaass ass bekanntlech den déifste Punkt vun Diddeleng. An a mengem fréiere Liewen am Zenter vun Diddeleng, war dat méi wéi ee mol eist Suergekand all Kéiers wann et e bëssche méi gereent huet. Ech hoffen dat mir doduerch dee Problem dann elo vill besser an de Grëff kréien, wéi mir dat deemools haten. Eng kléng Detailfro zum Amenagement. Ech weess, dass eis Geschäftsleit an och all aner Leit, déi iergendeng Manifestatioun – ech schwätzen elo vu Braderie, Fête de la Musique an esou weider – am Shared Space an op deene neie Plazen déi mer lo wäert amenagéieren, ëmmer rëm op de selwechte Problem gestouss sinn: Dass se riseg Verlängerungen hu misse leeën, fir Energie op den eenzele Plazen ze kréien, genau sou wéi Waasser an Elektesch. Sinn am neie System vill der Punkten déi vläicht, wann si net gebrauch, ginn am Buedem verstoppt? Vläch dozou e puer Detailer, well et interesséiert e ganze Pack Leit. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Här Glesener. Nach weider Stellungnamen? Madamm Heinen, jo.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Ech hunn eng Fro. An der Rue du Commerce, also net an der Place Kinnen mee wou d'Zouffterstrooss erofkënnt an der Rue du Commerce. Den Trottoir, ass do elo och fir d'Vëlosfuerer



geduecht oder ass dat just e Foussgängertrottoir?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci fir déi dote Fro. Nach weider Froen? Dat ass net de Fall. Dann géing ech mol d'Wuert weider ginn un d'Vertrieder vum Architektbüro a vu Schroeder et Associés fir eng ganz Rei techesch Froen déi gestalt goufen.

NICO STEINMETZ (STEINMETZDEMEYER): Jo also verschidde Froe kann ech drop agoen. Ech mengen déi éischt dat ass d'Trap virun der Kierch. Do ware mir d'ailleurs mam Site des Monuments, déi hu sech dat och ugekuckt. Si wëllen dat verdéiwe fir ze kucke wéi wäit ass déi Trap an déi Mauer déi donieft ass, déi originell oder net. Si maachen och do hir Analysen, also do decidéiere mir net eleng. Et ass wierklech deen Iwwergangspunkt. D'Kierch ass protegéiert. D'Trap gehéiert am Prinzip dobäi. D'Plaz ass net protegéiert, mee si kënn awer un d'Kierch, dat heescht si huet eppes zur Plaz bäizedroen. Mee d'Trapen op alle Fall, do sinn si ganz domat betraff. Fir do ze kucken, ech mengen et ass e Message, deen ech hinnen och ka weiderginn. Wéi kënne mir am Bestand kucken, den Accès fir PMRen awer méi effikass an agreabel ze maachen, wéi do mussen – wann ech richteg verstanen hunn – virum Lift waarden an da muss ee kommen, deen dat umécht. (Tëscheruff: Et muss ee vu banne kommen. A wa keen do ass, dann ass dat e bësse blöd). Ech mengen, dat ass e Message, deen huele mer weider an kucken, wat d'Méiglechkeete sinn.

Zur Saach zum Trafic an déi zwou Richtungen, do ass vläicht och mat Schroeder an Associés fir herno nach eng Kéier ze kucken. Et ass ganz kloer: Mir hunn en Trafic, deen aus der Niddeschgaass kënnt, och vun de Livraisons, dee relativ wichteg ass. Et sinn och End User, also Awunner, déi duerch d'Niddeschgaass fueren, fir bei sech awer och Heem ze kommen. Ech mengen, dat ass de ganze Prinzip vum Shared Space: Dat d'Stad net eng monofunktionnel-kommerziell Stad gëtt, wann si nëmmen Zone piétonne ass. Dann ass iergendwéi eng Flucht vun den Awunner do. Eben den Equiliber ze hale vun allen Usageren vum öffentleche Raum. An eiser haiteger Gesellschaft ass den Auto en Deel vun eisem alldiegleche Liewen an deen elo net komplett exclu ze maachen, mee säin Impakt erfzesetzen, seng Vitesse erfzesetzen, seng Presenz erfzesetzen. De Foussgänger an de Cyclist hunn d'Prioritéit. Am Fong geholl ass dat d'Philosophie vun deem Ganzen. Den Ofschreckungseffekt zum Auto gëtt jo elo nach gesteigert wann déi Borne bis dohi kënnt, dat si net méi kennen aus der Niddeschgaass weider fuere bis bei d'Gemeng. Et gëtt alles esou gesteiert dat deen Trafic ofhëlt, mee mir wëllen en net ausschléissen. Wéi gesot, dat ass ee vun eisen Usagë vun Al-leguerten an aus eisem alldiegleche Liewen a mir wëllen do keng Exklusivitéit maachen, well ee gesäit, dat ze vill an

d'Extrem goen huet och aner extrem Resultater – dat esou Foussgängerzonen no 5-6 Auer dout si ganz oft. Et ass eng vun de Philosophien, déi mir wëlle weiderhuelen. An ech mengen, dee Gedanken ass och gaangen ebe fir an d'Rue Jean Jaurès weider: Wann mir et net opmaachen, da si vill Leit, déi di ganze Boucle maachen an duerch d'Niddeschgaass fueren si vun do an d'Rue Jean Jaurès. Dat heescht, do generéiere mir dann e supplémentären Trafic an der Niddeschgaass, fir déi déi mir awer kéinten dann um kierzeste Wee an d'Rue Jean Jaurès loossen an déi mir dann net méi an der Niddeschgaass hunn. Dat ass en Equilibrage deen eben och mat der Circulation diskutéiert ginn ass: Wat mécht Sënn a wéi kreéiere mir net en supplémentären Trafic op Plaze wou mir kee wëllen. Dann ass och geschwat ginn, dat den Deel virun der Kierch och de Weekend zum Beispill kann zougemaach gi wann eng gréisser Manifestatioun ass oder sou. Dat si Saachen, dat steiert sech och en Fonction vun den Deeg oder vun Evenementer déi sinn.

D'Sécuritéit fir d'Kanner zum Waasser – do si mir mat dem Bassin de rétention d'eau pluvialen, dee mir jo hunn um Enn vun der Plaz am Duerf, si mir an de Richtlinnen an Norme vum Ministère de l'Environnement an zu der Sécherheet zu de Kanner. De Bassin de rétention d'eau pluvialen, wéi mir si iwwerall maachen haut, déi kenne bis 50cm déif goen an dat ass als Solches akzeptéiert ouni Gelänner an ouni Sécherheet. Voilà. An där Hisiicht ass dat eng Richtlinn. Wann do Sécherheetsproblemer wieren an all déi Bassin d'eauen missten iergendswéi mat Gelännere bestéckt ginn, dat wier dat och grausam. Ech mengen, mir hunn säit éiweg mat Waasser ronderëm eis gelieft, mat Baachen, mat Flëss, déi kee Gelänner haten, wou d'Kanner och ee Moment musse responsabiliséiert ginn an d'Elteren si och begleeden. Hei ass kee Floss, dat ass e Waasser wat steet, bon. Ech mengen et ass bis elo nach näischt geschitt an ech hoffen dat och nach näischt geschitt. Déi déi mir op der Plaz maachen, déi sinn natierlech guer net esou déif. Do hunn mir just e Filet um Buedem vun 1-2cm. Ech mengen, do erdrénkt eis keen dran an dann dee Pull, wéi ech en nennen, dee mir maachen, do wäerte mir och 20cm maximum Waasser dran hunn. Also dat ass wesentlech manner Gefor a manner déif. Wéi gesot, mir sinn do an allen Sécherheetsrichtlinnen. Vläch dann nach zu den Alimentatiounen. Dat musse mir kucken, wéi vill mir dann elo op der Plaz hunn a wou mir si maachen, mee tatsächlech ass dat och en Deel, dee wichteg ass a message reçu an dat kucke mir nach eng Kéier duerch.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Herr Steinmetz. Ech géif dann hei de Kollege vu Schroeder an Associés d'Wuert weider ginn.



TOM STEICHEN (SCHROEDER & ASSOCIÉS): Zu der Rue du Commerce, do wëll ech soen dass de Projet, deen ursprénglech ass, wou mat der Ponts et Chaussées ausgeschafft ginn ass. Si waren ursprénglech a sinn nach ëmmer de Bauhär vum Projet. Si leeden dat Ganzt, si ginn domat an d'Soumissioun, an d'Gemeng geet mat an d'Soumissioun, wat deen Deel Ruedu Commerce ugeet. Et ass ëmmer esou wann eng Ponts et Chaussées an engem Projet mat drop ass, dat si de Leader sinn. Si maachen de ganzen Deel dovunner. De Projet selwer ass 2014-15 ausgeschafft gi mat der Ponts et Chaussées. D'Gemeng hat deemools Wëlles, verschidde Plazen, verschidden Deeler vum Trottoir, also vun de Säiteberäicher ... Mir weisen iech lo eng Kéier eng Folie vum Projet. Dat ass de Projet, wéi en am Fong 2015 war, wéi och den Devis vum 2018 op där Basis virbereet ginn ass. Do gesäit een, do sinn net all Säite vun der Strooss, vun der Ruedu Commerce, déi ugepaakt sollte ginn. Wann een elo op déi nächst Folie geet, do gesäit een de Projet wéi haut. Also schaffe mer ganz kloer vun 2 Säiten, vun der Ruedu Commerce an den Trottoir an och an deene Gemengendeeler, déi do ugepaakt ginn. Do gesäit een am Fong eng Kéier, wat ass elo dobäi komm an all deene Joren dotëscht. Ok, et sinn der net vill, mee et ass awer eppes bäikomm, nämlech et ass nach eng Kéier gekuckt gi mat de Reseauen. Wat maache mir elo trotzdem trotz dëser Aarbecht un Reseauen nei, wat ursprénglech net geduecht war? Sou dass sech am Endeffekt ass déi ganz Surface, wou agegraff gëtt, zu 150% vergréissert. Am Projet 2015 waren et just 1600 Metercarré Gemeengefläch. Wéi gesot, d'Stroossefläch, dat ass jo Ponts et Chaussées mat der Bordür inklusiv, wou vun deenen 1600 Metercarré op 4000 Metercarré eropgaangen ass. Et gesäit een de rouden Deel zum Beispill – do sollt guer net do ugepaakt ginn. De bloen Deel, wat wierklech vill Metercarré sinn, do soll net ugepaakt ginn, och d'Kräizung an der Route de Zoufftgen uewen sollt nach mat frësch gemaach ginn. Alles dat féiert dozou, dass natierlech de Projet u sech méi grouss gëtt. Dat zum Amenagement.

Dat nämmelecht ass dann och mat der Reewaasserachs, déi zu 100% mat erakomm ass an de Projet. Dat mécht nach 880.000€ aus vun deem Ganzen. Doropshin dat d'Reewaasserachs mat dobäi komm ass, huet missen en Deel vun der Schmotzwaasserkanalisatioun geännert ginn, domat sech déi zwou Kanalisatioun am Kräizungsberäich vun der Ruede la Libération mat der Rue du Commerce och kënne Kräizen. Soss wäire mir net mat der Enger iwwert déi Anerer komm op engem gewëssenen Niveau un d'Diddelenger Baach kënne unzeschleissen. Déi Aarbechten si mat do dobäi komm. D'Waasserleitung: Do ass natierlech, esou wéi den Trottoir plus 150% gewuess ass, ass natierlech och de Waasserleitungsprojet gewuess. Bei der Gasleitung genau dat nämmelecht an do koom nach eng Kéier eng Mëtteldrock-

leitung mat dobäi, déi ursprénglech och net sollt mat frësch gemaach ginn. Dat heescht do ass de Projet an deem Beräich extrem gewuess.

Et gouf och dann dat ugeschwat vum Eclairage public. Jo, dat ass ganzer 1850% gewuess deen Deel. Dat kënnt einfach doduerch, dat den Devis 2018 just eenzel Schief mat virgesi waren, déi erneiert solle ginn. Bis dohi war och nach op nationaler Eeben net forcement decidéiert, dat Zebrastreifen och sollen an Zukunft an all d'Fuerrichtung solle beliicht ginn. Déi Beliichtung fält awer zu de Laaschte vun der Gemeng. Et ass egal, ob et eng Nationalstrooss oder en CR ass, déi gëtt net vun der Ponts et Chaussées gedroen. D'Ponts et Chaussées iwwerhuele käschteméisseg just d'rout Luuchtenanlag. Dat kënnt natierlech dann dozou, dat vun deenen och mëttlerweil méi Zebrastreifen, wéi am Projet 2015 ugeduecht sinn. Vun deenen 10 Zebrastreife sinn dee Moment da 7 Stéck, déi op Käschte vun der Gemeng musse beliicht ginn. Doduerch ass deen enorm héische Prozentundeel do derbäikomm fir d'Beliichtung. Dobäi kënnt och nach d'Sonorisatioun. Am Ufank war en net virgesinn an der Ruedu Commerce, eng Strooss am Fong, wou keng gréisser Aktivitéit ass, mee wou d'Leit awer méi Trottoir notze fir vun A op B ze kommen. Et war net ugeduecht, d'Sonorisatioun mat dran ze maachen. Op der anerer Säit, wa mir Luuchten dohinner maachen a Pottoe setzen, wier et blöd, net dovun ze profitéiere fir eng Sonorisatioun do ze installéieren. Genau dat nämmelecht dann och fir de WiFi. De WiFi hunn mir am Shared Space an d'Gemeng ass awer och elo op de Wee gaangen, fir nach méi groussraimeg WiFi unzebidden, wat natierlech dem Awunner vun der Gemeng Diddeleng dann och ze gutt kennt.

Wat weiderhin dann och nach eng Kéier Präisser mat sech bréngt, ech mengen dat hate mir och schonn an der Reunion vun Dezember gesot: Präisser sinn déi lescht Zäit extrem gewuess. Et war jo och d'Fro vun den Travaux préliminaires, firwat déi esou an d'Luucht gaange sinn. Mir hunn eis elo op den heiten Devisen op der Soumissioun vum Shared Space vun der aktueller Phase, déi elo stattfënnt, orientéiert. Do sinn Travaux préliminaires extrem an d'Luucht gaangen, well einfach den Entrepreneur engersäits sech vill Sue bezuele léisst fir verschidden Aarbechten. Op der anerer Säit war jo och do d'Demande komm vum Gemengerot, vun den Awunner, vun der Gemeng Diddeleng, fir nach méi Sécherheet an de Projet eranzebréngen. Et ass halt leider esou, dat léisst sech iergendeen bezuelen, an dësem Fall dann den Entrepreneur. Dofir hunn mir och an dësen Devisen do drastesch eropgeschrauft. D'Hoffnung ass dann dat villäicht an der nächster Soumissioun den Entrepreneur sech anescht entscheet, mee mir wëllen awer préparéiert sinn drop, an dofir dann och déi Suen déi mir



dann och do virgesinn hunn. Ech hoffen, dat ech budgetär konnt eng Äntwert ginn.

Dann hate mir den Trafic an der Rue de Zouffgen ugeschwat. Natierlech gëtt do an der Chantiersphase mam Entrepreneur zesumme gekuckt, ob et net eng Alternativ fonnt gëtt fir den Trafic eesäiteg lafen ze loossen. Mee mir wësse schonn dat haut d'Strooss zimmlech knapp ass. D'Fro koum op, ob do herno eng Vélospiste do ass, also de Vélo kann och mat iwwert en Trottoir fueren. Dat ass mat der Breet déi haut do ass – mir sinn do leider tëscht de Fassadë gebonne – ass et net méiglech, do e Vélo duerchfueren ze loossen. Dat spigelt sech natierlech och um Chantier zréck. Well et enk ass, ass et eventuell ze riskant, fir do den Trafic duerchlafen ze loossen. Mee alles dat gëtt an nächster Zäit driwwer diskutéiert ginn. Mir wäerten déi Froen och mat weider huelen an déi nächst Besprechungen. Mee och zum Schluss wäert mam Entrepreneur gekuckt ginn, wat hie bereet ass ze maachen, well hien dréit jo och eng gewëss Verantwortung do mat. A wann hie seet: „Nee, dat ass mir ze riskant, fir do just mat kalifornescher Mauer nieft engem Gruef ze schaffen, deen extrem déif ass“, da musse mir do Alternative fannen. Natierlech maache mir eis d'Weeër net méi schwéier wéi et muss sinn. Mir wäerte schonn do probéieren, eng propper Léisung ze fannen. Ech hoffen, ech hunn dorobber och dann (geäntwert). Fir déi Kanalarbechten u sech wier ee Mount +/- ugesat, fir déi Reewaasserachs. Fir d'Sanéierungsarbechte bei engem ronne Profil, déi maachen si komplett duerch de Kanaldeckel, dat heescht et wäert punktuell do eng kleng Anengung ginn. Dat kann een eventuell esou geréieren, dat et net zu Spëtzenzäiten da stattfënnt, oder dat op Plaze rageklomme gëtt, wou dann eng punktuell Deviation méiglech ass. Dee Moment wou d'Trottoire gemaach ginn, misst et awer méiglech sinn, fir definitiv den Trafic an enger Richtung lafen ze loossen.

Da koum d'Fro vum Zebrastreifen, deen do beim englesche Verkéier. Mir haten analyséiert fir deen ze maachen. Ech weisen eng Kéier d'Folie, da kënne mer eng Kéier driwwer kucken. Den Zebrastreife bleift am Fong do, wou en haut ass. Mir haten analyséiert, ob mir en net kënne dohin maachen, mee dann hätte mir iergendwou hei hannen missen himaachen, mee dat wier fir d'Sicht vun den Autofuerer, déi kommen, wier en Zebrastreifen op sou enger Plaz ongëschteg gewiescht. Mir ginn awer dovun aus, dat de Foussgängerverkéier trotzdeem awer an déi Richtung leeft. An en plus, do wou eng Ramp ass soll net direkt den Zebrastreife kommen. Dofir gouf entscheet, dohin ze Zebrastreifen ze setzen.

Da war et dat virun der Kierch, wéi et och scho vum Nico erkläert ginn ass. Et dierf net vergiess ginn, dat herno heihin e Poller soll hikommen, fir kënne z'evitéieren, dat den Trafic halt riicht duerch rennt. Dat heescht, et muss

een iergendwéi kucken, dat och Livraisounscamione ran- an erauskommen. Hei am Eck gëtt et schwéier fir eriwwer ze kommen, dofir wäerten si och kënne esou eriwwerfueren. Natierlech ass jo och déi ganz Iddi vum Shared Space, vun der Ëmgestaltung, deen, dat nëmme nach sollen déi Leit duerch de Shared Space fueren, déi och do eppes verluer hunn. Dat sinn dann halt d'Livreuren oder déi Leit, déi halt vum Parking vun 30 Minutte profitéieren, fir sech ganz kuerz do opzehalen. Den Deel, deen hei, ass och bewusst schmuel gehalen, fir de Leit et net wierklech extrem angeneem ze maache fir do duerchzufueren. Natierlech gëtt et esou dimensionéiert, dat Busser sech kënne kräizen, mee et soll onangeneem sinn, domat wierklech nëmme déi Leit an de Shared Space erafueren, déi och eppes do verluer hunn. profitéieren fir sech ganz kuerz do opzehalen. Den Deel deen hei ass och bewusst schmuel gehal fir de Leit et net wierklech extrem angeneem ze maachen fir do duerchzufueren. Natierlech gëtt et esou dimensionéiert dat Busser kenne sech kräizen, mee et soll onangeneem sinn domat wierklech nëmme déi Leit an den Shared Space, déi och eppes do verluer hunn.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech hunn do nach eng kleng Zousazfro: Déi Bordüre laanscht d'Beem, dat ass jo dann do wou déi dräi Kräizer sinn, di Gro déngen do, dat ass jo sou geduecht, dass net en Auto kann, wat weess ech, awer derapéieren an dann op d'Place Kinnen eriwwer kommen. Do bleift jo dann déi kleng Bordüre mat de Beem oder wéi ?

TOM STEICHEN (SCHROEDER & ASSOCIÉS): Wou mengt Dir? Do?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Nee, dee groe Stréch. Jo, do dat, genau dat, jo. Bleift da lénks a riets eng Bordüren oder wéi hunn ech dat vers-tane mat deene Beem Bordüren do?

NICO STEINMETZ (STEINMETZDEMEYER): Also d'Bordüren, déi mir behalen, déi sinn op der Diagonal vum Engleschen Trafic. Voilà, dat sinn déi Diagonal, déi musse mer behalen. Dat hei, dat ass just eng kleng Insertioun um Niveau de plein pied, wou just eng kleng Linn am Buedem ass. Dat wat awer méi visuell wichteg ass, dat sinn sou Parterre vu Planzen. Dat do, dat ass e Massiv. Deen ass eppes 602m héich. Dat ass sou, do hu mer nees e Parterre, do hu mer nees e Parterre. Mir hunn am Fong elo mat Luuchtpottoen, Parterren, Bänken etc. setze mer Elementer dohin, déi à priori net aus dem Traficsecteur kommen, signalétique mee déi Planze sinn, Belichtung, Sätzgeleeënheeten, déi am Fong geholl dann den Automobilist an enger gewëssener Zone halen, ouni nach eng Linn dohin ze setzen. Dat ass meng Zone eleng, an all déi Diagonalen déi hei duerchginn, et sinn och



Riichter déi duerchginn, voilà, déi ginn an d'Géigerrichtung vum Trafic. Dat sinn Ecoulementer vum Waasser, dat si grafesch Linnen, déi am Fong den Automobilisten erëm eng Kéier dodrun erënnert, datt en am Fong net kann doduerch rennen.

TOM STEICHEN (SCHROEDER & ASSOCIÉS): Also am Endeffekt gëtt et esou gestallt, wéi och Uewe bei der Rue Dominique Lang, also erëm déi nämmelecht Situatioun, wou op de Plateau erop gefuer gëtt, wou mer dann och – hei, do gesäit een eng ganz mini kleng Ramp, déi wäert herno och bal net opfalen – mir hunn an dem Beräich vun der Vitesse 30, musse mer eng 3cm Bordüren hunn. De Shared Space huet keng, also musse mer iergendwou déi 3cm gewannen. Déi wäert am Beräich virun der Kierch stattfannen. Dir gesitt och hei – den „Trompett“ nenne mir dat ëmmer – wou een erafiert. Déi ass zimmlech breet. Mir hunn awer do eng Plaz mat enger bësse méi donkeler Surface. Dat ass fir wann de Bus oder ee bësse méi grouse Camion – mir musse jo ëmmer, et dierf een net vergiessen, et kann awer emol eng Kéier ee grouse Camion mussen do era fueren, well iergendwou eppes, ee Chantier ass, dat musse mer da mat a Betruecht zéien – mee déi Surface do probéiere mer och mat 3cm schonn iwwerhiewe bei der Ponts et Chaussées unzefroen. Ob mer elo den Accord do kréie fir déi 3cm Bordüren direkt do op den Eck ze maachen, dat gesi mer. Mir probéieren domadder, mir ginn och domadder an déi Fro eran. Wann net, da musse mer se no hannen setzen. Mee et soll schonn och do rëm eng Kéier d'Optik sinn „hei fuer nëmmen eran, wann et muss sinn“, genau.

Sou, do war d'Fro komm mat dem Phasage vun de frieme Concessionnaires, wéi déi um Chantier sech kéinten organiséieren. Also dat géif net aneschtens lafen, wéi et elo an der aktueller Phase. Si sinn alleguer gefrot ginn, ob se géinge matmaachen a verschiddener hate mer, haaptsächlech an der éischter Phase nach eng Kéier derzou gedrängt, dass se solle matmaachen, dass net duerno nach eng Kéier opgemaach gëtt, wou de faarwege Makadam ass. An dann ass gesot ginn, wann iwwerhaapt eng Kéier opgemaach gëtt, da just fir de Makadam z'erneieren an net, dass mer duerno erëm iwwerall rëm flecken hunn. Ganz kloer, si mussen do matmaachen oder se kréien déi nächst Joren ee Refus. Dat war vun der Reewaasserachs.

Ech huelen elo d'Froen esou duerch, wéi se komm sinn. Vun der Reewaasserachs ass geschwat ginn. Dat do ass elo eng éischter Phase vun der Reewaasser, déi geluecht gëtt, bis duerno wou de Chantier ophält an der Rue de Zoufftgen. Dat heescht awer net, dass direkt all dat Waasser wat elo ënnen am Duerf ëmmer fir Problemer gesuergt huet, direkt kann deviéiert ginn. Et ass en Ufank. Iergendwann muss ugefaange ginn. Elo gëtt ugefaangen.

Elo schlësse mer eis un der Diddelenger Baach un a lee schonn een Deel eraus. Un deen Deel gëtt och scho Saachen ugeschloss. Dat heescht, dass och schonn eng gewëssen Entlaaschtung vum Kollektier do, mee et ass net direkt déi 100% Entlaaschtung. Dat wäert dann an deenen nächste Joren a Projeten, déi dann hannendrun hängen, wäert dat matkommen.

Da war ugeschwat gi vun de Geschäftsleit, dass déi Stroum- a Waasseruschlëss gefrot hunn. Och déi Fro war jo och scho fir déi aktuell Bauphase gestallt ginn. Mir hunn dat och duerchgeschwat. Also et sinn eleng an der Bauphasen, déi mer elo hunn, eng zirka zu all Säit iwwert déi Längt – dat sinn 160 Meter – si 6 Schief verdeelt. Dat heescht, et sinn der vill méi, wéi virdrun. Mat de Wasserpunkte gouf och gekuckt. Do sinn all Sortien een oder aneren Hydrant bäikomm. Mir setzen der och nach, esou datt awer verschidden Ueschlëss, Ueschlosspunkten, fir d'Zukunft och do virgesi sinn. Dat nämlech wäert dann och fir d'Place Kinnen gemaach ginn natierlech.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci. Da wollt ech nach dem Tom Schroeder nach d'Wuert gi, dee wollt nach en puer Explikatiounen gi an dann d'Claudia.

TOM STEICHEN (SCHROEDER & ASSOCIÉS): Ech kommen nach eng Kéier zeréck op de Budget vun der Commercestrooss. Do war et esou, datt 2018 effektiv och keng Tempo 30 Zone dran ass. Déi hu mer elo komplett an de Budget mat erageholl. Dat sinn nach eng Kéier gutt 600.000€ an do ass et esou, datt d'Ponts et Chaussées do näischt bäileet. Dat heescht, vu datt mir Demandeur vun der Tempo 30 Zone sinn, musse mir dee komplette Volet do bezuelen, voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Tom. Claudia.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo just ganz kuerz zu der Rue de l'Étang. Ech hat dat bei enger aner Diskussioun scho gesot: Ech konnt mech zwar net erënnere, datt et soll esou laang hier gewiescht sollt sinn. Dir hat virdru gesot 2018. Also mir hunn dat jo schonn eng Kéier gepréift gehat viru Joren an ech hunn och deemools gesot, wann de Shared Space – also elo déi Dealer, wou mer elo am Gaang sinn – wann dat fäerdeg ass, datt mer dat och nach eng Kéier kënne kucke mat Zählungen a mat alles. Mir hunn awer een Haaptproblem an ech mengen, dee kennt dir alleguer. Dat sinn d'Sichtverhältnisse dohannen um Eck, beim Kerzmannhaus. Dat heescht, dat ass emol deen éischte grouse Problem, egal wéi d'Zählungen ausfalen an egal wéi néideg et wär, hu mer do ee ganz grouse Risiko an ee ganz grouse Facteur, deen eis kéint Accidenter schaffen. Dat



heescht, dat ass emol eppes, wat der Saach iwwerhaupt am Wee géif stoen, souguer wann d'Zählunge géife Sënn maachen an et eis och géif hëllefen, misst ee kucken, wéi een dat doten entschäerft an dat ass momentan nach net ginn, well dir wësst, deen Eck gehéiert eis net.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Claudia, ech wollt nach villäicht dann ofschléissen éiert mir op de Vott ofginn. Et sinn nach Stellungnamen? An wann mer elo schonn an den Äntwerten sinn. Ok, ech hat geduecht, dir wiert fäerdeg. Da kënnt Dir gären nach Stellung huelen.

HENRI GLESENER (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Ech denken, d'Stellungname, well d'Froe konzentriert waren, hat ech meng Stellungname méi hannerdrun geréckelt, et ware jo eventuell schon Äntwerten do dran, op déi ech dann hätten kéinten agoen an ech denken, dass et hei niewendrun d'selwecht gaangen ass. Ech well mol fir d'éischt am Numm vun den Diddelenger Sozialiste Merci soe fir d'Presentatiounen, déi excellent sinn an och d'Froen, déi alleguer hei propper beäntwert gi sinn. Ech géif gäre méi allgemeng op d'Positioun vun den Diddelenger Sozialiste betreffend déi zwee Punkten, déi mir elo hei zur Ofstëmmung hunn agoen, an dobäi och op eng ganz Partie iwwergräifend Zesummenhäng hiweisen. Déi zwee Punkten – an dat ass och schonn ugeklongen – sinn en Deel vun engem ganz groussen Projet, deen de ganze Stadkär vun Diddeleng betrëfft an eben och do driwwer eraus. An hei huet an der Vergaangenheet dës Majoritéit ganz kloer hier Verantwortung ëmmer eescht geholl an déi wäert dat och weider esou maachen. Op der Strooss – fir een allgemenge Begrëff ze hunn – geet et natierlech ëm d'Verkëiersberouegungen. Dat ass eis kloer. Awer eben och ëm en ëmdenken. Et geet drëms de Leit ze vermëttelen, datten se verantwortlech matenee sollen ëmgoen a beienee existéiere kënnen an dat maache mer net – an dat ass och hei gesot ginn – dat maache mer net mat stueren Reglementatiounen oder mat totale Verbueter, mee mer probéieren do méi smooth Weeër ze goen. Dat Ëmdenke muss jo mol fir d'éischt bei de Leit ukommen. Dat geet leider net vun haut op muer. Dat musse mer erklären, dat musse mer weisen, dat musse mer virliwen, dat musse mir begleeden. Nëmme esou ass e conviviaalt Zesummeliwen an dëser Stad an do driwwer eraus méiglech. Dat misst eigentlech e logescht Zil fir all Mënsch sinn. An dat genau maache mir hei, zesumme mat allen Verantwortlechen, mat eise City Manager, mat eise Veräiner, mat eise Geschäftsleit, mat eisen Handwierker, mat eisen Institutiounen a Verwaltungen, mat eisen Awunner an net zulescht mat eise Gäscht. Jo, mir wëlle jo, dass Leit vu bausse bei eis op Diddeleng kommen. Se sollen hei schnuppere kommen, se sollen hei konsuméiere kommen, se solle mat eis zesumme schaffe kommen, se sollen awer och kenne

mat eis feieren, sech bei eis ausrouen, sech bei eis wuel fillen an dat flott Liewen an eiser Stad genësse kënnen. Mir sinn eis bewusst, datt dat net einfach ass fir eis Geschäfte, mat der Grande Surface vun der grénger Wiss – komm ech nennen se esou – oder mam online Handel, Schrëtt ze halen. Mir wëssen awer och, dass mir eppes hunn, wat déi net bidde kennen: Mir sinn eng attraktiv Stad, ëmgi mat vill Natur a mir hunn richteg vill ze bidden. Et muss also flott si fir heihin ze kommen an dat wat nach net esou flott ass haut, dat wëlle mir an Zukunft flott maachen. Déi Leit, déi hei wunnen, solle gär hei wunnen an déi, déi geleeëntlech bei eis kommen, musse Loscht kréien a Loscht behalen, fir ëmmer erëm zeréck ze kommen. Mir schaffen drun, - dat zesumme mat eisem City Manager - a mir ginn eis Méi. Mir sichen de Kontakt, de Kontakt mat allen Acteuren, mat de Leit op der Strooss, mat de Cafetier, mat de Restaurateuren, mat de Kënschtler, mat de Museker. Ech hunn der virun ee ganze Koup opgezielt et j'en passe.

Méi wäit ënnen um Ordre du Jour ënner Punkt 4.14 hu mer haut nach esou ee Puzzlestéck, wat et erlaabt, sech an Zukunft méi einfach a méi flott am Stadkär ze treffen an ze begéinen. Fir dat alles ze erreechen, hu mer natierlech ënner anerem déi ganz Verkëiersféierung iwwerduecht. Dat ass, mengen ech, de richtige Wee. Den Auto ass vill manner prioriséiert: Siehe eise Citybus, siehe eis Zone 30, siehe besonnesch eise Shared Space. Mee mir hunn den Auto awer och net einfach verdäiwelt. Och hei geet et drëms uerdentlech mateneen an net just géinteneen ze schaffen. Dass dat net einfach ass an dass dat net jiddereen esou gesäit, dat wësse mir. Awer mir stinn dozou an d'Zukunft, mengen ech, wäert eis Recht ginn. Den Iwwergang vun de Stroossen, wou nach 50 gefuer dierf ginn, an den Agang an d'Shared Spacen, dat dierf net einfach bei engem Strich oder bei engem Schëld geschéien. Dat geet jo net esou einfach an dofir sinn ech och richteg frou, datt mir am Programm virgesinn hunn, fir d'éischt eng Zone 30 virun ze bauen, eng iwwerhéichte Strooss, och wann mer déi sollten ganz eleng musse bezuelen. Dat zielt op deenen zwou Säiten: Souwuel op der Säit vun der Gare, dat Stéck Avenue Grande-Duchesse Charlotte, mat deem Stéck Dominique Lang, vun der Barrière kommend, awer och genau esou dës Säit, wou ee ronderëm oder an de Shared Space erakënnt. Dat ass alles néideg an dat ass och gutt esou. Während der éischter Phase vum Shared Space hu mer alleguer geléiert, dass do nach villes chantiersméisseg net esou richteg gelaf ass. D'Leit hunn hier Suergen, hir Bedenken awer och hiren lenger, hir Onzefriddenheet hei matgedeelt. Mir hunn nogelauschert an doraus geléiert. All déi Verbesserungen, all déi Iwwerleeungen, wéi den Chantier ze gestalten ass, all déi Evolutiounen, all déi méiglech Sécherheitsmoossnamen – Jo, dat ass och gesot ginn – dat gétt et net zu Nulltarif. Mir stinn do



dofir, mir stinn do dohannert, mir huelen eis Verantwortung do an dat léisst sech weisen. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Här Glesener fir seng Stellungnahme. Et mierkt een, dass de 14. Februar haut ass. Dass d'Libeserklärung zur Stad Diddeleng vun engem Gemeindeconseiller mech géif verwonnere wann et net de Fall wier. Dofir setze mer jo hei zesummen. Dofir nach eng Kéier Merci. Eng weider Stellungnahme? Madamm Heinen. Am selwechten Esprit.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Bon... déi Gréng hunn am Januar 2016 géint de Projet Shared Space gestëmmt. Mir hunn eis ëmmer fir eng Foussgängerzone – also mir maachen eng Libeserklärung un d'Foussgängerzone – am Stadzentrum ausgeschwat, an dat ass haut nach ëmmer eis Meenung. Am Allgemenge fanne mir jo, datt de Stadkär een ëffentleche Raum ass, wou Mënschen sech begéinen, an datt de motoriséierten Individualverkéier esou wäit wéi méiglech limitéiert gëtt. Mobilité douce an den ëffentlechen Transport kréie Virrang. Mir stelle fest, dass dës 3. Phase, déi ursprénglech déi 2. Phase war, datt des lescht Phase vum ganze Projet Shared Space elo an zwee gedeelt ass. Ech huelen un, dass een och zwou Ofstëmmungen da mécht zum Punkt 4.2 a 4.3. Dat kënnt eis elo entgéint. Dësen Devis vu 4.770.000 betrëfft een Deel Place Franz Kinnen, an déi jëtze Strooss virun der Kierch, Verlagerung vun der Niddeschgaass, dat klengt Stéck wou d'Pâtisserie Goebbel ëmmer war, an en Deel vun der Ruedu Commerce. Mir begreifen, dass dëst klengt Stéck Avenue Grande-Duchesse Charlotte just fir Mobilité douce a Busser reservéiert gëtt. Dann hätte mir jo praktesch eng mini Foussgängerzone. Mir fannen och, datt déi ganz Aarbechten am Déifbau noutwenneg sinn. Den architektoneschen Aménagement vun der ganzer Plaz bréngt ganz sécher eng Plus-Value fir d'Stad Diddeleng. En ass an der Kontinuitéit vun den Amangementer an der Niddeschgaass, vun der Plaz am Duerf a souguer vum Mayrisch-Park. Déi verschidden Elementer vu Bänken a Raschtplazen si kreativ, si erënnere souguer un Trambänken. Dat gefält eis gutt, besonnesch déi ënnert de Beem, wou een am Summer am Schiet setze ka – virausgesat, déi gréng Beem vum Plang iwwerliewen de ganze Chantier. D'Skulptur vum Yvette Gasthauser-Claire, „wou dat rout Gold gegruewe gouf“ plënnert op déi aner Säit, kritt en bëssen eng aner Nues an dat schéngt och ganz flott ze ginn. D'Place Kinnen wäert optesch méi grouss ginn an och esou wierken, an hei kënnen d'Terrassen sech och ausbreiden, wat zur Convivialitéit bäidréit. Mir sinn och erliechert, dass bei dëser Vergrësserung keng Kuerzzäit-Parkplaze virgesi sinn. Wat eis ze denke gëtt, ass de motoriséierte Verkéier an seng Féierung. Aus deenen zwou Bunne virun der Kierch gëtt elo eng eenzeg ugedeite Fuebunn, déi an zwou Richtunge befuer gëtt, an dat heescht aus der

Ruedu Commerce kann een a Richtung Jean Jaurès fueren, awer net méi beim Safe no lénks ofbéien. Vun der Niddeschgaass aus kann ee jo lénks ofbéien op déi nei Fuebunn, weider a Richtung RueLentz, RueEdison. Di Autoen, déi aus der Niddeschgaass kommen, kënnen also entweder riets ofbéien oder lénks ofbéien, wéi bis elo och, awer net méi riicht aus fueren. D'Virfaart ännert, bis elo haten déi aus der Niddeschgaass keng Virfaart. Well am Shared Space keng Schëlter sinn, hunn d' Riets- an d'Lénks ofbéier aus der Niddeschgaass elo Virfaart. Mir fäerten, dass op dëser Kräizung d'Verkéisersopkommen grouss an onduerchsichteg gëtt, dat zu Laaschte vun der Mobilité douce, de Foussgängerinnen, de Vëlosfuere- rinnen, de Kanner an den eelere Leit, well fir si gëtt et dann och keng Zebrasträife méi.

D'Vëlosfuereerinnen dierfen am Shared Space an all Richtung fueren. Dat heescht, si kéinten dann theoretesch vun der Gemeng iwwert déi nei Plaz duerch déi ganz Niddeschgaass de verkéierte Wee, also wéi d'Autoen, fueren, bis an d'Dominique Lang. Mee ob dat praktesch esou ëmzesetzen ass bezweifele mir. Mir konnten d'lescht Joer an der Niddeschgaass zielen, dat déi gutt geduechte baulech Verännerungen d'Autosfuere- rinnen leider net dovun ofgehalen hunn duerchzufueren. Verkéier ass wéi Waasser, e sicht säi Wee, a wann e Wee do ass, gëtt e gefuer. D'Madamm Goergen huet et schonn ugedeit, ob déi nei ugedeite Fuebunne mat zwou Verkéisersrich- tungen wierklech néideg ass? Gëtt hei net eng Chance ver- passt, d'Maartplaz iwwert d'Frantz Kinnenplaz laanscht d'Kierch mam Mayrisch-Park ze verbannen, dës ganze schéine Wee, deen och vill Sue kascht, autofräi ze erliewen? Mir wäerten eis bei dësem Projet enthalen.

Ech wollt awer och nach Stellungnam huelen zum Punkt 4.3. Also mir sinn hei averstanen, datt de Verkéier op der Kräizung RueZoufftgen, Ruedu Commerce bidirek- tional geleet gëtt an domat de Stadzentrum entlaascht gëtt, an dofir stëmme mir dësem Devis. D'Zuelen si scho vun eeler Zielungen. Säit deem ass d'Verkéisers- opkommen drastesch gewuess, an engem Moos, datt zu Spëtzestonnen net méi vill rullt. Och d'Zuel vun de Bussen ass zu Diddeleng an d'Luucht gaangen. Dräi weider Linne fueren duerch den Zentrum: 207, 305 de 4 a fir spéider ass de BHNS deen de Quartier NeiSchmelz bedénge wäert. An eisen Ae wier et och wichteg, datt déi Bussen esou mann wei méiglech am Stau stinn a mir hoffen, dat déi intelligent Luuchten dat erméiglechen. Villäicht kann an Zukunft an der Rue de la Libération op der Héisch- t vum Weltbuttek eng Busspuer ageriicht ginn. Voilà, also dësen Devis wäerte mir stëmmen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci. Nach weider Stellungnamen? Elo ass et lassge- trommelt ginn. Madamm Kayser.



MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci, just ganz kuerz. Also Dir hat aus menger kritescher Interventioun warscheinlech eraushéieren, dass mir iwwerhaupt net happy waren iwwert de 4.3 mat der extremer Hausse vun de Präisser. Mee ech muss awer elo Merci soen eisem Techniker, déi eis explizéiert hunn, firwat et esou deier ginn ass. Mir fannen am Fong och sënnvoll, dass wa mer ufänken opzerappen, dass mer effektiv op den zwou Stroossesäiten eng Interventioun maachen, fir dass mer net erëm virun allem och déi Leit, déi do wunnen, an déi Geschäftsleit erëm strofen, wa mer rëm iergendwann eng Kéier op d'Iddi kommen „hei, déi aner Sait wier et och gutt, dass mer do d'Reseauen all nei maachen“. Bon, et hätt een dat villäicht och scho kënnen déi éischt Kéier iwwerleeën, da wiere mer villäicht och dann net geschockt gewiescht, wéi mer elo hei déi Hausse kritt hunn. Dofir villäicht bësse méi prospektiv déi nächst Kéier denken an dat villäicht schonn 2018 oder 2016 virgesinn. Bon, wei gesot, duerch déi gutt Explikatioun, si mir och averstane mat dem Chiffre an dofir stëmme mir dat dann och mat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci, der Madamm Kayser. Nach weider Stellungnam? Dat ass net de Fall. Et sinn eng ganz Rei Erklärunge scho gi ginn, dofir och Merci fir déi verschidden Interventiounen iwwert déi verschidde Bänken hei an och vun de Membere vum Gemengerot. Ech wéilt villäicht op méi politesch Consideratiounen hei agoen. Tëschent den Antagonist, deen elo mol duergestallt gëtt – Foussgängerzonen, Shared Space – wann elo déi 3. Phase fäerdeg ass, respektiv och mat deem ganze Projet Zoufftgen/Rue du Commerce, gesäit een och finalement wat dee Ganzen Impakt ass vum Shared Space fir d'Stad Diddeleng. An wat mer hei jo maachen – sief et an der 1. Phase, 2. Phase, respektiv 3. Phase – mat era geholl och d'Amenagementer, déi viru Jore gemaach ginn si ronderëm d'Kierch, ass, dass mer der Stad Diddeleng domadder eng kloer Identitéit ginn an och een Alleinstellungsmerkmal ginn, deen an anere Stied net huet, a mer eis och iwwert déi doten urbanistesche Approche ganz kloer och demarkéieren an, mengen ech, och do weider un der Attraktivitéit schaffen. An ech mengen, dat gëtt eis jo Recht, well déi, déi ee jo huet a wann ee jo kuckt, – d'Madamm Kayser huet virdru gefrot – d'Awunnerzuelen, ech mengen, an der Moyenne sinn iwwert déi lescht Joren ëmmer d'Zuele mat den Awunner en Surplus op Diddeleng komm. Dat weist, datt Diddeleng interessant ass. D'Demande ass grouss fir deementspriedend heihinner ze kommen a mir hunn jo grad de Shared Space gewielt – datt ware jo am Virfeld Diskussiounen, an et waren och de Moment Diskussiounen, féiert – mat de Geschäftsleit, déi si frou, datt déi Méiglechkeet nach besteet, dass ee vir eng hallef Stonn effektiv ka parken, dass een nach kuerz kann Akeef maachen. Wa mer eis Geschäftswelt wëlle stäerken – a

mir hunn och eng rei Initiative geholl, fir dat ze maachen – ass dat doten eng Approche, déi opgeet, grad wa mer eis wëlle positionéieren. Och wei den Här Glesener et gesot huet, Commerce de Proximitéit, Nooversuergung, par Rapport zu verschidden Initiativen, déi éischer op der grénger Wiss sinn, déi eng ganz rei Facilitéite bidden, déi mir net kënnen bidden, sinn dat doten Akzenter, wou een engersäits den Auto net méi an de Virdergrond setzt, wéi dat de Moment de Fall ass an awer och kuckt, eng lieweg Geschäftsstad ze bleiwen. Ech mengen dir kritt et jo mat: Diddeleng ass keng Insel. Vill aner Stied probéieren sech ze positionéieren par Rapport zur Nooversuergung. Mir ass et op allefalls wichteg an ech mengen eng ganz Rei vu Leit hei bannen och, dat hutt dir jo héieren, dass mer eis Nooversuergung hei zu Diddeleng sou gutt wei méiglech oprecht erhale kënnen, respektiv ausbauen. A wann een awer an anere Stied kuckt, wou et eng Foussgängerzone gëtt, wou déi de Moment drun sinn, do ass et effektiv zimmlech, zimmlech schwierig, esou datt ech mengen, dass dat heiten ee Wee ass, s wou mer eng Rei, mengen ech, Elementer mat a Consideratioun och deementspriedend huelen – dat par Rapport zur Ausrichtung, de Choix „Shared Space an 3 Phasen“ an net eng Foussgängerzone.

Dann villäicht eng zweet Consideratioun och méi politescher Natur, wat d'Präisssteiereng ugeet, déi am leschte Gemengerot, respektiv och an dësem, ugeschwat gouf. Ech mengen, do ginn et jo – dir hutt jo eng rei Erklärung kritt – engersäits, mengen ech, wann een en Projet hei stëmmt am Joer 2016, elo si mer 2020 – de Projet huet evoluéiert, ech mengen, dat huet een och ganz kloer raushéieren – ech mengen, och dat ass wichteg, wann een en Cours de Route Erkenntnisser huet, dass een déi mat bäizitt. Ee Projet ass ni eppes stateschen. Deen evoluéiert. Et soll een sech och Geleeënheeten ginn, sech et ze gestinn. Dee bréngt natierlech och mat, dass de Projet méi deier gëtt. Datt ass deen éischte Volet an ech mengen, et ass och kloer vermëttelbar. Dann wësse mer och natierlech och, wann ee Projeten hei stëmmt, respektiv bis se dann ëngesat ginn, de Bauindex, och deen evoluéiert. Präisdeierecht generell dobaussen evoluéiert an dat huet och eng Repercussioun op Projeten an Devisen, déi een hei stëmmt. Och dat ass eng Realitéit.

An dann deen drëtten Deel an och do soen ech ass Diddeleng keng Insel. Ech hat dat schonn am Kader vun der 2. Phase vum Shared Space gesot. Ech schwätzen och mat äre Kolleegen aus anere Gemengen: De Marché ass saturéiert an dat bréngt mat sech, datt bei Ausschreibungen, déi gemaach ginn, ganz oft bei de Soumissiounen 20-30% méi effektiv punkto Zoustand. Och dat ass eng Realitéit an datwat mir hei zu Diddeleng erliewen, dat erliewen am Fong och aner Gemengen



indépendemment vun der politescher Coureur, déi se hunn. Dofir, mengen ech hei deen Appell, dass ee soll oppassen. Sécherlech, et ass een ni frou wann, ee Projete muss nostëmmen, wann se méi deier ginn. Mee dat ass och eng Realitéit um Marché an déi kréie mer net ewech. Bon, ech hat jo och deemools gefrot, wat wieren d'Alternativen? D'Marchéen z'annuléieren? Lancéieren? Villäicht net dat selwecht Resultat ze hunn, well effektiv, wéi d'CSV jo eng Kéier dat gesot huet, dass mer do och missten eng Kéier oppassen. De Spillraum ass do ganz limitéiert oder et seet een „da maache mer de Projet deementspriedend net“. Op alle Fall mengen ech hu mir hei ee Wee fonnt, fir awer am Interêt vun der Stad Diddeleng ze handeln.

Da villäicht nach ee leschte Punkt par Rapport zu der Kierch an zum Accès vun der Kierch: Ech hunn héieren, dass dir do eng Remark gemaach hutt. Ech muss soen, mir si reegelméisseg am Kontakt mat der aktueller Kierchefabrick, quitt dass en elo eng aner Denominatioun huet. Mee ech mengen, dat ass mengen ech nach méi e greffen Terme. Déi hunn à ce stade dat doten nach net un eis erugedroen a bon, engersäits villäicht een Appell un den Architekten, dee gemaach ginn. Mee awer och dann, mengen ech, wier et net onwichtig, dass da villäicht déi lokal Kierchefabrick eis dat dote mat op de Wee gëtt, schliisslech ass Diddeleng Proprietär vum Gebai a wann natierlech do Adaptatiounen solle gemaach ginn, wat den Accès ugeet, mengen ech, soll een dat am Dialog zesammen uschwätzen, esou wéi mir och aner Projeten zesammen ugin. Wann do um Niveau um Accès eppes ze verbessern, also nozebesseren, gëtt, ech mengene da soll een dat effektiv maachen. Dofir och dann hei den Appell: Wann do puer Elementer sinn, da, mengen ech, kann een dat gäre mat hinnen diskutéieren. Voilà dëst gesot, d'Claudia wollt nach eppes bäifügen.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):

Jo, ech ka mech relativ kuerz faassen, well de Buergermeeschter eigentlech op dat meescht agaangen ass. Ech menge just nach eng kleng Remark zu eise Grénge Frënn: Ech mengen, mir sinn einfach anerer Meinung wat d'Foussgängerzonen an de Shared Space ubelaangt. Mir hunn déi Decisioun, déi ass viru längerer Zäit scho getraff ginn. Mir sinn elo praktesch am drëtten Deel vum Shared Space ukomm an ech mengen, dass een der Saach muss eng Chance ginn an ech mengen, den Architekt huet virdu gesot, dass een dat och esou wäert gestallten, dass et onattraktiv ass an dass et ofschreckt, fir eran ze fueren. An dat ass och dat, wat am zweeten Deel gemaach ginn ass. Dofir muss een elo mol kucken, wann deen zweeten Deel fäerdeg ass, wann s du eng Afaart hues déi esou enk ass, dass et sech guer net rentéiert do eran ze fuere wanns du näischt do ze sichen hues, da mengen ech, ass dat wou mer

eis eens sinn, och mat eise grénge Kolleegen, nämlech, dass mer allegueren wëllen dat Verkéiersopkommes am Zentrum miniméieren. Datt mer musse kucken, ob mer dat domadder erreecht hunn – an dovunner ginn ech awer aus – wei gesot, fir et mat de Wieder vum Architekt ze soen: „Well et net soll attraktiv sinn, fir do duerch ze fueren“. An ech mengen, de Buergermeeschter sot et och: Kuckt eng Foussgängerzone an enger vun eisen Nopeschstied. Ech hat déi Malchance leschte Freiden doduerch ze goen an ech muss iech soen, ech sinn zu Esch an d'Schoul gaangen an ech ka mech un Zäiten erënneren, wéi do nach keng Foussgängerzone war an ech ka mech och erënneren, wat do fir ee Liewen an der Stad war. An ech menge ganz éierlech, dass et näischt domadder ze dinn huet, ob et eng Foussgängerzone ass oder ee Shared Space, dass verschidde Geschäfte zou gemaach hunn. Mee mir kënnen awer domadder erreechen, dass dee Commerce de Proximité, dat mer den Accès zu de Geschäfte oploossen, dass d'Leit och mol eng kleng Kommissioun maachen, dat kënne mer mat eisem Shared Space erreechen an domadder och dozou bäidroen, dass eben d'Geschäfte net zou maachen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Här Friedrich.

JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV): Ech begrëssen et och, dass deen Accès fir déi Behënnert nach eng Kéier gekuckt gëtt, well ech, bon ech ginn elo net all Dag an d'Kierch, mee ech hunn awer, wann ech mam Bouf mol déi eng oder déi aner Kéier ginn, dat ass effektiv eng Dier déi opgeet wéi an deenen ale Lifter. Dat heescht, eng déi no baussen opgeet. Dat heescht, e Mënsch, deen eng schwéier Behënnerung huet, fir deen ass et relativ schwierig, wann dee virun der Dier steet fir d'Dier opzekréien. Dat ass relativ schwierig a wat nach bannen ass, zum Beispill, dee Lift, dee muss ee konstant gedréckt halen. An een deen eng schwéier Behënnerung huet a bei mengem Jong zum Beispill och de Fall ass, deen huet SchwierigkeetendeKnäppchenandauerndunzehalen. Andat heescht, wann ech net mat em fueren, da fiert hien net erop. Dat heescht, dat misst eng Kéier iwwerduucht ginn, net dass dat kann e Lift gemaach ginn, wou een nëmmen eng Kéier dréckt – wéi an deene meeschten Heemer – dass dat eng Kéier gedréckt gëtt, da kënnt en erop oder respektiv erof, well esou sinn se méi selbststänneg. Well esou ass et am Fong, wann en eng relativ schwéier Behënnerung huet. Da fiert en net eleng, well sos kann en net fueren. Dat ass eben eng Saach, zum Beispill, déi ee misst iwwerdenken. Mee dat ass just eng Remark, well wann een net do dran ass, da kann een dat net zu 100% novollzéien. Mee dofir ginn et jo Leit, déi dat kennen an dofir ass dat gutt eng Kéier dat ze kucken. Merci.



DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Här Friederich. Ech wollt elo just emol bäifügen: Wéi deemools dee Lift installéiert gouf, dee gouf fir ënnert verschidde Prämissen installéiert. E gouf och ofgehall. Dee war jo deementspriedend konform a wa mer deen elo sollen adaptéieren, ech menge da solle mer dat kucken, wat een do kann nobesseren, dat dann deementspriedend maachen. Dat ass kee Problem. Dëst gesot, géif ech proposéieren, dass mir zum Schluss vun den Diskussiounen ukomm sinn an dass mer zum Vott iwwerginn.

Ech géif éischters emol ufänke par Rapport zum Devis estimatif zu der Frantz Kinnen Plaz. **Wien ass mat deem Devis averstanen? Dat si stëmme vun LSAP, CSV, onofhängeg Memberen. Wien enthält sech? Dat sinn dann déi Gréng. Dogéint? Keen.**

Da géif ech op deen nächsten Devis iwwergoen. Dat ass den Devis remanié Zoufftgén/Rue du Commerce/Rue de la Libération. Wien ass mat dem Devis averstanen ? **Dat ass unanime.**

Ech soen dem Gemengerot Merci an och natierlech eisen Intervenanten, externen Intervenanten an och aus dem Haus. Merci fir är Presenz an äert abréngen an d'Diskussion. Voilà, da kënne mer och weiderfueren.

4.4. APPROBATION VUM DEVIS FIR D'INSTALLATIONSAARBECHTE VUM SANITÄR AN DER BRILLER SCHOUL

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Ech begrëssen d'Architektin Carole Rodesch a vun eise Service de Joël Freitas, well mer och hei en Devis virleien hunn fir d'Sanitäreanlagen an der Briller Schoul. Mir wollten d'Geleeënheet och notzen, lech awer deen dote Projet ze erklären, well et e bësse méi e schwieren a komplexen Dossier ass, well d'Briller Schoul jo klasséiert ass, well se um Inventaire supplémentaire ass. Déi Decisioun hat jo de Gemengerot geholl. A mer hei d'Sanitäre, wéi gesot, frësch maachen. An et ass jo en Devis an der Héisch vu konsequentem décke Budget : 760.000€. Bon, et ass e bësse méi e schwieren, delikate Projet, well de Sanitär sanéiert muss ginn an awer och e gewëssen initialen Zoustand vun deene Sanitäre muss erhalen bleiwen an awer mengen ech muss adaptéiert a moderniséiert ginn. Dat kënnt natierlech en fin de compte wann de Projet bis ëmgese ass de Schoulkanner zegutt. Dofir maachen mer et och. An dat hei ass natierlech och e Projet, dee mer – wéi dat sou üblech awer hei zu Diddeleng ass – an enger ganzer enker konstruktiver Zesummenaarbecht mat Sites et Monuments. Mee wat dee ganze Projet usech huet mat der ganzer Envergure, déi een huet, dofir ginn ech dann och

ganz gären hei d'Wuert weider un d'Madamm Rodesch. Voilà, Dir hutt d'Wuert.

CAROL RODESCH (TEAM 31 – ARCHITECTES): Schéine gudde Moien allegueren. Ech war , ech mengen dat war Enn d'lescht Joer, war ech vun der Gemeng gefrot ginn, mer de Projet vun der Brill Schoul unzékucken am Kader vun de Sanitäreanlagen, déi effektiv haut an engem komesche Zoustand. Ech komme kuerz dodrop hin. Also mir sinn zu zwee Büroen beoptraagt, déi Situatioun ze analyséieren. Dat ass eng Kéier RMC an dat si mir als Team 31. An d'Programmation, déi gefrot gi war, dat war effektiv d'Sanitäreanlagen ze renovéieren. D'Schoul behënnertegerecht ze maachen um Niveau och vun de Sanitäreanlagen, eng Plattform dohinner ze maachen fir dat en Behënnerten och kann an d'Schoul kommen an en zousätzleche Wéckelberäich an d'Schoul mat ze integréieren, well den um Niveau vun der Schoul nach gebraucht gëtt. D'Situatioun ass esou, dat d'Gemeng, also d'Brill Schoul, déi gehéiert zu der Gemeng Diddeleng an déi acceilléiert ongeféier 400 Kanner. Se huet eng Sportanlag, eng Grondschoul an hir dozougehéierend Pausenanlagen. D'Gebai ass um Inventaire supplémentaire an deementspriedend ass och de Service vum Sites et Monuments mat dobäi fir ze analyséieren, wat mer do kënne maachen. Déi Sanitäreanlagen, déi sinn iwwer dräi Stäck verdeelt an um Rez-de-chaussée probéiere mer se behënnertegerecht ze maachen. D'Sécherheetsbestimmung vun der Fonction publique mussen natierlech an deem Beräich och agehale ginn a mussen och komplett analyséiert ginn. Mir hu festgestallt, dass am Kader vu fréiere Baumaassnahmen, verschidden Interventiounen gemeet gi sinn. Par Conter sinn nach aner Beräicher, och an der Ursprungssituatioun, déi duerchaus och vum Sites et Monuments als erhaltenswäert festgehale gi sinn. E groussen Deel awer och vun deene bestehenden Anlagen ass an engem schlechten Zoustand wat d'Plättercher an sou ugeet, dat heescht déi mussen mer och komplett renovéieren. A wéi ech virdru gesot hat, gëtt um Rez-de-chaussée gëtt eng Behënnertentoilet gemeet an en zousätzleche Wéckelraum, wéi e klengen Stockageraum. Wéi mer dat Ganzt ënnersicht hunn, hu mer effektiv festgestallt, firwat déi Situatioun esou schlecht ass. Dat ass, well keng Lüftung, weder eng mechanesch Lüftung nach eng Stousslüftung virhanden ass. An dat déi ganz Installatioun duerch hiren Alter einfach iwwerhall ass. Dofir hu mer festgehalten, mir géifen en Deel vun de Sanitäre renovéieren. En aneren Deel géife mer erhalen an um Niveau vun der Haustechnik, géife mer alles, wat siichtbar ass, ersetzen an och deels erneieren. D'ganz Elektroinstallatioun wéi de Brandschutz an alles, dat gëtt och do erneiert.

Ech mengen, dann ginn ech eng Kéier kuerz just op de Planing iwwer, sou wéi e virgesinn ass, eier ech



lech op de Biller erklären, wat mer op wat fir engem Stack da maachen. De Planing ass effektiv virgesinn, dat ech en haut virstellen. Da musse mer ganz séier an d'Ausschreiwunge goen, wann e positiv ofgeschloss ass, well e soll am Summer stattfannen. Et ass vill Aarbecht fir an deenen zwee Aarbecht festzehalen. Mir probéieren dat esou gutt wéi méiglech hinze kréien a hunn um Rez-de-chaussée d'Rechtaarbechten eventuell fir de September virgesinn. Dat wären dann déi Behënnertentoilet, de Stockageraum an de Wéckelraum, déi eventuell herno am nachschuleschen Betrib iergendswéi gebaut ginn. Mir probéieren alles am Summer ofzedrécken, mee mir wësse selwer, mir si vun den Entreprises ofhängesch. Versprieche wëll ech lech net alles, mee mir ginn eis vill méi, fir et hinze kréien. Dat hänkt dann och vum Resultat vun den Ausschreiwungen of, wien den Odssier kritt a wéi seriö déi Leit un d'Aarbechte ginn. Joël, ech mengen du kéins wann s de wéils op d'Pläng iwwergoen.

Ech fänken um Rez-de-chaussée un. Ech denken dat doten ass u sech de ganze Rez-de-chaussée. Hei hu mer d'Kanner-toilet, d'Meedercherstoilet, deen neie Behënnerteraum an d'Behënnertentoilet a Stockageraum an d'Jongentoilet. Dat do uewen, dat ass d'Sanitäreanlage vun de kleng Kanner. Do ass deen doten Deel, deen ass sanéierungsbedürfteg. Wann ech „Sanéierung“ soen, da gëtt e just nei gemeet, opgefrécht. A wann deen doten Deel, dee ganze viichten Deel, do mussen d'Plättercher vun de Mauere rof, do muss déi ganz Installatioun fort. Bei de Meedercher ass hei dat selwecht. Dee ganzen Deel do gëtt sanéiert an dee ganzen Deel do gëtt nei gemeet. Dat dote ass an sech elo eng Visioun, wéi dann herno déi Beräicher ausgesinn, wou déi nei Lavaboe sinn vun de Kanner an och d'Proffentoilet, also d'Schoulmeeschtertoilet, déi gëtt komplett nei gemeet, well déi ass iergendwann an de 70er Joren oder wat weess ech gemeet ginn. Déi passt einfach net. Dir gesitt och all Kéiers wa mer sou grouss sanitär Raim hunn, hu mer zwee Léftungsfligelen, déi mer mussen ersetzen. A wa mer kleng Sanitär Raim hunn, dann hu mer nëmmen ee Léftungsflieger fir d'Stoussfliegelen herno gesteiert ze féieren. Ech mengen da kanns de op dat nächst Bild iwwergoen. Dat ass da bei de Jongen. Do gesäit et e bëssen anescht aus, well do war hei eng Interventioun geschitt virun, wat weess ech, 5-10 Joer. An do musse mer déi ganz Anlag hei komplett erneieren. Do gi mer dann och mat enger Virwandinstallatioun vir. Dat ass awer da méi einfach wa mer déi ganz Situatioun an de Grëff huelen, da hu mer déi. Soss, wéi der hei gesitt: de ganze Sanitär hei, dat gëtt ëmmer fir jidderee selwecht behandelt. Dat Gielt sinn d'Meedercher, dat Bloot, dat sinn d'Jongen. Hei komme mer lo an dee mëttlere Corp, wou mer déi zwou Flächen nei maachen. Hei op der lénker Säit, do kréie mer de Wéckelraum an dann do d'Behënnertentoilet. An hei kënnt en zousätzleche Stockageraum, dee se och an der Schoul brauchen.

Do sinn awer scho Fënsteren, déi opginn, dofir kënne mer déi do lo siloossen.

Da géife mer op den éischte Stack iwwergoen. Dat ass an sech genau dee selwechte Fall, wéi um Rez-de-chaussée. Do hu mer hei dee ganzen Deel, dee mer nei maachen an hei dee ganzen Deel, dee mer sanéieren. Duerno kann ech da weider goen. Ech mengen, wann ee wëll dat ech méi spezifesch drop aginn, mee fir déi grouss Linnen ass dat alles gesot. Hei bei de Jongen ass et bal d'selwecht wéi do ënnen. Par Conter ass deen doten Deel nach am Alzoustand. Do hate se just eng komesch Virwandinstallatioun dohinner gebaut. Déi baue mer rëm of a bauen et normalerweis an den Ursprongszoustand rëm zréck. An de viischen Deel gëtt och do nei gemeet. An dann um zweete Stack, dat ass dofir fänke mer och mat eisem Planing um zweete Stack un, wou mer mat Sanitäreanlage ganz nei, par Conter recuperéiere mer hei déi al Plättercher vum Buedem, déi mer Deelweis brauche fir op den ënneschte Stäck rëm ze ersetzen. An hei ginn och d'Sanitäreanlagen komplett nei, souwuel fir d'Meedercher, wéi och fir d'Jongen, gemeet. Ech hat lo just virdrun vergiess mengen ech ze weisen, wou déi Hebeplattform um Rez-de-chaussée kënnt. Villäicht wann s de eng Kéier op de Rez-de-chaussée zréckgees. Also déi Plattform um Rez-de-chaussée, déi kënnt hei hinner. An dat mécht de Raccord tëschent dem Schoulhaff an awer och vun de Parkplaze vun hannen ausser. Dat heescht d'Kanner, déi dann do an d'Schoul kommen, komme souwuel wa se mam Auto bruecht oder wéi och ëmmer se dohinner kommen, komme se da vun do ran, kommen hei eropgefuert. Vu que datt mer do zwou Trapananlagen hunn, wäerte mer awer der Sécherheet nach entsprechen a stinn och do kengem am Wee. Dat ass och eng Plattform, dat ass kee Sëtzstull. Dat heescht, dat gëtt erofgeklappt. Am Kader wou et net gebraucht gëtt, steet dat héisch a steet och kengem an de Féiss. Ok, ech mengen ech sinn zu mengem Deel doduerch. Mir mussen awer nach iwwert de Budget kucken. Dee kënnt nach hannendrun.

De Budget ass zesummegeallt vun der Chantiersinstallatioun an den Demontagearbechten fir Enn 20.000€. D'Plätterchearbechten, dat ass zimmlech deier. Dat sinn 135.000€. Dat huet awer domadder ze dinn, well mer och an der Sanéierung vun deene bestoende Plättercher, do wësse mer net genau, wat op eis zoukënnt. Dat gëtt eng zimmlech spannend Geschicht. Mir hunn et zwar scho mat Entreprise gekuckt a si wëssen och wou se anscheinend kënnen déi Plättercher bestellen. Mee wéi gesot, mir sinn do sousmissiounsofhängesch a mer mussen do och kucken, wat op eis do zoukënnt. Den Drëchebau an d'Trennwänn, dat ass fir 60.000€. Dat ass den normale Präis. Schräineraarbechten, dat sinn zimmlech vill Aarbechte fir 98.000€. Da kënnt de ganzen Ustrach dobäi, wat awer och Deelweis den Ustrach vun den Dieren ass,



sou wéi et dann ass fir 44.500€. D'Aussenschreinerei-arbeiten, dat ass d'„menuiserie metallique extérieure“ fir d'Lüftungen fir 43.000€. Dozou wëll ech awer och soen, dat mer eng Kéier analyséiert haten, fir eng Lüftungsanlag an de Projet mat eranzehuelen an dat ass definitiv vill méi deier ginn a vill méi opwänneg ginn, dofir war dat fale gelooss ginn. Dann ass de ganzen Deel „Gebäude-technik, Heizung, Lüftung, Sanitär“ fir 150.000€. D'Architektenhonoräre fir 52.000€ an den Émbauzuschlag fir „Divers et imprévus“ fir 40.000€. Dat mécht en Total vu 650.000€, also bal, ronn 650.000€. Mat TVA si mer bei 760.000€.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci fir d'Presentatioun an och de Budget. Et ass méi e kniwwelege Projet a mir hunn och do e gewësse Schwierigkeetsgrad, deen effektiv, wéi der et gesot hutt, haaptsächlech während der Schoulvakanz effektiv op d'Bün geet an net am normale Schoulbetrib, wat eben hält net méiglech ass, wat d'Saach dann eben och schwiereg mécht, well d'Zäitfenster natierlech vill méi kuerz ass, wéi wa während dem reguläre Schoulbetrib. Voilà, d'Diskussioun ass ob wa Froe sinn. Här Friederich.

JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV): Ech hu just eng kleng Fro. Et war gesot ginn ob e Lift dobäi wier, ob dee vun hannen aus. Ass do eppes virgesinn? An déi zweet Saach: Ass och dee Wéckeldesch, do wollt ech just froen, well jo och net nëmme ganz kleng Kanner kommen. Et ka jo och emol e Kand dobäi sinn, wat integréiert gëtt, wat awer e gewëssen Alter huet. Ass villäicht och dru geduecht ginn, dass dee Wéckeldesch e bësse méi grouss ass, well et ass och flott, wann een déi Kanner, wa se eng Behënnertentoilette hunn, dass se op deem Wéckeldesch och kënnen eenegermoosse do leien. Net dass d'Been ënnen erofhänke wéi ech weess net wat, well dat ass ëmmer ganz schwiereg. Dofir muss villäicht dru geduecht ginn, well dat jo awer Kanner sinn, déi villäicht lo net méi ganz kleng sinn, dass déi awer dann och do kënnen frësch gemaach ginn an deem Kader. Dat wollt ech just eng Kéier froen.

CAROL RODESCH (TEAM 31 – ARCHITECTES): Also déi Diskussioun hate mer gëschter, well mer dunn effektiv ugefaangen hunn déi Pläng ze zeechnen. Ech hunn elo mol op 80cm déift. Ech weess net, ob dat duergeet. Wann Dir do en aneren Ussproch hutt, fir mech war lo 80cm hunn ech geduecht, dat ass sou déif wéi deen heiten Dësch, dat war gutt. Well soss gëtt et och net méi manipuléierbar fir deen, deen dobäi ass. Mee en ass awer par Conter bal 3 Meter laang. Duerfir, ech denken, déi Interventionsfläch misst grouss genuch sinn – ech hoffe mol.

JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV): Et dierf net ze grouss sinn, well soss kennt ee jo net drun. 80 ass schonn eng

ganz gutt Mooss a wéi Der sot, wann e laang genuch ass, dass ee sech e bësse ka lénks oder riets deplacéieren, dass een deementspriedend kann drukommen, dann ass dat tiptopp.

CAROL RODESCH (TEAM 31 – ARCHITECTES): Ech hat och virdu vergiess ze erwänen: An dee Raum kennt och eng Dusch eran. Dat heescht wann do wierklech en Noutfall ass, et kann och geduscht ginn. A vun der Trap hir, déi Hebeplattform: Et ass effektiv, et ass en Accès fir op de Rez-de-chaussée. Déi kommen natierlech ni op d'Stäck. Mee bon, dat ass déi Interventioun, déi gëtt einfach ze grouss. Déi war lo net ugefrot.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

D'Josiane wëll nach eppes bäifügen.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):

Do ass effektiv e Kand am Gebai selwer, do hu se awer schonn ënnerteneen diskutéiert, dass déi Klass erofkennt op den éischte Stack a si maan do einfach e Wiessel vun de Klasesäll, wat awer absolut an der Rei ass mengen ech.

JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV): Ech fannen dat och tiptopp. Ech mengen ech hunn doheem d'Haus zum Beispill, dat ass och just ee Stack. Do kanns elo net all Denger adaptéieren. Dat Wichtigst ass, dass dat Kand integréiert ass, ob dat elo um éischte Stack ass oder um Rez-de-chaussée ass. Dann ass dat schonn tiptopp. Ech mengen et gëtt scho vill gemaach. Dat ass exzellent.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Här Buergermeeschter. Ech mengen, Leit déi an der Brill Schoul dës lescht mol waren, grad am ënneschte Stack: éischters Mol d'Geruchsbelastegung, déi ass méi wéi peinlech an zweetens d'Installatioun un sech. Déi Saache sinn net méi zäitgeméiss. Et ass absolut sënnavoll, dass mer et maachen. Den Invest, dir hutt et erkläert. Dir hutt ganz akribesch all d'Posten hei vum Devis eng Kéier duerchgeholl. Dat fanne mer och ganz begréissenswäert, do soe mer och villmools Merci. Meng Fro ass just: et ass e klasséiert Gebai. Wéi ass et do? Participéiert do Sites et Monuments och un de Fraisen? Dat ass awer vläicht eng Fro, déi ganz interessant ass. Mir fannen et och ganz flott dass d'Plättercher recuperéiert ginn, fir awer déi al Baumaterialien awer ze halen. Wat natierlech och dann e Käschtepunkt ass, deen dann och erëm direkt zu Buch schléit. Mee wéi gesot, dofir meng Fro ass virun allem: Sites et Monuments, wéi bedeelege si sech? Merci.



DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci. Ech wollt villäicht weiderfuere wann nach villäicht aner Stellungname sinn, aner Remarken. Här Martini.

CLAUDE MARTINI (CSV): Just eng kuerz Prezisioun. Dir hutt gesot, dass der eng separat Plattentoilette maacht an och eng Dusch. Aus Erfahrung weess ech, dass verschidde Behënnertentoiletten, well se just vu Behënnerte benotzt ginn, dat se oft zu engem Stellerum ginn. Wa se net oft genuch benotzt ginn. Dat ass ze evitéieren. An zweetens, wann dir eng Dusch dohinner maacht, déi net benotzt gëtt oder net oft benotzt gëtt, hutt der de Risiko, datt sech Legionellen usammelen an der Krunnleitung. Well dee Problem hate mer schonn a verschiddene Plazen am Land, dofir wollt ech lech just dorobber opmierksam maachen. Wann ee sou Installatioun mécht, déi mussen dann awer och benotzt ginn, respektiv, déi Krinn musse reegelméisseg op- an zouge-meet ginn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci. Här Zuang.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci Här Buegermeeschter, léif Kollegen aus dem Schäffen- a Gemengerot. Ech wollt eng Stellungnam huelen zu deem doten Devis, deen net ze negligéieren ass. Iwwer esou e Montant vu 760.000€ kann e wierklech e puer Wuert driwwer verléieren. Also mam Problem vun de Sanitären an der Schoul Brill hat sech de Grupp vum Schoulservice ëmmer rëm op hirem alljährlechen Inspektiounstour duerch d'Schoulgebaier opgehalen. Personal huet sech ëmmer rëm iwwert de strenge Geroch, dee besonnesch an der waarmer Joreszäit net nëmmen an den Toiletten, mee duerch d'ganz Gebai, zu Recht opgereeget. Et sinn zwar ëmmer am Laf vun de Joren Deelenovatiounen gemeet ginn, mee leider ass duerch d'Feele vun engem performante Lüftungssystem de Problem vum Geroch bliwwen. Dofir begrësse mir, dass elo duerch d'Realisatioun vun dësem Projet, dëse Problem bis September – hoffentlech – geléist gëtt an dass sämtlech Sanitär- an Heizungsanlagen vu Kanner- a Personaltoiletten deels sanéiert, deels komplett erneiert ginn. Weiderhinn begrësse mer dass d'Ersetze vu Buede- a Mauerplättcher am Sënn vum Denkmalschutz gemeet gëtt, wuelwëssend dass d'Firma Frantz Think, däre Numm nach op enger Plättchen hiren Nimm mat hirer Telefonnummer stoen hat, warscheinlech keng Ersatzstécker méi wäert liwweren. A mir begrëssen dann natierlech awer och, dass am Projet natierlech net nëmmen eleng lo op déi Sanéierung – et wär schonn an a fir sech jo Aarbecht genuch gewiescht – mee dass awer och nach zousätzlech zu deene Renovatiouns- a Sanéierungs-aarbechten och nach d'Sanitäranlage kreéiert gi fir Persounen mat ageschränkter Mobilitéit um Rez-de-chaussée. Dat ass eng super Saach, grad wéi och de

Wéckel- an de Stockageraum. Zum Schluss begrësse mer natierlech dass d'Schoulentrée behënnertgerecht gemeet gëtt, duerch d'Acquisitioun vun enger Hebeplattform, déi et erlaabt, vum Schoulhaff eran- resp.erauszekommen, d'Vebindungsstrap zum Rez-de-chaussée ze iwwerbrécken. Dat ass eng super Saach. Dofir, dee ganze Projet, wann deen eng Kéier fäerdeg ass, hoffentlech de gréissten Deel am September, wäert schon wesentlech Verbesserungen am d'Schoulgebai fir d'Personal a fir d'Kanner bréngen. Dofir hutt dir natierlech d'Approbat-ioun vun eiser Säit. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Här Zuang. Hutt Dir villäicht nach eppes do bäize-füge par Rapport zu de Froestellungen?

CAROL RODESCH (TEAM 31 – ARCHITECTES): Ech wollt just soe zu deene, also, generell zu de Froestellung oder generell zu deem wat gesot ginn ass, fir och eng gewësse Planungssécherheet ze hunn, maache mir nächst Woch e puer Sondage a kucke mat enger Toilet eens ze ginn, wéi mer déi an de Grëff kréien, fir dat mer am Summer sou gutt wéi méiglech virun Iwwerraschung geschützt sinn. Ech hat elo nach vergiess wéinst dem Waasser mat der Ringleitung: Et ass eng Ringleitung do vum Waarmwaasser an déi gëtt un d'Dusch ugeschluss. An dat misst dann och dee Moment funktionéieren, och wa se net all Dag gebraucht gëtt, well doduerch fléissend Waasser doduerch geet, datt dat net soll geschéien.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Voilà, da wäere mer zum Schluss vun den Diskussiounen, respektiv och Präsentatiounen ukomm. Dem Carole Rodesch a Joël Freitas, Mercic dass der hei waren. Nach musse mer zum Vote iwwergoen. Voilà, gi mer zum Vote iwwer. Wien ass mam Devis, wéi en hei virläit, avers-tanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech dem Gemengerot Merci an och eisen Invitéee Merci, dass se hei waren, fir eis déi néideg Erklärungen ze ginn.

**4.5. APPROBATIOUN VUM DEVIS ESTIMATIF
IWWER D'ERNEIERUNGSARBECHTE VUM DAACH
AN D'ERSETZE VUN DER DÉSENFUMAGE-
VENTILATIOUN AN DER SCHOUL STRUTZBIERG A**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da géif ech proposéieren, dass mir mam Ordre du jour wieder fueren. Mir bleiwen bei den Schoulgebaier a mir gi vum Brill op den StrutzbiERG A, wou mir effektiv engersäits mussen... also mir hunn en Devis estimatif hei virleie vu 600.000€, wou da muss engersäits den Daach, respektiv den Désenfumage frësch gemeet ginn. Dat ass wéi gesot en Devis vun 600.000€. Ventilatioun, Klimatisatioun, Désenfumage, respektiv gëtt de ganzen Daach frësch gemeet. Also, wéi gesot, um StrutzbiERG



A an da muss natierlech den Echafaudage- d'Wuert op lëtzebuergesch entgeet mir lo – och dee muss natierlech opgestallt ginn. En Stee, voilà, Merci. Och déi muss opgeriicht ginn, sou dass dat Ganzt en Devis ass vu Gudden 600.000€. Froen dozou? Madamm Heinen?

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Ech wollt froen: Wéi ass et mat der Isolatioun vun deem Daach? Gëtt et do schonn eng Isolatioun, wann den Daach nei gemaach gëtt? Et ass elo näischt am Devis vun Isolatioun.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Här Freitas?

JOEL FREITAS (VILLE DE DUDELANGE – SERVICE ENTRETIEN ET GESTION DES BÂTIMENTS COMMUNAUX): Also et ass u sech eng Isolatioun virgesi vun 20 cm, déi op de Sparren ugeluecht gëtt. Et ass u sech och duerch déi Isolatioun, dass de Projet méi komplizéiert gëtt, well d'Charpente u sech vum Daach, déi statesch Grenzisolatioun net packt an doduerch den Daach muss vu baussen Sparre verstärken. Also elo sinn 20 cm virgesinn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): An duerch déi Erklärung, déi den Här Freitas hei elo ginn huet, ass et zum Beispill och net méiglech – well och dat ass iwwerpréift ginn – ob ee villäicht kéint eng Photovoltaik drop maachen. Mee vu, effektiv, duerch d'Statik vun der Charpente, ass dat net méiglech. Mee mir hate jo eng Kéier hei gesot, dass mir systematesch géife kucken, wann mir zum Beispill en Daach frësch maachen, ob een dann do och deementspreechend kann Photovoltaik benotzen, well mir och de Solarkadaster hunn, dat doten wier eng ideal Plaz gewiescht. Mee dat ass deementspreechend net méiglech, voilà. Gemengerot mat dem Devis averstanen? **Dat ass unanime.** Villmools Merci.

4.6. APPROBATIOUN VUM DEVIS ESTIMATIF IWWER D'REPARATIOUNSAARBECHTEN UM DAACH VUN DER SCHOUL RIBESCHPONT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da fueren mir wieder. Mir ginn eriwuer bei d'Ribeschponter Schoul. Do ass en Devis, dee mir virleien hu vun 82.000€ an do geet et och drëm, den Daach frësch ze maachen, respektiv en Deel vum Daach frësch ze maachen. Do sinn Infiltratiounen, déi de Moment, Plazen, déi ondicht sinn an dofir mussen hei, effektiv, eng Rei Aarbechten gemaach ginn, well och hei bei der Goutière eng Rei Raccorden futti sinn, sou dass dat zu 32.000€ zu Buch schléit. De Gemengerot mat dem Devis averstanen? **Dat ass unanime.** Villmools Merci.

4.7. APPROBATIOUN VUM DEVIS ESTIMATIF IWWER D'ERNEIERUNGSARBECHTE UM BUEDEM VUN DER MAISON RELAIS SCHWEMM

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

An da gi mir iwwer bei d'Maison Relais Schwemm. Do hu mir en Devis virleien vun 67.000€. Do musse mir am Fong de „Revêtement du sol“, also de Buedem, frësch maachen. Dee muss raus geholl ginn, dat heescht enger-säits den ale Parquet, dat Holz, muss rausgeholl ginn, respektiv dann och den ganze Pech, well dat jo domadder ugemaach gouf. An natierlech gëtt dat ersat duerch Kautschuk, wat am Fong e gutt Material fir déi alldée-glech an gängeg Notzung vun de Biedem vun der Maison Relais ass. De Gemengerot mat dem Devis averstanen? **Och unanime.** Da soen ech iech villmools Merci.

4.8. + 4.9. APPROBATIOUN VUM DEVIS ESTIMATIF IWWER D'INSTALLATIOUN VU STOREN AM SALL HARTMANN VUM SPORTZENTER RENÉ HARTMANN + APPROBATIOUN VUM DEVIS ESTIMATIF IWWER D'REAMÉNAGEMENT VUN DE MÄNNER-A FRAVESTIAIRE VUM HBD AM SPORTZENTER RENÉ HARTMANN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Ech soen och dem Joël Freitas Merci och hei fir seng Presenz fir d'Schoulgebaier a mir géife weiderfueren. Vun de Schoulgebaier op eis Sportsinfrastrukturen iwwer. Do ass am Hartmann, do hunn mir am Fong zwee Projeten, zwee Devisen virleien. Ech géif einfach déi Zwee präsentéieren. Deen een ass fir dass mir Store maachen, fir effektiv d'Spillerinnen an d'Spiller ze schützen, wa se do hir Matcher maachen, respektiv wann do Sonnen-astralunge sinn. Dat ass en Devis vun 30.000€. Do hutt der och schonn effektiv en Devis virleien. An den aneren Volet ass – an et gouf jo och schonn am Kader vum Budget explizéiert – dass mir Vestiaire fir d'Damen a fir d'Hären vum HBD méi grouss musse maachen, well effektiv och generell méi Leit sech an deene Vestiaires ophalen, wéi initial bei der Planung, gréisser Kierf, och Kiné an alles mat era kënn. Dat bréngt da mat sech, dass mir en Devis vun 19.000€ musse maachen, fir do en Duerchbroch ze hunn. Dat zu deenen zwee Devisen. Froen? Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo ech wollt just eng kleng Remark maachen. Ech hat scho gesot bei de Budgetsdiskussiounen, also déi hätt ee kéinte vermeiden, wann een hei op déi Leit gelauschtert hätt. Virun allem wat d'Storen ubelaangt vum Hartmann. Wann een do op déi Leit gelauschtert hätt, déi scho bei der Begehung vum Chantier ware – deemools ware mer mat der Sportskommissioun a mam Gemengerot – do huet scho jidderee gesot „dat ass jo alles schéin, déi faarweg Fënsteren,



mee wann e Match ass, da beanträchtegt dat déi Equipe, déi an déi eng Richtung spillt. Dat war deemools scho gesot ginn, hätten ee kënne scho virgesinn, wann een do op d'Leit gelauschtert hätten. An idem och bei de Vestiären. Bon, et ass ëmmer fir ze soen „Mannschafte ginn ëmmer méi grouss“. Ech mengen, wéi den Hartmann gebaut ginn ass, war et awer ëmmer esou datt 15 Leit an eng Handballmannschaft ginn. An déi Kierf, ech mengen, déi waren deemools schonn sou grouss wéi haut. Wéi gesot, wann een do e bësse méi mat de Leit geschwat hätten, wäeren dat hei zwee Devisen, déi hätten mir kënne vermeiden. Déi hätten mer vu vir era mat an d'Planung eranhuelen. Dat villäicht mat op de Wee, an Zukunft villäicht déi Saachen e bësse méi am Virfeld schonn bësselchen ze duerchdenken. Da kënne mir esou zousätzlech Devisë villäicht vermeiden, Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci der Madamm Kayser. Den Här Claude.

BOB CLAUDE (LSAP): Jo, et ass wouer. Also Dir schwätzt vum der Besichtigung. Déi war de 6. Mee 2015 an deemools war nach net déi faarweg do, do war nach e Lach an der Mauer an do war just provisoersch eng Fënster do, an do huet een nach besser gesinn, wéi hell dat gëtt an deemools ass och scho gesot ginn, datt de Goalkipp, deen op der enger Säit steet, datt deen wa Mëttes gespillt gëtt, besonnesch am Summer a wann d'Sonn déif ënner geet, géint 17:00/ 18:00 Auer, da gesäit een net vill. Ok, dat ass wouer. Et ass eben ëmmer gesot ginn et wär net esou schlëmm an et ass och wouer datt de Club laang domat gelieft huet. Et gëtt och ëmmer méi gespillt, et kommen och ëmmer méi international Turnéieren dohin an do huet een och da gemierkt datt et eng Kéier Zäit gëtt eben, et huet och kee Wäert laang doriwwer ze streiden. D'Hauptsach, et gëtt elo eppes gemaach. Wat dat anert ugeet vum de Vestiären, ech mengen dat ass eréischt opgefall och wou mir déi Besichtigung gemaach hunn – do huet keen eppes gesi, well et Stack däischer do ënne war – et huet awer trotzdeem bei der Ouverture keen eppes gesot. Et ass bei den éischte Matcher, wou d'Remark vum den EHF Offizielle komm ass, an déi gesot hunn, déi Vestiaire si fir international Matcher ze kleng. An do ass da lues a lues opkomm, déi misste villäicht eng Kéier méi grouss gemaach ginn an, ech mengen, wann mir eng Kéier eng Léisung fanne fir zwee Vestiären an eng ze maachen, dat ass eng gutt Léisung, quitt datt et eppes kascht an och de Problem ass da geléist. Sou, Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Här Claude fir Är Stellungnam. De Loris Spina wollt eppes dozou soen.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo, ech well dann do kuerz enchainéieren. Dat ass deelweis richteg, wat elo hei gesot ginn ass. Awer dat wat net stëmmt ass, dass mir den Dialog mat de Veräiner net haten. Ech mengen, wou mir an der Planung waren, ëm 12, hunn mir do ugefaangen an dann hate mir natierlech – wéi mir dat als Schäfferot gewinnt sinn – Kontakt mat den eenzele Veräiner opgeholl an dir kënnt iech jo erënneren, dat war en Dialog kompetitiv an dat war kee Projet, wou déi dote Saachen, déi mir elo e bëssen norüsten, effektiv virgesinn haten, well de Programm vum de Veräiner opgestallt ginn ass an och den Austausch dat net direkt esou kloer ersichtlech war. Mir haten eis deemools wat d'Storen ubelaangt, war dat jo am Grimler och nogerüst ginn ass, hate mir eis déi Optioun opgelooss, mir kucken elo mol wéi de Verlaf an der Praxis wäert sinn a wann et dann jiddenfalls néideg ass, géife mir norüsten, well mir déi Méiglechkeet eben nach ëmmer hunn, esou wéi deemools och am Grimler an dowéinst maache mir dat och elo hei. An mat de Vestiären ass effektiv och esou. Do ware keng Vestiären an deenen eenzele Projeten déi méi grouss waren, wéi den heiten an effektiv, déi Evolutioun, déi dir zwar lo bëssen sou sot „jo, dat ass esou, dat kann een sou gleewen“, dat ass effektiv esou, dat huet sech esou entwéckelt an dofir ass an der Lescht déi Demande opkomm an dofir reagéiere mir hei och. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Voilà, Merci och nach fir déi dote Prezisiounen. An da géif ech proposéieren, datt mir zum Vott iwwerginn. Wien ass mat dem Devis averstane fir d'Storen? Dat ass unanime. An wien ass averstane mam Devis fir den Amenagement vum de Vestiaire fir den HBD Damen an Hären? **Dat ass och unanime.** Och do soen ech dann dem Gemengerot Merci.

4.10. + 4.11. APPROBATION VUM DEVIS ESTIMATIF FIR D'AMENAGEMENTSARBECHTEN FIR E BÜRO BEIM STADE ALOYSE MEYER + APPROBATION VUM DEVIS ESTIMATIF FIR D'INSTALLATIONSARBECHTE VUN ENGEM AUVENT BEI DER ENTRÉE VUN DE VESTIAIREN AM STADE ALOYSE MEYER

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da gi mer vum der enger Sportsinfrastruktur op déi aner, also vum Hartmann op de Stade vum Aloyse Meyer. Och do hu mer zwee Devisë virleien. Dat eent ass en Devis vu 16.000€. Dat ass am Fong fir en offizielle Büro anze-riichte vum F91, dee jo elo säi Büro hei vis à vis vum der Stadhausplaz opgeet, hei bei der Gemengeplaz, effektiv hei säin offizielle Büro ariicht. Dat ass do wou déi fréier Vestiaire waren. Déi sinn am Fong frei gi ginn, fir effektiv kënne Büroen do ze installéieren an da fuere mer hei mat engem klengen Investment hei vu 16.000 kenne mer do de Büro



wéi gesot amenagéiere fir dass effektiv den F91 säi Büro kann deemtspriechend hunn. An deen anere Projet ass och en Devis vu 16.000€. Dat sinn d'Vestiairen am Stade Meyer, fir do en Auvent ze maachen, fir deen do deemtspriechend och unzebréngen. Voilà, dëst sinn eis zwee Devisen. Froen dozou? Madamm Kayser?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo ma ech wollt froen, Merci. Fir déi Vestiairen, wou se zougemaach gi sinn, do huet et geheescht, se wäer verseucht. Dowéinst sinn ech awer ganz erstaunt, dass dat awer elo fir Büros-raimlechkeeten awer Ok ass an dann.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Verseucht elo net, mee verschimmelt.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Verschimmelt a belaascht. Jo mee dat war awer deemools gesot ginn. Op Lëtzebuergesch „versifft“, wéi kontaminéiert se wäeren, do ware mer elo ganz erstaunt, dass en do awer kann awer eppes doraus maachen. Do steet „Transformation réseau sanitaire 6.000€“. Ass dat dann esou, dass dee ganze Réseau sanitär erausgeholl gëtt? Ech war elo erstaunt ze héieren, dass se elo soten den F91, déi maachen hire Büro hei an der Strooss zou. Meng Fro ass: Wann déi dann elo hei bei eis erop hire Büro ariichten, bezuelen déi eng Locatioun ? Oder gi mir dee Büro gratis zur Verfügung well ech mengen hei hunn se jo awer en Geschäftslokal souzesoen, wou se awer och Loyer musse bezuelen. Dat ass awer, mengen ech, eng pertinent Fro, ob dat awer elo au frais de la princesse F91 zur Verfügung stellt oder ob mir do lo awer och Loyer kréien, voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi dote Froen. Nach weider Stellungnamen? Ass net de Fall. De Loris ass an de Startlächer.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo, fir do drop ze reagieren natierlech. Do ware Fiichtegkeetsproblemer well et senger Zäit en Duschraum jo war an déi Fiichtegkeet, déi dann do och all Dag op en neits opkomm ass wann déi Spiller geduscht hunn net an de Greff kritt an doropshin huet dann de Schimmel sech installéiert an dat ass elo mat der neier Notzung vun deene Raimlechkeeten net méi esou ginn. Et ass wéi de Buergermeeschter och ugedeit huet, t'ass natierlech natierlech vun der Santé analyséiert ginn an dass frei gi fir Büroen an net méi fir déi al Aktivitéit, dass Vestiairë mat engem Duschraum wier net méi méiglech awer well elo hei keng Fiichtegkeet dobäikënnt, ass et notzbar als Büro esou wéi aner Veräiner an Associatiounen si och e Büro hunn, en Depot oder en Reuniounsraum muss och den F91 hei näischt bezuele wann si an eise Lokalitéiten e Büro wäerten notzen sou wéi ech dat vum Veräi gesot kritt hunn ganz vill vun den Eltere sollicitéiert gëtt well se och do um Meyer, do wou

déi ganz Jugend aktiv ass an do de méi noe Kontakt hunn mat den Elteren deemtspriechend ass et ganz sënnvoll dass de Büro do an hiren Infrastrukturen installéiert ass. Ech mengen dat waren d'Froen, Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci da géif ech proposéieren dass mer zum Vott iwwer ginn. Wien ass engersäits mam Devis averstanen, engersäits mol fir den neie Büro vum F91? **Dat ass unanime.** Ween ass mam Devis fir den Auvent bei de Vestiairen averstanen ? **Dat ass och unanime.** Dann soen ech och hei dem Gemengerot Merci.

4.12.+ 4.13. APPROBATION VUM CONTRAT DE LOUAGE IWWER D'MISE À DISPOSITION VUN DE GEBAIER VUM CENTRE D'INCENDIE ET DE SECOURS VUN DIDDELONG UN DE CORPS GRAND-DUCAL D'INCENDIE ET DE SECOURS CGDIS + APPROBATION VUN DER TRANSFERKONVENTIOUN IWWERT D'GEBAIER VUM CENTRE D'INCENDIE ET DE SECOURS DE DUDELANGE UN DE CORPS GRAND-DUCAL D'INCENDIE ET DE SECOURS CGDIS

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dann gi mir op den nächste Punkt iwwer. Dat ass och schonn en Punkt, wou déi eng oder aner Kéier am Gemengerot diskutéiert gouf. Mir hunn hei zwou Konventiounen virleie fir „biens immeubles“ an och „biens meubles“. Konventioun tëscht Stad Diddeleng an dem CGDIS, respektiv dem CIS Diddeleng, déi jo eng Kategorie 3 ass. An mir beweegen eis an dës Konventiounen jo och am Kader vum Gesetz a wou effektiv jo och geholl gouf, wou am Mäerz 2018 gestëmmt gouf an dat jo en gewësse Kadersaz, respektiv d'Reglement Grand-ducauxen, déi am Fong dëst Konventioun deemtspriechend och reegelen, engersäits wat de Bau ugeet an op der anerer Säit – also d'biens immeubles an d'biens meubles – de ganze Volet ronderëm Fuerpark, respektiv am Fong dat ganzt Material, dat de CGDIS deemtspriechend och huet. Bon, fir dës Konventioun auszuschaffen ass de CGDIS mat enger Rei Gemengen am Gaangen Diskussioun ze féieren. Déi ganz Zäitchen ass jo hei, dass innerhalb vun den éischten zwee Joer Gesetz gestëmmt gouf, also Mäerz 2018 a Mäerz 2020, dës Konventiounen sollen iwwert d'Bün goen. Mir sinn also hei ganz kloer also och an den Delaien. Do waren eng ganz Rei och Diskussiounen a Reuniounen déi mer haten als Stad Diddeleng, zesumme mat de Mataarbechter vum CGDIS. Also wéi gesot, Schäfferot, eis Servicer, och Mataarbechter vum CGDIS awer och vum Diddelenger Centre d'intervention a respektiv war awer och – wou ech wollt och hei Merci soen – de Henri Glesener mat den Diskussiounen dobäi, well deen och e bëssen den Historique, duerch seng länger Zäit als Pompjeeskommandant, den Historique kennt vun der Evolutioun vum ganzen Zenter hei deemtspriechend och an



Diddeleng. An den Esprit an dem mir och dës Konventiounen ausgeschafft hunn ass den, dass mir am Fong déi exzellent Zesummenaarbecht, quitt dass elo d'Lienen aneschtters sinn och organisationnel, dat ass awer den Esprit vun der exzellenter Zesummenaarbecht, déi mengen ech hei zu Diddeleng ëmmer geherrscht huet, dass dësen Esprit och soll hei och an dëser Konventioun deementspreechend erëmfannen, quitt dass mir eis hei am Kader vum Gesetz beweegen.

Bon, wat déi éischt Konventioun ugeet, ass et esou, dass mir jo als Stad Diddeleng, souwuel Proprietär si vum Terrain, wéi och vum Pompjeesbau selwer, vum Centre d'intervention, a mir dat och wëlle bleiwen an et ass am Fong de CGDIS hei am Fong Locataire gëtt. Dofir hu mir hei en Contrat de louage, och wann d'Gesetz aner Méiglechkeete virgesäit. An dësem Contrat de louage tëscht dem CGDIS an der Stad Diddeleng ass et am Fong esou, dass mir eis un de Reglement grand-ducal uleenen. Ech mengen, dat ass och e bëssen de Kader kloer fixéiert ass a mat dem Raster jo och vun dem Reglement grand-ducal dëst Konventiounen gemeet ginn, fir och do eng gewëssen Equitéit ze hunn en Fonction vun der Kategorie vun de Centre d'intervention, wou déi verschidde Funktionalitéiten och halt gekuckt ginn, ass sou dass mir als Proprietär dem CGDIS folgend Lokalitéiten a senger Qualitéit als Locataire zur Verfügung stellen: Dat ass natierlech d'Hauptgebei an der Lëtzebuergerstrooss vum Centre d'intervention. Dat sinn awer och, als Annexë gesinn, engersäits zwee Emplacementer an eise Regiebetrieber am Garage Kommunal. Dat ass awer och en Depot am Centre sportif René Hartmann. Ech mengen, dat bleift selwecht par Rapport zur bestoender Situatioun, quitt dass am Fong deementspreechend och gereegelt gëtt. Bon, vu dass mir Proprietär sinn an de CGDIS Locataire, ass et natierlech esou dass alles wat Waasser, Heizen, Gas, Elektresch an och Poubellen de CGDIS muss iwwerhuelen. Bon, mir si Proprietär vum Terrain, also iwwerhuele mir natierlech den Impôt foncier. De CGDIS dierf dat doten, well mir et zur Verfügung stellen, d'Gebai net eng sous-location maachen, mee, och an dem Esprit als Stad Diddeleng awer och mam CGDIS zesumme fir de Benevolat weider ze ënnerstëtzen, fannt an dëser Konventiounen awer och, dass de Site selwer och de jonke Pompjeeën, respektiv der Amicale vum Centre d'intervention, wat jo elo och eng ASBL ass, och zur Verfügung gestallt gëtt fir hier Aktivitéiten, dann och den Esprit vun de Fräiwëllege weider wëllen Oprecht erhalen. Ech mengen, dass dat e ganz wichtege Aspekt ass um Niveau vun der Reform, déi stattfonnt huet. Dann muss natierlech de CGDIS déi néideg Assurancen ofschléissen. Dat ass Kloer. An muss natierlech och eis informéieren, wann iergendwellech Dégâts deementspreechend do stattfannen an dass mir natierlech och all zu all Moment do Abléck och hunn.

Dann natierlech déi Indemnitéit, déi mir hei och kréien, déi baséiert sech engersäits op eng Indemnité annuelle, eng Indemnité fonctionnelle an och eng Indemnité d'entretien. Dat ass och dat, wéi dat am Reglement grand-ducal virgesinn ass an do sinn natierlech och Indemnitéiten an der Héicht virgesinn an och a verschiddenen Zäitspane vum 01.07.2018 un bis 31.12.2018, vum 01.01.2019 bis den 31.12.2028 an dann ab dem 01.01.2029, wat jo och kloer sou am Kader fixéiert ass, dass eng Mise à disposition bis zu 35 Joer maximal ka gemaach och ginn. An dat bréngt natierlech och mat sech, dass en fonction vun de verschidden Indemnitéiten, mer och verschidde Montant kréien, wat d'Locatioun annuelle halt ugeet. Am Kader vun der Opschlësselung, sou kann ee soen, dass mir am Fong réckwierkend vum 01.07.2018 bis 31.12.2018 ronn 100.000€ Locatioun kréien. An ab dem 01.01.2019 bis 31.12.2028 leie mir bei knapp 200.000€ Locatioun, wou mir kréien. An dann natierlech ab dem 01.01.2029 manner, well jo do deementspreechend de sougenannte „facteur de dépréciation“ och deementspreechend spillt. Mir hunn déi heite Konventioun fir eng Durée vun 10 Joer mol fixéiert. Dat hu mir mol deementspreechend och dra gesat an hunn och eng Tacite reconduction, dass mir dës Konventioun opgesat hunn am selwechten Esprit, wéi mir jo lo säit Joren zesumme fueren an zesumme schaffen, hu mir och „dispositions spéciales“ dragesat.

Ech mengen, net wäit ewech hei vum Gemengerotssall hu mir de fréiere Pompjeeskasär mam Tuerm wou effektiv de CGDIS nach weider wäert notze fir hier Schläich, fir déi do kënnen ze dréchnen. Déi stelle mir hinnen och weider zur Verfügung, setzen awer och hei an der Konventioun dran, dass wann natierlech bis d'Aarbechten effektiv ugi ronderëm Renovatioun vun dem dote Gebai – mir hu jo och am Ufang vum Gemengerot driwwer geschwat, dass mir dat och wëllen an Ugrëff huelen, well dat dat lescht Gebai ass, wat jo renovéiert gëtt – dass dann natierlech de CGDIS muss kucken, seng Schläich op eng aner Plaz ze kréien, wou se kënnen dréchnen, well mir dann natierlech dat dote Gebai integral notzen an ab dem Moment net méi dem CGDIS zur Verfügung stellen. Dann eng aner Disposition spéciale, dat ass d'Buanderie, déi hei am Haus selwer ass, déi mir selwer als Gemeng notze fir eis Besoinen. Och déi hunn mir dem CGDIS zur Verfügung gestallt, wat mir och weider effektiv féieren, mee och déi Servicer, déi de CGDIS sech hei an Usproch hält, natierlech och deementspreechend facturéieren. Dat gëtt gemeet. An natierlech „frais de consommation et d'énergie“ vum Gebai selwer wäert hinnen och weider facturéieren. Do hu mir jo och gekuckt punkto Decompte an do wäert dann eng „Somme annuelle forfaitaire“ eis ausbezelt gi vum 13.200€. Do hu mir gekuckt par Rapport vum Decompte vum Joer 2018. An natierlech „nettoyage des locaux mis à disposition du CGDIS par la ville“. Och do gëtt dat



refacturéiert den Nettoyage, wou eis Gemeengepersonal jo botzt „au prix de revient“. Voilà, ech mengen dat sinn am Fong engersäits déi generell Positiounen, respektiv déi méi spezifesch Dispositiounen, déi mir deementspriedend hei, wat „biens immeubles“ ugeet.

Ech huelen dann och direkt, well dat jo och zesummen ass, déi Konventioun ronderëm d'„biens meubles“. Och do ass et net anescht, wéi bei der Konventioun ronderëm d'„biens immeuble“s. Mir beweegen eis am Kader vun dem selwechte Gesetz an do ass et natierlech och esou, datt engersäits „sans contrepartie financière“ den Transfert vun de Meublen gemeet gëtt, während der Period wou d'Konventioun net stattfonnt huet an ab dem Moment wou Konventioun ass kréie mir jo och en Remboursement fir déi Frais, déi mir hu missten droe vis-à-vis vum Material. Dat ass am Fong en Montant vun 189.122,81€. Dat ass dat, wat de CGDIS eis rembourséiert, wat am Fong d'Material en tant que tel ugeet an natierlech dat Material, dat befénnt sech op puer Plazen. Och behale mer de bestehende Charakter bäi am Hauptgebai an der Lëtzebuergerstrooss an anerersäits awer och an eise Garages communaux, an eisenm Depot sportif René Hartmann, awer och an eiser aler Serie, wou mir als Gemeng och Depoten hunn, och do huet de CGDIS Material deementspriedend leien. Dann ass awer och den Transfert vum ganze Fuerpark vum Charroi. Och do si mir eis eens ginn, dass de CGDIS déi Saachen, déi hie kaf huet recuperéiert, dass d'Gemeng awer och eng Rei Gefierer hält. Dir gesitt an der Annexe alleguerten d'Ween, déi opgelëscht sinn, respektiv di verschidden Plattformen, Cellulen, déi de CGDIS kritt. Ech spueren iech all déi Detailer vum Charroi, respektiv vun dem eenzelen Material, vun der eenzeler Schrauf bis, effektiv, d'Masken, Helmer. Wéi gesot, dat sinn all Saache wou ech iech Detailer erspueren. Mee dat fannt dir alleguerten, de ganzen Inventaire, de gemeet gouf, fénnt een deementspriedend och hei erëm.

Et ass, wéi gesot, eng Rei Elementer, déi, wéi gesot, de CGDIS kritt, wou se am Asätz jo brauche vum Fuerpark, wat evident ass an et sinn awer eng Rei Saachen, déi mir selwer d'Acquisitioun gemeet hunn als Gemeng, déi mir natierlech halen: Vun Camionnetten bis Minibus, respektiv Remorque an et sinn awer och verschidde Saache vum Fuerpark, déi mir halen, respektiv awer och dem CGDIS zur Verfügung stellen, awer och der Amicale zur Verfügung stellen am Kader vun hieren Benevolksaktivitéiten. Mee wéi gesot, den Gros recuperéiert de CGDIS wat de Fuerpark ugeet, an dir hutt an der Annexe D ganz kloer den Inventaire vum ganze Charroi, den si deementspriedend och halen – mam Joergang wou et kaf gouf, mat der Mark wat et ass. Wéi gesot, dat sinn déi Saachen, déi de CGDIS a sengem Alldag brauch fir den Asätz, wat jo och kee Sënn ergëtt, dass d'Gemeng déi Saachen hält,

well jo de CGDIS weider muss kënnen agéieren am Kader vu senger Missiounen, déi d'Gesetz him gëtt.

Dat ass mengen dat, wat ech wollt soe par Rapport zu den zwou Konventiounen, deenen mir hei en klaren Kader ginn, mee déi awer och, wann de Rapport tëscht Gemeng an CGDIS hautzedaags juristescher Natur en aneren ass, soll awer, deementspriedend wat Zesummenaarbecht ass, do am Fong weider fueren, wou se och bis elo déi lescht Joren am Fong weider gefuer ass, well dat läit jo och am Interêt vun der Sécherheet vun eisen Diddelenger Bierger. An och iwwert den Tellerand jo kucken, well den Diddelenger Centre d'intervention och regionale Charakter huet an och iwwert den Territoire vun der Gemeng Diddeleng intervenéiert. Voilà ech mengen ech hunn iech elo déi néideg Informatiounen ginn, wat dës zwou Konventiounen ugeet an d'Diskusioun ass op. Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Här Buergermeeschter. Et ass, wéi Dir sot, de CGDIS, also eise „Centre d'intervention CID“, wéi mir en nach ëmmer nennen. Den huet bis elo ëmmer eng exzellent Aarbecht gemaach, och an de grouse Krisesituatiounen. Ech denken elo direkt natierlech un de Brand bei der Profamilia. Dat ass nach net esou laang hir. Do war och déi exzellent Prise en charge vun de Leit, vun de Gebaier an alles, an och d'Koordinatioun vun der Aarbecht, déi war virbildlech an dofir och nach eng Kéier Merci op dëser Plaz un alleguerten déi Leit, déi bis elo intervenéiert sinn an déi warscheinlech och nach weider wäerten en gudden Déngscht fir d'Stad Diddeleng maachen. Bon de Buergermeeschter huet et gesot, zënter 2018 kréie Rettungsservicer eng aner Nues hei am Land. De CGDIS ass kreéiert gi wou – et muss een dat jo awer villäicht och eng Kéier erwänen – all Gemeng och seng Part bezilt. An eisem Budget 2019 waren 769.000€ virgesinn. 2020 ass dat erhéicht ginn op 777.459€. Et ass elo net als wiere mir total eraus do als Gemeng. Dat heescht, d'Gemeng finanzéiert och de CGDIS weiderhi mat. Do ass och villäicht och eng kleng Remark ze maachen, dass de Syvicol och dowéinst bëssen a Suerg ass. Bon, dir hutt elo gesinn, hei ass schonn eng Hausse vun der Participatioun vun der Gemeng. Ech weess elo net, wéi dat am Endeffekt herno am Gesetz virgesi war, ob dat dann elo plafonéiert ginn ass, well dat war ëmmer e bëssen eng Suerg vum Syvicol: Dass mir einfach alles a Rechnung gestallt kréie vum CGDIS an dat war an deene préliminaires Propositions de loi war dat nach net ganz kloer, virun allem wann ee weess, wéi eng grouss Gebailechkeeten de CGDIS an der Stad muss ënnerhalen an och wéi hier Poste sollten opgestockt ginn. Et war virgesinn, dass nach 200 administrativ Poste sollten bäikommen, 600-800 nei Postes operationnels sollte kreéiert ginn. De CGDIS gëtt jo deelweis vum Stad finanzéiert, awer och, wéi gesot, vun de Gemengen. Ech



weess elo net, ob do en Plaffongen dragesat ginn ass. D'Suerg vum Syvicol war jo och, dass soss d'Gemengen awer zimmlech vill géife belaaucht ginn, wann dat esou bësselchen eng ongewëss Zomm ass, déi – wéi gesot – all Gemeng soll dra bezuelen. Dat ass elo villäicht just eng Fro, déi ech nach stellen. Den Här Buergermeeschter weess villäicht do méi.

Dann, wéi gesot, mir si ganz frou, dass mir op de Wee gi vum Louage, dass mir Gebailechkeeten, den Terrain an sou weider, dass mir dat zur Verfügung stellen an net – wéi et och am Gesetz virgesinn ass, wéi een et och hätt kenne maache – verkafen, well ech mengen, dat wier e grouse Feeler gewiescht. Ech mengen, do war och kee Moment dru geduecht ginn, well einfach do wou de Centre d'intervention steet, dat ass eng strategesch esou wichteg Plaz matzen an Diddeleng, matzen an engem Wunngebit, wou een éischstens ka Wunnraum schafen oder Gemengenateliere ka bis dohinner ausbauen, do si jo verschidden Optiounen déi opstinn. Ech hunn dann awer nach puer konkret Froen: Mir kréien eng Indemnitéit och retroaktiv. Et war jo och esou, dass mir verschidde Leit vum Gemengepersonal fräigestallt haten, fir Aktivitéiten am Centre d'intervneiton ze maachen. Déi hate jo dann och d'Possibilitéit fir de Statut ze änneren fir de Gemengenemployer fir eriwwer ze wiessele bei de CGDIS während 3 Joer. Ech weess, dass mir e puer Leit am Ufank haten. Meng Fro ass: Sinn der do nach nogezunn oder net? An da meng zweet Fro: An der Indemnitéit vum 2018 Juli bis Dezember 2018, sinn do och déi Frais de personnel retroaktiv rembourséiert ginn, déi herno bei de CGDIS gewiesselt sinn? Ech weess, dass dat am Ufank och eng Diskussioun war, ob een als Gemeng kann dat ufroen oder net. Do villäicht just eng Prezisiounsfro.

Dann „durée résiliation“ – Mir hunn elo eng Durée ageschriwwen vum 10 Joer. Ech si frou, dass mir awer och dra geschriwwen hunn, dass mir kënnen och als Gemeng – also als Proprietär – och kënnen de Kontrakt opléisen, well et si jo zwee „cas de figures“, déi ee muss am Aa behaalen. Éischstens emol, wann den ominéise gemeinsame Center soll an d'Zone Riedgen eventuell iergendwann eng Kéier soll hikommen, wann dann d'Pompjeen sollte rausgoen aus dem Stadkär an dann an déi Zone goen, dann hu mir Gebailechkeeten dann natierlech zur Verfügung, da kënne mir de Planing drop maachen.

Zweetens ass awer och d'Fro, wann dat elo kee Stéck gétt, wann dat net richteg viru geet mat dem Centre d'intervention Beetebuerg-Diddeleng, de jo sollt dann op Riedgen kommen, wou dann awer nach Inconnue sinn, wou zum Beispill nach – ech hat et schonn eng Kéier gesot gehat – do leeft eng Bach op dem Terrain, wou sollt de Centre hikommen. Do si jo nach vill Inconnuen, wann dat elo sech net géif konkretiséieren a mir den Terrain

bräichte – fir e Projet ze maachen, e Wunnprojet oder, wéi gesot, eis Gemengenatelieren auszebaue – fannen ech et ganz gutt, dass mir do awer eng Méiglechkeet hunn, awer och ze soen „hei lauschter, mir mussen elo eng aner Léisung fannen“. Well ech denken net, dass mir eis den Terrain do awer hypothekéieren op eng onendlech Zäit. Dann am Artikel vun „dispositions spéciales“: Ech wosst dat net, dass d'Pompjeeën och nach hier Schläich hei am Pompjeesturm dréchnen. Dat fannen ech ganz witzeg. Mee d'Fro ass natierlech: Wou gi se dann duerno hin? Ech huelen un, dass se duerno dann an d'Stad musse goen, well déi hunn jo do en risegen Tuerm virgesi beim Rondpoint Gluck. Mee wann do dat ganz Land dohinner kënnt, wäert dat och net sou evident sinn.

Zu der Buanderie ass mir net ganz Kloer: Do steet dran, dass mir d'Buanderie selbstverständlech de Pompjeeën zur Verfügung stelle „ceci jusqu'à l'installation d'une solution alternative définitive“. Ass do erwaart, dass mir als Gemeng eng „alternative définitive“ ubidden oder ass dat geduecht, dass de CGDIS vun sech aus eng Alternativ ubitt? Dat war nach eng Fro déi ech gestallt hunn. Dann, wéi gesot, wat awer och gutt ass an der Konvention mam Transfert vun den Biens meubles, do steet jo Explizit dran: „chaque partie peut exclure exprèssement certains biens de ce transfert“. Ech sinn och ganz frou, dass de Buergermeeschter – ech hat dat schonn eng Kéier an enger Fro gestallt virun e puer Joer – wei ee Wee datt mir gaange sinn a wierklech och gekuckt hunn, wat mir bezuelt hunn, halen mir och zeréck. An dass mir do de Won zur Verfügung stellen, dat ass jo och selbstverständlech kee Problem. D'Fro ass – dat ass just eng Interessifro – wéi war et mam Beamer oder Computeren an sou Saachen? Sinn déi integral belooss ginn, well déi jo och schonn e gewëssenen Alter hunn? Oder war do och dru geduecht gi fir villäicht fir an aner Servicer hei vun der Gemeng fir déi ze recuperéieren, ob mir do Saachen zeréck geholl hunn an de Besetz vun der Gemeng?

Dann wollt ech awer och nach eng Fro stellen: Et war elo puer mol Rieds vun der Amicale vun de „Sapeurs pompiers volontaires“ an do hunn ech gesinn, datt mir am Budget 2.000€ fir dës Amicale virgesinn haten als Subventioun 2019. Déi gétt gehéicht op 5.000€ 2020, wat ech awer en immens héische Montant fannen. Wann ee kuckt, all d'Sportsveräiner an d'Sportsveräiner kréie Maximal 3.200€ Subventioun. Dofir ass meng Fro, firwat ass de Montant esou héisch? Zweetens: Wien ass do doranner? An dréttens: Wéi eng Aktivitéiten mécht dës Amicalen, fir déi héich Subventioun awer rechtzefäerdeg? Well ech hu mir nach am Ufank geduecht, et ass fir de Celtics ze organiséieren. Mee bon, do kritt de Celtic souwisou 75.000€ an dann d'„Journée prévention incendie“, déi ass och nach eng Kéier mat 5.000€ am Budget fixéiert. Voilà, dat waren nach e puer Froen, déi mir nach haten.



Awer mir si selbstverständlech averstane mat deenen zwou Konventiounen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci fir d'Stellungnam, d'Zoustemmung. Nach Stellungnamen? Den Här Glesener:

HENRI GLESENER (LSAP): Ech hat an dem Punkt virdru vun dem fréiere Liewe geschwat, ech stinn do dozou. Ech denken, dass scho quasi alles gesot ginn ass, wat ech mir eigentlech opgeschriwwen hat fir hei ze soen. Dofir kann ech relativ kuerz driwwer goen. An zwar mengen ech mat menge verschidden Interventiounen villäicht souguer verschidde Punkten beäntweren. Natierlech ass et um Buergermeeschter fir d'lescht Wuert ze behalen. Et ass also richtig, dass mir déi Konventioun, déi mir hei maachen, déi sinn entstanen op Basis vum Gesetz an ebe vun deenen Reglementer. Dat heescht, mir haten och net schrecklech vill Spillraum, wéi mir wat géifen oder kënne maachen. Den Här Buergermeeschter huet gesot, et sinn eng Partie vu Reuniounen gewiescht. Mee fir déi Reuniounen ze preparéieren, si wierklech eng Onmass Stonnen drop gaangen a mir selwer, deen zwar do quasi gelieft huet, war et ee Moment net méi bewosst, wéi Enk de fréiere Centre d'intervention eigentlech mat der Gemeng verbonne war. Dat geet iwwer d'Material, awer och iwwer d'Déngschtleeschungen. Dir wësst, dass ech jo éiweg, wéi ech agestellt war – awer als Gemengen- agestellte – do dra war, sou dass ganz vill Aufgaben iwwerhaupt net méi sou richtig kloer waren. „Ass dat dann elo d'Gemeng oder ass dat eigentlech dem CGDIS seng Aufgab?“. Dir hutt virdru eBeispiller ginn wou dat richtig beleen: D'journée de prévention ass net de Pompjeeën hiren Deel. Dat ass eppes, wat mir op Gemengebasis maachen a mir hunn an der Vergaangenheet ëmmer mam Centre d'intervention gemaach a bei de Budgetsdiskussiounen hat ech jo och gesot, ech hoffen dass mir dat och an Zukunft fäerdeg bréngen, dass si esou am Boot bliwen. Et ass iwwerhaupt wichteg, dass mir als Gemeng et fäerdeg bréngen, dass déi nei Struktur, déi do ensteet, sou bleift, wéi se war. Datt se sech och weider verantwortlech spiert fir den Deel vun der Sécurité générale, besonnesch d'Sécurité incendie vun enger Stad, an dass se net iergendwann just sou niewendrun lafen.

Natierlech sinn do ganz vill Saachen. Dir hutt verschidde Saachen ugeschwat. Och déi waren net esou evident. Dir hutt den informatischen Deel zum Beispill ugeschwat. Den Beamer ass am Sall bliwwen, dat ass Peanuts an dem Gesamtpackage, mee et war zum Beispill – fir do drop eng Kéier kuerz anzegoen – mir haten eng eegestänneg Telefonszentral am Zenter, déi jo och eegestänneg huet misse funktionéieren. Déi war och esou ofgeséichert, dass se iwwer Deeg a Woche funktionéiert hätt, wann mir mol kee Stroum méi gehat hätten (Siehe „Plan Cattenom“ a

sou weider). Déi selwecht Telefonszentral war awer och de gesamte Backup vun der Gemeng an ëmgedrënt. Dat heescht, wann eng vun deenen zwou ausgefall wier, dann hätt déi aner weider geschafft an ausser den Techniker, den hannendrun am Carré gespronge wär, hätt keen dat gemierkt. Esou Saachen waren der ganz vill an dat war och net Ohne fir dat ze trennen. Dat ass awer schonn ufangs 2019 gemaach ginn. De CGDIS huet dee jëtzege Stand, deen am Center ass, mat hirem Material – si funktionéieren och ganz anescht, dat geet alles iwwert de Centre informatique de l'Etat, dat heescht do si keng Telefonsleitungen, mee dat sinn informatesch Leitunge vun Staat, déi haut do leien, mat Ausnam vun nach e puer Klenggekeeten, wou mir um Gaange sinn drun ëmzebauen, ënner anerem eng analog Leitung, déi elo nach do besteet, bis dass dat – wéi mir och am Budget gesinn hunn – Brandmeldezentral nei maachen, da gëtt also och d'Transmissioun nei gemaach – och henken d'Schlüsselchief vun „Help“ oder „Sécher Doheem“ drun – all déi Saachen déi ginn am Laf vun dësem Joer ëmgeklämmert. An da kënne mir och nach déi Leitungen eweghuelen. Teschnech wär et en wansinnegen Opwand, wann mir déi Leitungen anescht geluecht hätten, wéi se Haut sinn. Ech mengen, déi kascht eis 27€ de Mount, déi bezuele mer, bis dass déi nei Zentral do ass, an da verschwannen déi lescht Grenzen dann och nach. Et war also déi gréissten Aarbecht fir emol ze sortéieren a fir alles beieneen ze kréien. Dat selwecht ass och beim Material gewiescht.

Mir haten en relativ impressionanten Deel Material, deen d'Gemeng eleng kaf huet a, laut dem Reglement vun haut, eigentlech tel quel kéint soen „mir wëllen iech dat net eriwuer ginn“. Do war also eng Analysen néideg vun all deene Materialien. En Deel dovun huet d'Gemeng och tatsächlech recuperéiert. Et sinn awer och aner Saachen dobäi, wou mir ugeduecht haten ze recuperéieren an déi sinn Alleguerten eenzel gekuckt gi mat eise Servicer, déi se da géifen nutzen oder bräichten. Do war ënner anerem den Nic Krumlovsky (ingénieur de la Ville), deen do an enger ganzer Partie Reuniounen ëmmer dobäi war an en huet ëmmer déi Leit mat bruecht, iwwert déi en da grad gaangen ass – sief et Charroi, sief et technesch Anlagen – an do war dann och en Deel dobäi, wou mir gesinn hunn, dass se net adaptéiert sinn oder net kompatibel waren zum Beispill mat de Gemengecamionen, fir se tel quel vun dem engen op den aneren dropzesetzen. An d'Etüd huet schnell erginn, wann mir se dann ëmbaue fir se do drop ze setzen, da wäer mir eigentlech do, wou mir soen kënne „komm mir kafen eppes Neits, wat einfach drop passt a mer loossen dem CGDIS dat Anert“. Awer ech kann lech soen, ech hat bei all deene Verhandlungen do d'Kap vun der Gemeng un an net déi al CID-Kap, well der Leit souze genuch vis-à-vis um Dësch, déi hier Kap unhaten. Wat ervirzehiewen ass, wat flott ass, ass dass déi Versamm-



lungen alleguer, och déi, déi hei op der Gemeng gelaf sinn an engem ganz flotte Kader gelaf sinn, an dass déi Leit aus der Direktioun vum CGDIS immens kulant waren an eigentlech och immens oft an eisem Sënn geschwat hunn oder diskutéiert hunn. Sou sinn eenzel Saachen net méi eenzel berechent gi well duerch d'Dépréciatioun vum Alter hätte mir souwisou näischt méi dofir kritt oder net vill, wou géint wann si se am Package draloossen da sinn dat Punkte ginn op dem Gesamtsystem, dass mir zum Beispill eng Otemschtzwierkstad zur Verfügung stelle mat all dem Material wat dran ass. Do hu mir Material net méi eenzel gekuckt. Dofir hunn mir awer Punkten dobäi kritt bei dem Verdeelungsschlüssel an dat huet dann ebe mat sech bruecht, dass mir awer um Enn weit iwwert 100.000€ konnte recuperéiere wat wann mir déi eenzel Saache versteet hätten sécher oder verhandelt hätte bis op Spéitz, sécher net eraus kritt hätten.

Den neien Zenter hutt dir ugeschwat. Ech well net virgräifen, mee genau dat läit an dem Deel PAG. Deen neien Zenter, den ugeduecht ass, dee kënnt jo an d'Zone „Riedgen“, déi mir awer reklasséieren oder ëmklasséiert musse. Dat maan mir jo, wann mir de PAG maachen. Dir hutt de gemeinsamen Zenter ugeschwat. Et ass nach ëmmer mäin, an ech denken de meeschte Verantwortlechen hire Wonsch, dass dat e gemeinsamen Zenter gëtt. Et ass awer onëmstridden, dass den Zenter dohinner wou e gebaut gëtt – an deemools stutzen déi zwou Gemengen um Dësch – dass de mat oder ouni Zesummenaarbecht dohinner gebaut gëtt. Mir hun Haut en Zenter vun der Kategorie 3. Wann Beetebuerg sech – wat ech net gleewen an hei net well uschwärzen – falls Beetebuerg tatsächlech net wëilt matgoen op déi Plaz, aus wat fir engen Ursaachen och ëmmer, da géif eng Kategorie 3 dohinner gebaut ginn. An wann se mat ginn, da gëtt et eng Kategorie 4. Awer e gëtt gebaut an e gëtt op déi do Plaz gebaut, an dat mécht och déi regional Aufgaben aus, déi si jo och verdeelt ginn. Mir sinn an Tëschenzäit elo schonn – a wann de neien Zenter gebaut gëtt, gëtt dat natierlech nach wieder ausgebaut – scho méi Schwéierpunkt Rettungswiesen an technesche Saachen. Mir hunn natierlech fir eis Stad e kloren Deel Pompjee. Awer dat ass net méi de Schwéierpunkt, wéi e virdru war. Virdru war méi Schwéierpunkt um Pompjeesdeel an et waren nëmmen zwou, respektiv dräi Ambulanzen am Zenter. An Zukunft si mir méi Schwéierpunkt Rettungswiesen an dat funktionéiert eben, well dat opgedeelt ass mat deenen aneren zesummen. Och dat huet zum Beispill erginn, dass mir Gefierer – et kéint ee jo soen „wisou huet een déi Gefierer, wann een se net méi bräicht“ oder „wisou hält d'Gemeng elo een zeréck?“, ma jo ganz einfach: um operationellen Deel haut, wann iwwert eng bestëmmten Zuel Leit alertéiert ginn, da gi souwisou Zentere ronderëm alertéiert an déi kommen dann och mat hirem Chauffeur an hirem Gefier an do ginn

et keng Problemer méi. Wougéint mir fir eis Jugendaarbecht awer zum Beispill sou Gefierer ganz oft samschdes an sonndes brauchen, wou eis Gemengenateliere se net brauchen. Also war et sënnvoll, do Synergien ze sichen: Wat fir e Gefier kënne mir dann op d'Gemeng ginn? An do hu mir gesinn, bei engem Mannschafts-Transporter ass souguer an d'Konventioun drageschriwwen ginn „les suivantes dispositions“. Dat ass haaptsächlech, fir dass déi Jugendaarbecht méiglech bleift a selwecht ka virun lafen, wéi an der Vergaangenheet.

Zum Schlauchtuerm, well Dir et ugeschwat hutt: D'Schläich sinn ëmmer hei gedréchent ginn an Haut gëtt nach Geleeëntlech Schläich vu klengen Asätz oder vun aneren Interventiounen, wou Schläich naass ginn, gi nach ëmmer hei gedréchent. Dat ass der Einfachheetshalber a bis aner Installatiounen an der Rei sinn esou. Mee de groussen Deel oder bei groussen Asätz gëtt an der Zone gedréchent, an dat ass fir eis, mir sinn an der Zone Süd, de Groupement Gëzenbiereg ass an der Zone Süd, an fir d'Zone Süd ass den Hauptzenter Esch, an d'Schläich ginn do gewaart an dat am Dag vu Profien. Och dat ass eng Entlaaschtung vun de Fräiwëllegen. Déi maan nach just Viraarbecht a maan se propper zesummen, fir dass déi net faulen a futti ginn. Da ginn déi awer do (zu Esch) an d'Rei gemaach. Dofir ass den Tuerm och elo nach sënnvoll an dat geet relativ propper iwwerteneen, wann mir déi Aarbechten bis ufänken an der Renovatioun, dass mir den Tuerm tatsächlech net méi benotzen... Dat géif stéieren, wann mir déi zwee, dat wäeren och Sécherheetsproblemer, da gëtt de Tuerm net méi genotzt. Bis dohin huet de CGDIS sech selwer déi Méiglechkeete ginn. Dat selwecht zielt fir d'Buanderie zum Beispill. Mir hunn déi Maschinen deemools zwar „Budget CID“ kaf, mee dat ass awer de Gemengebudget gewiescht, also déi Maschinen gehéieren integral der Gemeng. Et wat deemools och wichteg, dass hei op der Gemeng sollt stoen. Eise Service, den Nettoyage huet deemools – an dat ass haut nach ëmmer gültig – gesot, „Mir hunn Personal, wat mir temporär net kënnen op d'Liedere klamme loossen, erop an erof, déi kënnen awer an deem Beräich gutt schaffen“. Et ass also och eng sozial Iddi dobäi gewiescht an déi Maschinen ginn zu méi wéi d'Hallschent vun der Gemeng genotzt, fir Gemengematerial ze botzen an ze wäschen. Natierlech hu mir (CID) se gewaart a mir hunn se betreit, well déi speziell Wäschprogrammen, déi gebraucht gi fir Asazkleedung mat Reimpregnatioun an sou wieder, an och déi Gérance dovunn, déi hunn mer gemaach an de Moment bleift dat Ganzt also en Service communal. An de Moment sinn et d'Portieren hei vun der Gemeng mam Pascal Fusenig den eben dat fréier schonn gemaach huet, den d'Maschinen in und answendig kennt, deen sech drëm këmmert, fir dass d'Material do ass, dass alles funktionéiert.



An wéi de Buergermeeschter scho sot, wann mir weider Asazkleedung fir de CGDIS wäschen, da gi mir dofir remuneréiert au prix de revient. Mir verdéngen do kee Geld drop mee mir kréien dat awer zu Standardtariffer dann remuneréiert. An der Konventioun huet missten dra stoen, well et awer ka virkommen, dass zum Beispill de Weekend e gréisseren Asaz ass, wou dann bemol 20 Uniforme matenee géife kommen. Dann ass et net sënnavoll, dass déi méindes moies hei op engem Koup leien, mee da gëtt dat geschoulte Personal vum CGDIS, huet dann Accès hei, an en dāerf selwer wäschen. Déi eenzeg Plaz, wou si nach déi Maschinnen selwer bedriewen. De Rescht ass also d'Gemegepersonal. Dir hat vun der Amicale geschwat. Jo dat wat virdrun dat Veräinsliewen an dat operationellt Liewen. Dat war och einfach Eent. Dat waren déi selwecht fūhrend Leit, déi selwecht Leit, déi alles gemaach hunn. Et huet keen den Ėnnerscheed gemierkt. Mir probéieren, esou weider ze liewen, mee de legale Kader seet awer haut eppes anescht. Dofir huet déi Amicale sech gegrénnt an huet en ASBL Charakter natierlech an déi schafft weider. An eng vun den Aarbechten – doriwwer sinn ech net super happy, mee dat huet sech deemools sou erginn – d'Federatioun huet dat deemools gār sou gehat, dass d'Jugendarbecht net einfach vum CGDIS iwwerholl ginn ass, mee dass d'Amicalen dat kréien. D'Betreiung ass sécherlech perséinlech a ganz richtig an do leien awer e ganzen Pak Saachen drun, déi d'Amicalen fréier einfach och aus dem grouse Pott sech selwer konnte finanzéieren. Den Zenter do huet sech fréier ganz locker gehalten, well mir en Ambulanzcenter hatten an d'Ambulanzen hu richtig vill Geld eragefuer an iwwer Konventioun huet jo de Center Diddeleng déi Zāit 60 % vun deenen Einnahmen da kritt, fir sech ze geréieren. An do ass och ganz vill vun dem Geld awer rēm mam Material ragelaf. All déi Saachen, déi net esou einfach sinn oder wou een haut da muss Soumissioun maachen, fir se ze kréien, do konnt een lénks a riets ganz simpel an einfach am Sënn vun der Saach schaffen. An dowéinst sinn ech och frou, dass mir beim Budget do awer nach eng kleng Sprétz kréien, well dat Geld feelt. Wa mir de nächste Bilan maachen, da sti mir elo nach ganz gutt do, well mir hunn eis eng Mouk gehalten. Mee déi nächst Einnahme sinn „Thüringer verkaufen“ – net méi, wéi dat fréier war, dass mir richtig grouss Zomme vun der Ambulanz kritt hunn. Also ass et eng Amicale an engem Zenter, déi schafft all Dag. Et ass eigentlech nach ëmmer net dat selwecht, wéi déi meescht aner Veräiner. Also dat ass schon nach ëmmer en Deel vun dem Ganzen. An ganz besonnesch, déi wichtegst Aufgab, déi mir mengen ech als Amicale nach ëmmer hunn, ass dass mir déi Fräiwëlleg bei der Staang halen, well déi sinn Haut immens oft verwirrt „wat ass dat elo, wéi geet dat dann elo?“ déi muss ee vill méi betreien wéi virdu fir se ze motivéiere fir bei der Staang ze bleiwen, well si fillen sech an enger gewässer Konkurrenz vis à vis vu de Profien, déi mir awer brauchen. Well mir

hunn déi Profien net kritt fir schéin ze maan oder well mir déi Fräiwëlleg wëllen wechkréien. Nee, mir hunn eng Aufgab an déi bréngen mir net fäerdeg mat de Fräiwëllegen eleng. Also il n'y a pas le choix a schonn 10 Joer eier mir hei gelant sinn, kann ech iech soen, wann mir am Ausland déi grouss Zentre kucke gaangen sinn, wou mir eis jo inspiréiere gaangen sinn, wéi een sou nei Zenteren misst bauen, déi waren ëmmer erstaunt. Bei den Pompjeeën hatten se Verständnis, mee dass mir Rettungsdéngscht hei zu Lëtzebuerg mat Fräiwëlleger géife maachen, dat huet kee Land vun all deenen, déi ech mat kucke war, verstanen. Well dat hat keen, weder an Däitschland, nach a Frankräich a mir sinn nach wāit iwwer d'Grenz eraus kucke gaangen. Dat ass néierens esou. Bei eis war dat eng Gemeinsamkeet an do sinn ech frou, dass mir dat bis dohinner sou hi kritt hunn. An ech sinn och Haut nach frou, dass mir, also besonnesch hei zu Diddeleng hu mir, mengen ech, eng gutt Viraarbecht do gemaach gehat an déi Fräiwëlleg sinn nach ëmmer all bei der Staang, och wann emol een sech op Facebook opreegt. Et ass awer eng Minoritéit, déi sech opreegt. Déi allermeescht si frou, genau esou wéi déi vun der Garde casernée. Do si ganz kloer och Beeteburger, déi hei eriwwe bei eis kommen an erstaunt sinn. Ech kéint drāi Wochen driwwer schwätzen.

Just firum Schluss wëll ech awer e puer Mercie lass ginn an da loossen ech iech mat Rou. Ech well all deene Merci soen, déi elo gehollef hunn, den Iwwergang vum CID op CIS Dudelange ze ëmzesetzen an dat reiwungslos. Dat huet kee gemierkt, dass do en Stéichdatum dra war. Dat ass ganz vill vun eisem Gemegepersonal, besonnesch dem Ingenieur de la ville, deen Stellvertriedend fir all seng Servicer, der Direktioun vum CGDIS an do ganz besonnesch dem Här Di Genova, dem Direkter vun der Direction des moyens logistiques, awer och dem Chef de zone, den zoustänneg war fir déi ganz Konventiounen, dem Guy Bernard a sengem Adjoint, dem Roby Goergen. An dofir war et immens einfach, an deenen Reuniounen ze schaffen. Mam Roby Goergen war et, wéi wann een einfach mat Kolleegen um Dësch sëtzt, him de jo iwwert eng gefillten Éiwegkeet ëmmer fūrend Rollen an dem Zenter hat, an an deenen leschten Joren och, verdéngt, de Chef vun dem ganze CID war. Deen war natierlech beschtens placéiert, fir dat do alles propper ëmzesetzen an him dofir och māin ganz perséinleche Merci iwwert alles eraus.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Här Glesener, dem ass nāischt méi bäizefügen. De 14. Februar gesāit een d'Leidenschaft vum fréieren Pompjeeskommandant duerch an duerch. Dat ass och gutt esou. Ech wollt just nach villāicht op zwee méi iwwergoend Punkten agoen, well d'Madamm Kayser d'Fro gestallt huet. Den CGDIS ass jo en Etablissement public,



de jo zu 50% vum Staat a 50% vun de Gemenge gedroen ass. An am Gesetz dat 2018 gestëmmt gouf, gouf jo duerch effektiv eng Remark vum Syvicol jo agefouert, dass eng Brems antrëtt ab 2023, wou d'Depensen net méi héisch däerfe sinn, wéi d'Recettë par Rapport zu der Dotation communale. Ech mengen, dat do, dass déi Brems mat erakënnt. Dat heescht, do ass dem Syvicol och eng Rechnung gedroen. Och gi fir grad eben, dass dat net permanent weider leeft an effektiv d'Gemenge permanent mat weider finanziert. Ech mengen dofir, déi Brems gräift ab 2023.

Wat d'generellt Personal ugeet – ech mengen allegueren déi Leit, déi de Wiessel gemeet hunn, dat waren allegueren déi Leit, déi mir am Gemengerot haten an duerno, ass et mengen ech normal weider gelaf. Dat heescht, wann Leit de Wiessel gemeet hunn, ass et jo effektiv hei an de Gemengerot komm an ech mengen, do hunn mir jo och Allegueren gréng Luucht ginn, fir dass se de Switch kënnen maachen, an deemspriechend och de CGDIS. Mir sinn hei e bewusste Wee gaangen, effektiv vun enger Locatioun, well mir Proprietär si vum Bau, respektiv och vum Terrain. An natierlech, wann den neien Zenter gebaut gëtt, nieft der Husky – an ech mengen do lafen d'Etüden effektiv mat de verschiddene Ministère. Am Kader vum Plan sectoriel hu mir en éischte Schratt geholl. Am Kader vum PAG de Nächst. Mee d'Etüden mat den Ministère lafen weider. Den CGDIS gëtt de Bauhär, sou dass mer, wann den Neibau steet, deen doten Terrain natierlech wäerte kënnen recuperéieren, sief et fir den Ausbau vun de Gemengebetriber, sief et awer och matzen am Zentrum fir Wunnengsbau. Ech mengen, dat war och d'Iwwerleeung fir eben net ze verkafen, fir en pleine propriété engersäits kënnen ze bleiwen, respektiv ze recuperéieren, fir dann och weider Projeten kënnen do deemspriechend ze entwéckelen. Mee generell, well d'Fro gestallt ginn ass zu de Personalfrais: Dat concernéiert déi zwou Konventiounen jo hei net, well dat ass jo reng „biens immeubles“ an „biens meubles“. An alles wat Personalfrais ugeet, dat hunn mir jo am Gemengebudget, wou mir eis Parten jo... dat faasst jo op d'Circulaire ministerielle, déi kënnt am Kader vum Budget annuel, wou mir all Kéiers de Volet draschreiwen, wat eis Kontribution ass par Rapport zum CGDIS. An dat si jo déi 50% wat Diddeleng concernéiert. Mee déi sinn hei jo an der Konventioun net mat dran, well hei d'Personalfrais net vum professionellen Personal mat dra sinn. Voilà, dëst gesot, hate mir, mengen ech, déi ganz Diskussioun gefouert ronderëm d'Ausrichtung aktuell an zukünfteg vum CGDIS.

Ech géif proposéieren, dass mir zum Vott géifen iwwergeen. Wien ass mat deenen zwou Konventiounen avers-tanen fir „biens immeubles“ a „biens meubles“? **Dat ass unanime.** An da soen ech och hei dem Gemengerot Merci.

4.14.+4.15. APPROBATION VUM CONTRAT DE BAIL MAT DER KOOPERATIV „MAISON DU PEUPLE“ FIR D'LOCATIOUN VUM FESTSALL A SENGEN ANNEXEN AN AM GEWERKSCHAFTSHAUS OP 31, AVENUE GRANDE-DUCHESSE CHARLOTTE + MODIFIKATIONNE VUM KAPITEL XXII – SALLES COMMUNALES – VUM ALLGEMEINEN TAXEREGLAMENT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Mir komme weider op de nächste Punkt. Och déi géif ech 2 Punkten engersäits: En Contrat de bail mat der Société cooperative „Maison du peuple“, wou et drëms geet, dass d'Gemeng en Locataire gëtt hei zu Diddeleng vum grouse Sall vum Gewerkschaftsheim an natierlech hu mir och do um Niveau vum Taxereglement wat Locatioun ugeet och nach, natierlech, déi néideg Modifikatiounen musse virhuelen. Ech huelen déi zwee Voleten zesummen. Dat heiten ass jo am Fong en Punkt, wou d'Stad Diddeleng respektiv d'Gemeng Locataire gëtt bei der Maison du peuple, hei vertrueden duerch den Här Jean-Claude Red-ing, wou si eis de grouse Festsall vum Gewerkschafts-heim zur Verfügung stellen. Bon, well mir gemengt hunn, et ass net onwichtig par Rapport zu der aktueller Not-zung, dat dote Festsall hei ze notze wéi et de Moment de Fall ass a fir effektiv den dote groussen, den Hall, den Rez-de-chaussée, den Haapthall mam Couloir, mat den Sanitäre mee och virun allem den éischten Stack, wou een de Festsall fënnt mam Comptoir, mat der ganzer Sonorisatioun, dass mir do géifen Locataire ginn, fir do virun allem den Diddelenger Veräiner, fir virun hinnen, respektiv och net-Diddelenger Veräiner an Diddelenger Awun-ner, déi Lokaliteiten kënnen zur Verfügung ze stellen, wou mir natierlech awer och iwwert Präisspolitik steieren. Ob alle Fall loune mir hei eng Surface vu 661,08 Metercarré. Wéi gesot, de ganze Festsall huet och eng Sonorisatioun, déi mir zur Verfügung gestallt kréien, awer och eng Plaz wou Ausschank ka gemeet ginn, wou mir och de Veräiner wäerten zur Verfügung stelle fir d'Concessioun. Ech mengen, och dat kennt dann och de Veräiner ze gutt, wann se do eng Manifestatioun hunn. An déi Mani-festatiounen, déi do kenne stattfannen, sinn entweder Reuniounen oder Kongresser. Dat kënnen Ausstellunge sinn, Spektakelen, Receptiounen awer och eppes fir ze iessen, ouni dass awer eppes op der Plaz preparéiert gëtt. Do kann awer och en Ausschank gemeet gi vum Veräin, wann en seng Keess well opbesseren. Do kënnen awer och Familljefester, wéi gesot, gemeet ginn. Déi stelle mir natierlech den Diddelenger Veräiner zur Verfü-gung, wéi och den net-Diddelenger Veräiner. Ech mengen, de Wee hei hu mir virun allem ageschloen, fir en zousätz-leche Sall an eng zousätzlech Méiglechkeet ze bidden, och en attendant, dass den neien Hall Polyvalent an der Beetebuergerstrooss gebaut gëtt, de jo och dann an der selwechter Logik och Diddelenger Veräiner ze gutt kennt.



Den heite Contrat de bail leeft vum 01.01.2020 bis den 31.12.2022. Mir hunn eis hei géenegt, no méi längeren Diskussiounen, op en Loyer vun 3.400€ de Mount, de mir effektiv dem Gewerkschaftsheim iwwerweisen. Natierlech kann de Bailleur den heite Kontrakt à tout moment résilier. Mir maachen, vu dat mir Locataire ginn, däerfe mir net wieder cedéieren. Mir däerfen awer eng sous-locatioun maachen andeems mir natierlech zur Verfügung stellen. D'Gemeng selwer wäert jo d'Gestioun maache vun dem dote Sall. D'Gemengeservicer an mir wäerten natierlech och do mat den Veräiner eng Mise à disposition maachen, wou natierlech och ëmmer en Inventaire gemeet gëtt iwwert eis Servicer. Dann natierlech wäerte mir am Kader vun der sous-locatioun, mee virun allem als Locatioun, musse mir natierlech och déi néideg Assurances huelen, respektiv géint den Incendie responsabilité civile an natierlech déi ganz Réparation locative sinn op eiser Säit, op der Säit vum Propriétaire. Dat ass och rëm en classescht Beispill vun Propriétaire-Locataire Relation. Mir sinn hei am Kader vum Droit civil. An natierlech déi ganz Charge locative, iwwert déi mir virdru geschwat hu mam CGDIS, dee wou Locataire gëtt iwwerhëlt Gas, Waasser, Elektresch, respektiv de Volet musse mir och dann hei iwwerhuelen. Dat ass, mengen ech, dat wat hei reng de Contrat de bail ugeet. Bon, par Rapport zu der Mise à disposition, do ass dann de Règlement taxe. Do ass et jo natierlech esou, dass mir jo generell – an dat gëlt och fir dese Sall, de mir hei uloue – generell jo eisen Diddelenger Veräiner, respektiv wann et Fondatione sinn, déi éischter en karitativen Kader hunn, dass mir deenen natierlech déi Säll gratis zur Verfügung stellen. Ech mengen, dat behale mir jo generell ëmmer bei. Dat gëlt och bei deem Sall, deen Diddelenger Veräiner kréien et gratis. Net-Diddelenger Veräiner, déi net hiren soziale Siège hei hunn, déi mussen awer eng Locatioun bezuelen. Wann et Droit d'entrée ass, da bezuelen se 800€, ouni Droit d'entrée sinn et 400€. Wann Privatleit de Sall wëllen notzen, da bezuelen se 300€. Wann natierlech d'Administration publique – sief dat aner Gemengen an iergendengem Kontext, virun allem awer de Stad – et well notze fir iergend eng Manifestatioun, bezilt en 500€. A wann natierlech Société commerciale et wëllen notzen, da bezuelen se hei deementspreechend 1.000€. Natierlech ass an deem Kontext Prioritéit, déi mir eisen Diddelenger Veräiner och deementspreechend wëllen ginn an dat erënnert mech drun, datt ech virdru gesot hat, dass och wann mir Locataire sinn: Wann d'Gewerkschaftsheim, wann si selwer d'Lokal brauchen, dat natierlech mat hinnen ofgeschwat gëtt, an dass se am Virfeld och Bescheed soen, och am Kader vum Timing, vum Agenda, wéini dass se et brauchen, dass mir hei och de Wee fanen, dass net bemol zwou Manifestatiounen sech bemol iwwerkräizen, de selwechten Dag an déi selwecht Auerzäit. Mee ech mengen, dass dat hei de Wee ass, wou mir och mat hinne verfueren a wou mir och eng zousätzlech

Attraktivitéit den Diddelenger Veräiner bidden am Kader vum Veräinsliewen an och doriwwer raus, mengen ech, ganz kloer dann och d'Veräinsliewen stäerken. Voilà, dëst mengen ech sinn déi zwee Voleten, déi mir hei een an dat anert effektiv och agräifen an Diskussioun ass op. Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Här Buergermeeschter, ech hat just eng Kloeerstellung gefrot: Wa mir do am Text kucken „les sous-locations de l'OGBL seront toujours gratuites“ a wa mir weider ginn an den Taxereglement, wou da steet dass Privatpersounen vun Diddeleng kënnen de Sall kréie fir 300€, wéi ass et dann elo wann eng Persoun, déi net vun Diddeleng ass, iwwert den OGBL, deem se no steet, de Sall ufreet? Gräift dann de Saz „les sous-locations de l'OGBL sont gratuites“ oder gräift dann nach ëmmer de Saz, egal wat fir eng personne privée? Mee hei steet jo „Résident à Dudelange“. Wann et een ass, deen net vun Diddeleng ass, deen iwwert den OGBL kënnt, fält deen dann ënnert d'Taxatioun vun 300 oder fält en ënnert d'gratis Taxatioun vum OGBL? An eng zweet Fro, well mir hei bei de Säll sinn, déi d'Gemeng huet an zur Verfügung stellt fir Evenementer: Elo huet Gemeng jo och d'Kierch. Do war viru 14 Deeg e ganz flotte Concert, dee vun der Museksschoul war, awer och vum Rotary. Wann elo, soe mir mol, eng Associatioun wëll e Concert maachen an der Kierch, bezilt si dann och eng Locatioun un d'Gemeng, déi de Propriétaire ass oder sinn déi Saachen an der Kierch d'office gratis? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Nach weider? Madamm Andrich.

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV): Jo Merci Här Buergermeeschter. Ech hätt och nach e puer informativ Froen zu dem Bail. Et ass elo virdru gesot ginn, dir hätt no längeren Diskussiounen de Montant do vun dem Loyer ausgehandelt. Meng Fro ass: Hat dir do Vergläichsméiglechkeete mat anere Lokaler oder aner Beispiller? Wéi verhält de Präis sech zum Beispill par Rapport zu engem Prix du marché? An eng Fro, déi elo net esou kloer ass an der Destinatioun fir wat de Lokal ka benotzt ginn: Ass et och méiglech fir Reuniounen a Kongresser do ze maachen? Hei schéngt mir elo net kloer. Kann dat och fir Parteikongresser sinn, zum Beispill, well do hu mir awer e bëssen e Problem op der Schmelz gehat. Do war e bëssen sou eng ambivalent Haltung. Am Ufank gouf gesot, et ka kee Parteikongress an dann ob eemol sinn awer verschidde Parteien, déi do en Kongress ofgehalen hunn. Dofir wollt ech do awer eng Kloeerstellung zu dem dote Punkt hunn. Dat ware mol meng direkt Froen, Merci.

Ah jo entschëllegt, ech hat nach eng drëtt vergiess: Dir hutt och virdrun an Ären Ausféierunge gesot, dass dat heiten de Bail soll sinn en attendant dass den Hall polyvalent



lent oder de Foyer op der Beetebuergerstrooss fäerdeg gestallt wär. Ass dat esou dann ze verstoen, dass de Bail dann effektiv villäicht nëmmen eng Dauer vun dräi Joer ass an duerno gëtt suspendéiert? Ass dat schonn esou kloer an der Approche vum Schäfferot oder wéi ass dat do gemengt? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci. Villäicht och nach eng Zousazfro wat d'Leit dobaussen interesséiert: Mir hunn elo guer net iwwert den Hild geschwat. Ass och do iergendwéi an der Zukunft eppes Konkretes geduecht, wéi d'Zukunft vum Hild soll ausgesinn? Well dat jo och en Sall ass, dee gären och vun eise Veräiner benotzt gëtt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Weider Stellungnamen? Madamm Heinen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Ech wollt froen, ob d'Gemeng hei eng reng Vermëttleraufgab iwwerhëlt oder och mol selwer do Concerten organiséiert? A wéi e Service këmmert sech dorëm. Ass dat de Fêtes et Manifestations?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Nach weider Stellungnamen? Madamm Oliveira.

EMILIA OLIVEIRA (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, Dir Dammen an dir Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot. Mer als LSAP hate schonn ëmmer en oppent Quer fir d'Veräiner an d'Associatiounen hei zu Diddeleng. Op dat elo Jugendveräiner sinn, Sportsveräiner, ob een sech zesumme fënnt fir Musek ze maachen oder aner Fräizäitaktivitéiten – mir maan eist Bescht, fir dat eis Veräiner a gudde Konditiounen schaffe kënnen an domadder e liewegt Zesummeliewe stattfënnt. E groussen Deel vun eise Bierger hunn an hirem Liewen de Wee an dat sougenannte Gewerkschaftsheim fonnt. Sief et op Baler, Theatervirstellungen oder aner Manifestatiounen oder gréissere Versammlungen. Do wou souguer international Stäre wéi d'Juliette Greco oder d'Scorpions opgetruede sinn, kënnen vun elo un all d'Diddelenger sportlech, kulturell, sozial oder souguer politesch Associatiounen dës viru Jore renovéierte Sall fir hir Reuniounen a Kongresser, Ausstellungen, Concerten, Danzmattinéeën, dat heescht Kannerbaler, benotzen. A well och am Sall e Comptoir ass, kënnen d'Veräiner sech och e puer batter néideg Sue verdéngen. Ob duerch dës nei Konventioun elo mol fir dräi Joer, kënnen mer lo och dee grousse Sall vum Gewerkschaftsheim eise Veräiner ubidden. Dës zu deene selwechte Konditiounen wéi den Hild, dat heescht, se kënnen gratis vum Sall profitéieren. Dat hunn eis Veräiner

sech scho laang gewënscht an d'LSAP huet e weidere Punkt an hirem Walprogramm ëmgesat. Dës flotte Sall kann och vun net-Diddelenger Veräiner oder Associatiounen gelount ginn oder och nach fir Privatzwecker, wéi zum Beispill en Aperitif vun enger Hochzäit oder Familljefester. Och hei besteet e groussen Besoin. Dës Konventioun ass op alle Fall eng gutt Saach fir eis Veräinswelt. Dofir vu Säite vun der LSAP hutt dir eis vollsten Ënnerstëtzung. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Merci der Madamm Oliveira fir hir Stellungnam. Nach weider Stellungnamen? Et ass net de Fall. Gutt. Da géif ech lo op e puer Punkten agoen an da mengen ech och nach, de Loris Spina. Par Rapport zu deen dräi Interventiounen vun der CSV: Hei gëtt gekuckt, mat wem mer den mis à disposition maachen. Ob et eng Associatioun ass oder ob et eng Privatpersoun ass. An da spillen natierlech och déi selwechte Mechanismen an deem Kontext. Ech mengen, et ass un där Logik wou mer deementspreechend hei verfueren. Entweder personne privé oder Associatioun, Diddeleng, net Diddeleng – do spillen natierlech och d'Krittäre vun der Tarifikatioun. Par Rapport zur Kierch hunn ech lo net richteg verstanen. Et dierf een net Äppel mat Biere vergläichen, well bei deene Manifestatiounen op déi Dir lech referéiert, do war jo d'Musekschoul Organisateur. Dir waart jo selwer do, dann hutt Der gemierkt, dass den Organisateur d'Musekschoul war an d'Schüler, déi vun der Musekschoul priméiert goufen, zwar priméiert goufen effektiv vum Rotary, mee den Organisateur vun der Manifestatioun, vun deem Ganzen, war d'Diddelenger Musekschoul. Dat heescht, mir hunn eis hei beweegt am Kader vun der Konventioun, déi mer hei am Gemengerot guttgeheescht hunn an do gëllt natierlech och dee selwechte Prinzip, wéi bei all aner Manifestatioun, déi do stattfënnt. Dir hutt jo och do d'Dispositiounen gelies, vun eiser Konventioun, stinn, dass mer do den Accord brauche vun der lokaler Kierchfabrik, respektiv vum Paschtouer, wann eng Manifestatioun do deementspreechend stattfënnt. Dat heescht, hei sinn déi kloer Mechanismen, déi mer an der Konventioun virgesinn hunn, déi och par Rapport zu der doter Manifestatioun gegräff hunn, vu dass et d'Musekschoul war, respektiv d'Schüler aus der Diddelenger Musekschoul. Mer hu jo do déi Tarifikatioun, déi leeft iwwert den Apport, dee mer jo finanziell bréngen, dee jo an der Konventioun jo och festgehalten ass. Dat si jo grad ebe fir Manifestatiounen, déi d'Gemeng organiséiert, sief et Coursë vun der Musekschoul, sief et Concerte vun der Musekschoul. Dat gräift dann effektiv dann hei deementspreechend deen dote Volet.

Par Rapport zu der Demande vun der Madamm Andrich par Rapport zu hirem Prinzip, ob mer eis orientéiert hätten zum Prêt du Marché: Ech wëll just soen, mer bezuelen



hei 5€ de Metercarré. D'Initial, ech mengen dir gesitt, wat mer hei vu Loyer bezuelen, déi initial Diskussioun, war de Loyer bal dat véierfacht par Rapport zu deem wat mer hei an der Konventioun festhalen. Der kënnt lech jo orientéieren, vu wou déi initial Virstellung vu Loyer ausgaange sinn vun der Maison du Peuple a wou mer schlussendlech hei gelannt sinn. Ech géif lech alleguete gudden Appetit wënschen, mee awer och géif ech mengen, dass mer hei awer kënne conformément, wéi den Ordre du jour et virgesäit, weiderfueren. Par Rapport zu Ärer Fro vu Parteikongressen: Natierlech kann och déi dote Lokaltéit genotzt gi fir, wéi gesot, Generalversammlungen, respektiv och Parteikongresser. Wat eise Centre Culturel ugeet, do hunn am Fong bis elo nach ni Kongresser en tant que tel stattfonnt. Mir hunn do scho mol de klengen Auditoire zur Verfügung gestallt fir Konferenzen. Dat hu mer scho Mol gemeet oder eng Assemblée Generale. Mee wierklech e Parteikongress am Centre Culturel, dat hu mer am Fong nach ni en tant que tel gemeet. Do hu mer scho Mol d'Sportshal zur Verfügung gestallt, mee effektiv huet e richtege Parteikongress am Centre Culturel en tant que tel ni stattfonnt, well mer och net – well et soll wierklech d'Ausrichtung bleiwe vum Centre Culturel. Mer wëssen awer, dass mol de klengen Auditoire, déi eng oder aner Kéier genotzt gouf, fir eng Konferenz. Ech mengen, déi Ouverture behale mer bäi. Mer wëllen awer mengen ech aner Lokaltéiten éischter zur Verfügung stellen, wéi elo klassesch de Centre Culturel. Dofir, mengen ech och deen heiten, dee ka genotzt ginn, respektiv och den Zuftger Hall Polyvalent, dee mer bauen. Och dee, mengen ech, kann herno genotzt gi fir Kongresser, well een do eng polyvalent Notzung dofir ka maachen. Dofir och den Numm „Hall Polyvalent“.

D'Iddi ass schoonn ze kucken, dass een dat heiten dräi Joer hält. Wann natierlech hei deen neien – mir si jo och hei wëssend dass mer am Moment an enger Situatioun sinn, wou eng Demande do ass, mir sinn hei Locataire. Natierlech wa mer herno en neien Hall Polyvalent do stoen hunn, wou mer och Proprietär sinn, gétt et jo éischter Sënn, deen zur Verfügung ze stellen an aus der Locatioun erauszeklammen, wa mer do aner Modalitéiten och hunn. Nach ass ze kucken, wann d'Demande oder den Drock sou staark ass, kënne mer och weider hei Locataire bleiwen, fir eng gewësse Vilfalt ze bleiwen, mee d'Iddi ass jo schoonn dass wann een en neit Gebai huet, wou een dann och Proprietär ass, dass een éischter dat notzt, wéi an engem Gebai ze bleiwen, wou ee Locataire deementspriedend ass. Mee et wëll een sech lo hei net verschléissen, mee et ass awer bëssen d'Logik, an där mer eis hei befannen. Wat den Hild ugeet, ech mengen dat ass en aalt Gebai. Dran ze investéieren huet mengen ech net méi vill Wäert. Ech mengen ech gesinn am Budget 2020 hu mer virgesinn, e bëssen effektiv eng nei Sonorisation ze maachen, respektiv nei Rideaue fir do e bëssen

de Bestand ze optiméieren. Mee ech mengen dat ass en aalt Gebai. Dat beloesse mer de Moment sou wéi et ass. Mir hu jo d'Perspektiv vun engem hei neien Hall Polyvalent, deen och deementspriedend kënnt. An et ass och esou, dass normalerweis de Service Fêtes et Manifestations publiques deen heite Sall soll geréieren. Ech ginn elo d'Wuert hei weider un de Loris Spina.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Majo Merci fir déi flott Virlag, Här Buergermeeschter. Ech enchainéieren dann och genau do. Effektiv ass et eise Service Fêtes et Manifestations, deen hei d'Agenda vun deem heite Sall fir Lokaltéiten och féiert. An d'Josianne, eis Informatikschäffin huet mer lo nach confirméiert a geflüstert, dass mer do eng déi E-Mail-Address salles@dudelange.lu d'Veräiner an d'Leit kënne notzen, fir do Kontakt opzehuelen awer och soss iwwert den normale Wee, wou se eise Service kënne erreechen, deen dann d'Gestioun vun deem heite mécht. Et ass effektiv eng flott weider Geleeënheet, déi mer hei notzen als Iwwergangsphase. Ech mengen d'Demande, wéi mer lo alleguete wëssen an héieren hunn, déi ass do. An ier eben déi nei Salle Polyvalente prett ass, hu mer hei d'Opportunitéit genotzt, fir deen dote Sall, dat dote Lokal, an där Form ze notzen, dass mer eben eng weider Alternativ kënne eisen Diddelenger ubidden. Ech mengen dat ass eng gutt Geleeënheet a mir sinn alleguete frou, dass mer da lo och hoffentlech de Moien den Accord vum Gemengerot kréien, fir dass mer kënne lassgoen. Well et si scho Leit, déi hunn inoffiziell ugefrot, also d'Demande, déi ass ganz kloer do an dofir, dat gétt eis dann och déi néideg Bestätegung, dass et dee richtege war, fir déi heiten Initiativ ze huelen. Den Hild, effektiv, wollt dat awer och nach drunhänken, deen ass zwar schoonn, en huet scho puer Joren um Bockel, nach ass en extrem beléift an ass och ausgelaascht an och do fannen ëmmer rëm ganz vill Aktivitéiten a Manifestatiounen statt. A mer als Gemeng, och op déi Fro anzegoen, wäerten natierlech och do déi heiten nei Lokaltéiten am Heim notze fir eis Eventer a Manifestatiounen och kënne do duerchezéien, well och mer plazen an eise Méiglechkeeten aus allen Néit a sinn och frou als Gemeng, fir dat dote kënne lo zur Verfügung ze hunn. Voilà, Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Loris fir seng zousätzlech och Erklärung nach. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott géifen iwwergoen. Wien ass engersäits, also fänke mer do mat deem éischten un: Wien ass mam Contrat de bail averstanen? Dat ass unanime. Ech soen dem Gemengerot Merci. A wien ass mat der Modifikatioun am Taxereglement averstanen? **Dat ass och unanime.** An d'Diddelenger Veräiner, wéi gesot, wéi den Här Spina sot, freeën sech, dass effektiv déi dote Lokaltéit sou schnell wéi méiglech an hirem Veräinsliewe kënne an Usproch huelen.



4.16. APPROBATION VUN DEN NOTZUNGSTARIFFER FIR D'VERDEELUNG VUM NATURGAS AN DE MODIFIKATIONE VUM KAPITEL XIV – GAS – VUM ALLGEMEINGEN TAXEREGLAMENT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Mer géife mat de Gemegefinanze weiderfueren. Wéi all Joers mussen mer hei, wat effektiv de Réseau vum Gas ugeet, d'Durchlaufgebühr festsetzen. Dat ass e Präis, dee gëtt eis hei imposéiert, respektiv festgesat vum Regulateur, vum Institut Luxembourgeois de Régulation, den ILR. An do gesitt der, dass am Fong fir d'Joer 2020 effektiv déi Durchlaufgebühr fixéiert ass vum Compteur G4-GA16. Dat ass am Fong fir d'Privatmenagen 0,1347€; Composante capacité, déi ass bei 0€; Compteur 27G: 40; Composante volume: 0,06€; Composante capacité ass 46,18€; de Compteur G64 – dat ass d'Industrie – dat ass Composante volume: 0,04€ a Composante capacité ass 63,60€. Dann hu mer d'Redevance mensuelle fixe fir d'Segment 1G4G16 ass 7,46€ de Mount; G25G40 ass 30,72€ de Mount; G65 ass 50,15; G100: 65,49 a G400: 175,96€. Voilà, dat zu der Durchlaufgebühr. Ass de Gemengerot domadder averstanen? Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Meng Fro: Hänkt dat dann elo mam Index zesummen oder gëtt dat all Joer ugepasst?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Jo, dat gëtt all Joer ugepasst. Dat hei mussen mer all Joer am Gemengerot effektiv adaptéieren. Den Institut Luxembourgeois de Régulation huet jo de Rôle als Regulateur. Dee muss natierlech och kucken, wéi de Marché évoluëiert an en Funktioun vun der Evolutioun vum Marché fixéiert en dann déi Präisser, déi mussen applizéiert ginn. A vu dass mir effektiv e Proprietär si vum Gas wier a vum Gas, mussen mir dat heiten applizéieren, voilà. Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Villmools Merci.

4.17. MODIFIKATIONE VUM KAPITEL XXI – REPAS SUR ROUES – VUM ALLGEMEINGEN TAXEREGLAMENT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dann eng aner Adaptatioun, déi mer mussen maachen, effektiv do Här Gangler, wéi gesot, do spillt den Index. Voilà, dat ass beim SERVIOR och de Repas sur roues. Am dem 1. Januar 2020 ass de Präis vum Repas 10,65€ an de Präis vun der Livraison 4,02€. An dee mussen mer och dann hei adaptéieren, respektiv guttheeschen. Ass de Gemengerot mat deem Präis averstanen? **Dat ass unanime.** Da soe mer lech Merci.

4.18. + 4.19. + 4.20. APPROBATION VUM MOTARIELLEN AKT FIR D'CESSION GRATUITE MAT DER MADAMM LILI LIN, DEM HÄR NICO ZHAN AN DER MADAMM DAINA ZHAN FIR ENG PARZELL VUN ENGEM TERRAIN AN DER RUE LENTZ + APPROBATION VUM MOTARIELLEN AKT FIR D'CESSION GRATUITE MAT DER KOPPEL IRELA SUBASIC AN ADIS ECO FIR ENG PARZELL VUN ENGEM TERRAIN AN DER RUE DR ALBERT SCHWEITZER + APPROBATION VUM MOTARIELLEN AKT FIR D'CESSION GRATUITE MAT DER GESELLSCHAFT STUGALUX CONSTRUCTION FIR ENG PARZELL VUN ENGEM TERRAIN AN DER RUE DE LA FONTAINE

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dann komme mer riwwer op dräi Actes de cession gratuite. Ech géif lech proposéieren, dat ech déi dräi einfach zesummen huelen. Dat eent ass den acte de cession gratuite tëscht der Madamm Lili Lin an dem Här Nico Zhan. An d'Madamm Daina Zhan a mat der Gemeng Diddeleng. Dat ass am Fong Null Oar, 33cent/Ar an der RueLentz. Dat ass e klengen Deel also vun der Voirie an dee gëtt am Fong cedéiert gratis fir als am But de Cuidité publique fir effektiv an d'Voirie publique mat integréiert ze ginn. Dir gesitt effektiv dass dat do um Eck ass RueLentz, RueAntoine Zinnen, also do direkt virum Restaurant, den Deel vum Trottoire. Dann ass déi nächst acte de cession gratuite tëscht dem Här Adis Eco an der Madamm Irela Subasic an tëscht der Gemeng Diddeleng. Dat ass an der RueDr Albert Schweitzer. Dat ass och eng Place voiriée. Dat sinn 21cent/Ar an och am Kader vun der GT publique, d'Intégration an d'Voirie publique. Och do gesitt der wou dat ass an der Albert Schweitzer Strooss, dee klengen Deel, deen integréiert gëtt. An déi drëtt a lescht cession gratuite, dat ass tëscht der Stugalux Construction S.A., hei vertrueden duerch den Här Patrick Moes an den Joël Schons an der Stad Diddeleng. Dat gëtt an der Ruede la Fontaine. Dat sinn 0,21Cent/Ar an dat sinn 5,85 Ar. Dat ass am Fong wou dee Projet gemeet ginn ass mat der Stugalux, en Deel vun der Strooss, respektiv déi Art Parkplazen, déi do am ëffentleche Raum entstane sinn, déi effektiv gehéiere jo der Gemeng an iwwert déi cession gratuite kommen déi dann och integral an de Besëtz vun der Gemeng Diddeleng. Voilà, dat zu dësen dräi gratis Cessionen. Froen dozou?

Kënne mer déi dräi zesummen ofstëmmen? Ass dat fir de Gemengerot ok? Wien ass averstane mat deenen dräi Cessionen? **Dat ass unanime.** Da soen ech och hei dem Gemengerot Merci.



4.21. APPROBATION VUN ZWOU KONVENTIOUNEN IWWER D'BENOTZUNG VUM PASSAGE BEI DER BUTSCHEBUERGER SCHOUL

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da komme mer op eng Approbation vum zwou Konventiounen, déi eng Servitude definéieren tëscht der Gemeng Diddeleng, fir déi éischt, tëscht der Gemeng Diddeleng an dem Här Adelino Dos Santos Oliveira, deen hat op 27 an der route de Boudersberg gewonnen. Dat Ganzt huet jo domadder ze dinn, fir d'Fluxen ze reguléieren an der Butschebuerger Schoul. Och den Autosverkéier virun allem während der Schoulzäit, fir deem awer eng gewësse Barrière ze setzen, si mer higaangen a hunn den Accès regléiert iwwer Barrièren. Lo ass et awer sinn dass am Fong dovun hei déi zwou Konventiounen engersäits Bierger sinn an den Här Adelino Dos Santos Oliveira ass een dovunner, deen déi Barrière muss beusprochen, respektiv iwwert den Terrain vun der Gemeng muss fueren, fir seng Garage ze kommen. An dofir musse mer hei eng Konventioun maachen, wou mer him dat och erméiglechen. Dat heescht, dofir soe mer och hei, dass den Här Adelino Dos Santos Oliveira ebe Proprietär ass vu der Parzell a pro Parzell natierlech seng Garage ass. Déi gehéiert zur Maison unifamiliale, dass hien natierlech just accessibel ass iwwert déi Barrière a wouriwwer da mussen eng Servitude maachen, dass en dat och just därfer notzen, fir a seng Garage ze kommen. Dass en dofir dann och e Badge kritt, fir do eran ze kommen. Natierlech huet déi Barrière, ass installéiert ze gi vun der Gemeng Diddeleng an och op hir Fraisen an natierlech därfer och wat d'Notzung vun därser Barrière ugeet, respektiv de Passage, dat decidéiert dann och deementspreechend d'Gemeng.

D'Obligatioun vum Här Adelino Dos Santos Oliveira sinn déi, dass natierlech net därfer iergendwéi Barrière manipuléieren, ausser effektiv en huet dat zur Verfügung gestallt kritt och huet an natierlech, dass dës Konventioun conclu ass „à durée indéterminée“ a gëtt natierlech och, mengen ech lo, op den Här Dos Santos Oliveira. Wann natierlech iergendwann eng Kéier d'Haus sollt verkaf ginn an en neie Proprietär sollt dohinner kommen, muss natierlech och d'Konventioun frësch gemeet ginn an natierlech all Kéiers op de neie Proprietär vun der Garage. Dat ass déi eng Konventioun an déi selwechte Prinzipie spille vun der Servitude fir den Här Léon Zimmer an d'Madamm Tina Stefanetti, déi op der 29, am Fong d'Nopere si vum Här Adelino Dos Santos Oliveira an déi am Fong och dat brauchen, fir an hire Gaart ze kommen. Och do natierlech déi selwecht Konditioun gëlle fir déi dote Servitude. Voilà, dat zu der Erklärung effektiv wou mer hei mussen reegelen, well mer effektiv déi Barrière do installéiert hunn. De Gemengerot: Froen, Remarken dozou? Dat ass net de Fall.

Da géife mer effektiv ofstëmmen. Wien ass mat deenen zwou Konventiounen averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech och hei dem Gemengerot Merci.

4.22. EXTRAORDINÄR VERDEELT SUBSIDEN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da komme mer eriwier op d'Subsiden. D'Subsiden extraordinaires engersäits fir en Diddelenger Sportsveräin, de CAD, fir eis Dammen, well se d'Coupe des Dames 2019 gepackt hunn, respektiv, wéi gesot, well se d'Coupe kritt hunn. Dat sinn 350€. An 100€ fir d'Fédération des acteurs du secteur social (FEDAS), dat sinn 100€.

Ass de Gemengerot mat deene Subsiden averstanen? Jo? **Dat ass unanime.** Villmools Merci.

5. AMENAGEMENTSAARBECHTE VUN DER GEMENG

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dann hätte mer de Volet „Gemegefinanzen“ hannert eis an da gi mer iwwer op de Volet „Aménagement communal“. Do hu mer am Fong dräi Projeten.

5.1. PUNKTUELL MODIFIKATION VUM AMENAGEMENTSPLANG „LENKESCHLÉI“

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dat eent ass eng Modifikatioun vum Plan d'aménagement particulier „Lenkeschléi“. Ech begrëssen och an eiser Ronn hei eis Mataarbechterin d'Eva Gottschalk, dat zu eis gestouss ass. Hei geet et am Fong ëm eng Modification ponctuelle vum PAP „Lenkeschléi“. Dir hutt gesinn, dass mer déi am Fong Prozedur hei lancéiert hunn den 18. Oktober 2019, well mer och do saiséiert goufen, vun der Famill Britz, déi Proprietär ass vun zwou Parzellen op Lenkeschléi an déi gefrot huet, statt zwou Maisons jumelées, effektiv déi zwou Parzellen zesummenzebrénge fir do eng Maison unifamiliale kënnen ze bauen. Et ass also eng kleng Modifikatioun vum PAG. Hate mer jo och virun e puer Méint jo hei gemeet ronderëm de PAP zu Bireng, deen awer de fond d'encamble de PAP en tant que tel net a Fro stellt.

Et ass just eng technesch kleng Modifikatioun. Bon, do muss een natierlech déi ganz Prozedur entaméieren. Et muss een och natierlech déi Demande an den Interieur eraschécken. Dir hutt jo och den Avis vum Interieur do virleie vun der Ministesch, déi seet dass par Rapport zu der Demande vun der Famill Britz-Krämer, dass dee konform ass par Rapport zum Gesetz 2004, dass se



sech do deementspriechend och net opposéieren. Dass do natierlech och eng Enquete publique lancéiert gouf, dass do och net weider Reklamatiounen deementspriechend gouf, well d'Famill Britz jo och Proprietär ass vun deenen zwou Parzellen, sou dass mer an eiser Deliberatioun vun der Famill Britz, nodeem engersäits och den Inneministère gréng Luucht ginn huet par Rapport zu der Modifikatioun, respektiv awer och keng weider Reklamatiounen komm sinn, sou dass mer am Fong déi heite Modifikatioun deementspriechend kann, wéi gesot, entgéint goen. Voilà, d'Diskussioun ass op. Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Just zur Kloverheet: Also well mer jo den Delai versträiche gelooss hu fir de PAG, fir déi éischt Saisine ze maachen, däerfe mer jo lo keng nei PApé méi maachen, mee eng Modification ponctuelle vun engem PAP kënnen mer maachen?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dat hei ass jo eng Modifikatioun, déi ass jo virum 1. November an d'Prozedur. Also Nee, d'Modifikatioun vum PAP kanns de maachen, genau, genau, jo. Nach weider Froen? Dat ass net de Fall.

Ass de Gemengerot mat der Modification ponctuelle averstanen, Quartier „Lenkeschléi“? **Dat ass unanime.** Da soe mer lech villmools Merci an, mengen ech, d'Famill Britz-Krämer och.

5.2. APPROBATION VUM AMENAGEMENTSPLANG „RUE EDISON“

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da komme mer op en PAP an der Rue Edison. Dat ass e PAP, deen effektiv hei presentéiert gëtt vum Architektbüro „Cotugno Domenica Architecte“ fir d'Sociétéit Immo Recto Verso S.à.r.l. de Projet gouf dem Gemengerot presentéiert den 3. Mee 2019, deen hu mer lo och a Prozedur geschéckt e puer Deeg duerno. A mir hunn elo en hei Avis virleie vun der Cellule d'évaluation vum Inneministère, 17. Juni 2019, wou eng Rei Projeten derogéiert zu enger Rei Punkte par Rapport zum PAG. Dir gesitt och, an ech géif herno drop agoen, dass eng Rei Modifikatiounen vum PAG Rechnung gedroe gouf, respektiv dass awer och en cours de route de PAP geännert gouf, well nieft de Remarque vum Interieur jo och d'Noperen am Fong och reklaméiert och, well jo och eng Enquête publique gelaf ass, well do Reklamatiounen vun den direkten Noperen erakomm sinn, respektiv och vum Här Thill. Mer haten och de 24. Juli, och wann d'Prozedur vum PAP et net virgesäit, net obligatoresch ass, hate mer awer eng Auditoun vun den zwee Reklamanten an et ass och doropshin de Projet effektiv ëmgeännert ginn hei an der Rue Edison, wou mer och villäicht kéinten

– de Patrick ass kuerz eraus, oder d'Eva kann dat villäicht maachen – de Projet projezéieren, wou e sech befënnt.

Op alle Fall si mer hei an enger Situatioun wou Wunnengsbau entsteet a wou eng Verbesserung vun der aktueller Situatioun ass, well awer de Moment dat Ganzt bëssen sou e Schloff ass par Rapport zu der Ausrichtung. D'Konformitéit, wann ech elo op den Avis vun der Cellule aginn, d'Konformitéit vum PAP par Rapport zum PAG, do gouf am Fong gesot, dass de Cellule d'évaluation der Meinung ass, dass am Fong dräi vu véier Derogatiounen effektiv zu enger Amélioratioun bäidroen an effektiv dann och kënnen zum PAG derogéieren. Mer musse jo soen, dass mer hei e Projet haten, wou fënnef Wunnunitéite waren, wou hannen effektiv kee Recul war an et ass och duerch d'Reklamatiounen – ech mengen dir gesitt jo och de ganzen Dossier vun de Reklamanten, déi do waren – och effektiv vu fënnef Unitéiten op véier Unitéiten zeréckgaange sinn, wou och duerch d'Alignement no vir och natierlech no hannen effektiv e gewëssenen Ecart par Rapport zu der Front hanne konnt Entstoen, wat och mat sech bruecht huet – an et war och mengen ech e Kritikpunkt, wou keng Derogatioun war vum Interieur, dass déi Wand, déi gezu gouf, ouni effektiv hannen de Recul vun deene fënnef Meter eng riseg Wand huet misse gezu ginn a wou jo och do d'Reklamatioun war vum Här Thill, dass engersäits hien a sengem Depot net méi déi néideg Luucht hat, respektiv joa wer och de CGDIS eng Remarque gemeet huet, dass awer do d'Sécherheet, respektiv den Accès net garantéiert ka ginn, wann effektiv e Brand géif Entstoen, net ze schwätze vun der Liewensqualitéit och fir déi Leit, déi do wunnen. Dofir mengen ech ass engersäits nodeems d'Front no vir gezu gouf, respektiv véier Unitéiten entstane sinn an och mat engem Accès an der Mëtt, mengen ech och dat galant geléist gouf.

Engersäits Accès par Rapport zum Depot fir de CGDIS, respektiv awer och an der Héicht mengen ech e bëssen erof gesat ginn ass, respektiv no vir gezu ginn ass, si mengen ech och deene Punkte Rechnung gedroe gouf, respektiv sinn awer och 30% déi effektiv fräi si vun toute construction an amenagéiert musse ginn. Och deem ass deementspriechend Rechnung gedroe ginn. Sou dass am Fong duerch d'Formulatioun vun deene Remarques – voilà, do hutt der de Projet och virleien – duerch d'Formulatioun vun de Remarque vun och den Noperen, mer hei eng Situatioun hunn, wou net fënnef mee véier Wunnunitéite sinn, wou duerch den Accès an der Mëtt engersäits och de CGDIS d'Méiglechkeet huet, un den Depot runzekommen, respektiv un d'Haiser runzekommen, wann e Problem wär, wou awer och hannen d'Reculle garantéiert sinn, wat och eng considerabel Amélioratioun vun de Liewenskonditiounen fir d'Leit, déi do kafe wäert och kommen an deementspriechend awer och



déi Situatioun do, wou lo oft eng Situatioun ass, wou effektiv éischter Garage sinn, awer do e kleng Projéit um Niveau vum Wunnengsbau entsteet an deem och awer eng Amélioratioun, eng urbanistesche Amélioratioun deem-entspreechend awer och stattfënnt. An et muss een awer och soen dass et gutt ass an esou enger Prozedur, dass d'Leit reklaméiert hunn, well dat och considerablement dozou bäigedroen huet, dass de Projéit evoluéiert an dass och natierlech souwuel de Bauhär, wéi och d'Architektin d'Madame Cotugno weider um Projéit geschafft huet, fir och effektiv zu engem Entschluss ze kommen vum engem Projéit, dee mer lech haut hei presentéieren, deem an där doter Strooss zu enger Verbesserung vum der aktueller Situatioun och wéi gesot bäidréint, dat effektiv dank der Reklamatioun och vum Här Thill, respektiv vum der Famill Maltes Batista. Voilà, dat zu den Erklärungen zum PAP Rue Edison an d'Diskussioun ass op. Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Eng Detailfro: Deen éischte Projéit, deem um Dësch louch, huet de Schäfferot dee schon iergendwéi op den Instanzwee geleet, andeems dunn en Avis au Public gemaach ginn ass wouropshin d'Reklamatiounen komm sinn. Oder war e scho méi wäit fortgeschrott an deem Stadium, wou e war, dee jo awer wierklech eng urbanistesche Doudsënn war:

EVA GOTTSCHALK (VILLE DE DUDELANGE – SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES): Also wann ech richteg verstanen hunn, mengt Der déi Versioun, déi mer an d'Prozedur geschéckt hunn. Oder wat war eng Doudsënn? Déi éischt Versioun? Jo, effektiv an dës war déi Versioun, déi mer an d'Prozedur geschéckt hunn, also dat heescht pour avis an den Interieur an de Ministère, an déi och dem Public virlooch, während der Enquête publique. An doropshin ass deem also ugepasst ginn. Deem hunn ech och normalerweis dobäi. Dat doten ass déi Versioun, wéi et elo vum lech wäert gestëmmt ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Genau, dat sinn déi véier Wunnunitéiten. Bon, ech wëll lech lo hei net verstoppen, dass mer onsäglech Diskussiounen haten och mam Promoteur vum Ufank un, well d'Virstellung ganz anerer ware wéi nëmme véier Wunnunitéiten, wat awer net zu enger urbanistescher Amélioratioun bäigedroen hat. Si waren och schon eier d'Prozedur lassgaangen ass, waren och schon Diskussiounen mat der Cellule, respektiv si se an den Interieur gaange fir schon Diskussiounen ze féieren och mat eis zesammen, wéi de Projéit kéint amelioréiert ginn, well d'Virstellung vum Promoteur anerer waren awer hei mengen ech och duerch d'Uwwerschaffung vum Projéit eppes virleien hunn war awer anstänneg a propper ass, wou een och kann

zoustëmmen, well – muss ech lech lo och hei soen – wann de Propriétaire op senger Approche beharrt bliwwer, dat hate mer och am Kader vum den Diskussiounen gesot, wat d'Unzuel vum de Wunnunitéiten ugeet hu mer och ee Moment mat der Iddi gespillt, de Gemengerot kommen ze loosse an de Projéit net ze stëmmen, respektiv kee positiven Avale ze ginn, well ee Moment geduecht war, de Projéit awer sou wëllen duerchezéien. Bon, en ass nach zur Asicht komm.

EVA GOTTSCHALK (VILLE DE DUDELANGE – SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES): Also an dat do, dat ass elo déi Versioun, déi quasi aviséiert gouf, wou d'Leit drop reklaméiert hunn, mat de fënnf Unitéiten, déi – wéi de Buergermeeschter schon erkläert huet – déi vill méi wäit zeréckspréngt. An dat mat der Mauer, mat hinnen dann de Rez-de-chausséeen dann och verbaut op engem Niveau ouni Gaart. Voilà. Déi aner Versioun ass wéi gesot déi wéi se elo ugepasst gouf, wéi se dann elo ka gestëmmt ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): D'Madame Andrich an dann nach d'Madame Goergen.

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV): Ech hu just nach och eng kleng nach Verständnissfro, well den Agencement vum deenen Haiser hannendrun, deem ass mer lo net kloer, wou déi hir, .. also do ass jo deem Abstand do vu fënnf Meter hinnen. Wou hunn déi hir Entréeen? Déi Haiser, also net deem do Projéit, mee déi aner Haiser, déi do ronderëm sinn. Ass do näischt méi? Also alles wat do an der Mëtt war, dat gëtt elo do verschafft? Well do ware sou Fotoen do, vu Garagen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Hannendrun ass den Depot vum der Entreprise Thill. Lénker Hand, do wunne Leit. Déi hunn hiren Accès do. Déi wunne scho säit éiweg do. Fir déi changéiert fondamentalement näischt, ausser dass hire Reklamatiounen Rechnung gedroe gouf an op der Säit ass näischt.

Do ass jo d'Strooss. Dat heescht an deem Sënn sinn déi Leit, déi do wunnen, a kengster Weis an hiren Aart a Weis, wéi se hir Accésen notzen, ageschränkt. Dat ass net de Fall. Madame Goergen.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci Här Buergermeeschter. Also déi Plaz, vun där mer lo schwätzen, gehéiert fir mech zum alen Deel Diddeleng an ech ka mech erënneren, dass do Kuele gelagert gi sinn. Fir aus der komplizierter baulecher Situatioun nach eppes Sënnvolles kënnen rauseschloen, war sécher net einfach. Et konnt ee sech froen, wéi dee Bauterrain, dee sou gënsteg no beim Zentrum läit, kéint genotzt ginn, bei all deene Contrainte vu mangelnder Déift a vum enger grousser Hal,



déi dohannert steet. Wann ee sech den Dossier ukuckt, da mierkt een och, dass e puer Uleef gebraucht gi sinn an dass och Reklamatioune komm sinn, déi ganz liicht nozevollzéie waren. Et ass och gutt, dass deem Rechnung gedroe ginn ass. Et hunn och missen Derogatiounen zu Baubestëmmunge gemaach ginn a schlussendlech ass e Projet rauskomm, deem de komplizéierte Bedingungen awer gutt ugepasst ginn ass. D'Sécherheetsbedingunge gi respektéiert duerch d'Passage zum Hangar zwëschent den Haiser erduecht. Anerersäits bleift hannert den Haiser eng Gréngfläch, sou dass och net alles versiggelt gëtt mam Aligement vun den hënneschte Fassaden ass och dem Noper seng Doleance berécksiichtegt ginn. Also mir kënnen also mam Projet, sou wéi en hei virläit, ganz d'accord sinn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci, Madamm Goergen, fir Är Zoustëmmung. Den Här Zuang.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Voilà, mat deem Projet gëtt also eng weider Baulück erschloss. Hei gëtt d'Situatioun, wéi se lo ass, vum Urbanisteschen hier, op d'mannst fir mech, verbessert. De Projet selwer ass och wierklech besser ginn, wéi mer lo gesinn hunn. Et sinn eng ganz Rei Verbesserungen komm par Rapport zum initiale Projet. Et gëtt elo bësse méi "lëfteg", souwuel an der Mëtt, wou e Passage kennt, wou den Accès assuréiert ass fir eis Pompjeeën, awer och dass d'Leit mol weinstens eng kleng Gréngfläch hannert dem Haus hunn, anstatt wéi virun déi fuechtbar ominös Feiermauer, déi iwwert ee Meter nach hätt missen iwwer d'Hal erausgoen. Dat wier jo wierklech, wéi Der scho sot, Här Buergermeeschter, wierklech qualitativ fir d'Leit, déi do gewunnt hätten, e bësse prisonsänlech Zoustänn gewiescht. Bon, wéi gesot, dat ass also flott, dat elo wierklech e bësse méi "Loft" an de Projet komm ass, an domat fir d'Leit, eng qualitativ Opwäertung. Dann ass och mat deem Projet wéi en hei virläit, dem Här Thill senger Reklamatioun Rechnung gedroe ginn, dass hien direkt Luucht a senger Hal behält. A wéi et scho gesot gi war, dem Här Malves senger Reklamatioun ass och Rechnung gedroe ginn, dass den Aligement vun den hënneschte Fassade vun der geplangter Konstruktioun alignéiert soll si mat deemjéinege vu sengem Immeubel. Dat heescht, et ass voll Zefriddenheet vun de Parteien an an deem Sënn ass de Projet lo akzeptabel a mir ginn eis Approbatioun.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci och fir déi doten Zoustëmmung. Nodeems, mengen ech, all Partei hei Stellung geholl huet, géif ech proposéieren, dass mer zum Vott géifen iwwergoen. Wien ass mam PAP Rue Edison, sou wéi en hei virläit a verbessert gouf, averstanen? **Dat ass unanime.** Och hei soen ech dann dem Gemengerot Merci.

5.3. APPROBATION VUM EXÉKUTIONSPROJET A VUN DER KONVENTIION IWWERT DEN AMENAGEMENTSPROJET „BIRENGERSTROOSS“

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

An da gi mer op de leschte Punkt iwwer, Punkt „Aménagement communal“. Dat ass de PAP „An der Birengerstrooss“, sou wéi en och presentéiert gëtt vum Architektbüro Dagli fir d'Société Roubur S.A. De PAP hate mer jo schonn hei am Gemengerot. Mer haten och eng Modification ponctuelle gemeet virun e puer Méint hei an deem Sall a lo ass am Fong d'Convention d'exécution vum PAP tëschent der Société Roubur S.A., vertrauden duerch den Här Falz an den Här Barnich, déi hei dann optrieden als „Maîtres d'ouvrage“. Hei geet et jo ëm e Projet vun 13 Logementer am Ganzen tëschent der Birengerstrooss an der Rue Pierre Theis: zwee Meublen op véier Unitéiten, zwee „maisons unifamiliales jumelées“ an dräi „maisons unifamiliales“, sou wéi mer et am PAP hei gestëmmt och haten den 8. Juli 2019. Dat war effektiv jo déi punktuell Modifikatioun vum PAP. An hei ass eben, wéi gesot, de Projet d'exécution, wou mer da soen, dat heescht fir all Bau vun all Unitéit effektiv brauchen se eng Baugeneemegung vun der Gemeng. Et ass natierlech den Terrain, dee cedéiert och hei gëtt, inférieure ass zu deene 25%. Dat sinn am Fong 5,7%, déi se cedéieren am Kader vum PAP. Mer froe jo – an dat hate mer och schonn am Kader vum PAP hei diskutéiert – eng Soule bis 15% Dat ass wéi gesot, déi 9,3% an do kréie mer jo dann – dat steet jo hei dran – déi gutt 156.000€, wou mer jo – an dat gesitt der jo och an den Dokumenter – déi Spillplaz, also déi effentlech Plaz, an der Birengerstrooss, Rue Jean Bierchem, dat kann ee villäicht eng Kéier kuerz ablenden, dass mer do jo wollten eng Spillplaz maachen. Déi Sue mengen ech kommen eis zegutt. Mir kënnen déi jo froen. Et muss jo ëmmer e Lien direkt sinn, wat mer eng Soule froen, wann een ënnert deene 25%. Ech mengen, dass mer dat jo esou argumentéiert haten am Kader vum PAP jo och dat gutt geheescht kritt hunn vum Interieur, sou dass mer déi heite Sue kréien, fir déi dote Plaz flott ze amenagéieren, well jo och an der Proximité immédiate deementspriedend ass.

De Maître d'ouvrage muss hei eng garantie bancaire gi vu 70.200€. Do huet ee jo och Devisen hei virleien, déi am Fong dat ausmaachen, fir déi garantie bancaire ze ginn. Natierlech en contrepartie vun der garantie bancaire, kritt dann och dann d'Baugeneemegung. Also dee muss da fir d'éischt liwweren, ier en och dann d'Baugeneemegung kritt. An natierlech och hei déi ganz Troittoiramenagement vum Terrain dee cedéiert ass, ass effektiv och hei festgehalten am Projet d'exécution. A mir mussen natierlech och de Contrôle maache vun der Exekutioun vum Projet d'exécution an natierlech och fir all Projet d'exécution d'Aménagement, wéi gesot, vum Trëttoir, déi



gi jo provisoersch gemeet an herno wann et ganz fäerdeg ass, wann de ganze Projet fäerdeg ass, gëtt natierlech den definitive Belag gemeet an da gëtt natierlech och der Gemeng och hei alles cedéiert, sou dass et och konform ass zum néidege Sécherheetsmoosnamen an dann natierlech wann d'Aarbechten net géife gemeet ginn, d'Infrastrukturaarbechten net géife gemeet ginn innerhalb vun engem Joer nom Ufank vun den Aarbechten, da kënne mer natierlech par simple lettre recommandée drop hiweisen an da kann d'Gemeng natierlech d'Aarbechte fäerdeg maachen an natierlech déi Fraisen aktiv beim Maître d'ouvrage, bei der Sociéité do, récupérerieren an natierlech och ëmmer zum Schluss eng Konventioun, déi ass jo net „à durée indéterminée“, mee déi heiten ass expérimentéiert „de plein droit“ wann innerhalb vun zwee Joer vun deem Moment, wou se approuvéiert gëtt vun der Autorité supérieures, also dem Inneministère. Effektiv, dann ass se periméiert, wann se net ugefaangen hätte mat den Aarbechten. Voilà, dëst gesot ass dat de Contenu: Also eng kllassesch Convention d'exécution vun engem PAP, deen och engersäits eng Baulücken erschéisst an op der anerer Säit awer och eng nei l'effentlech Infrastruktur wäert entstoen, duerch déi Sulte, déi mer kréien. Si Froen dozou? Madamm Goergen.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Ech hätt just eng ganz kuerz Stellungnam, awer och eng Fro, déi dozougehéiert. Also mir sinn d'accord mat dësem Projet d'exécution. Mir haten ursprüngelech och dem Bauprojet zougestëmmt, well e gutt sech un d'Haiser vun deene Stroossen upasst an en interessanten Aspekt ass jo och déi Cessioun vum Terrain, wéi déi gereegelt ass, dass d'Gemeng do eng kleng Parzell kritt an zousätzlech awer och dee Montant vun 156.000€ fir eng nei Spillplaz. Mee hunn ech dat elo richteg verstanen, dass een Deel Terrain, dee mer lo kréien, iwwert dem Kollekt vum der Diddelenger Baach läit? Heescht dat dann, wa mer deen net hätten, oder net kritt hätten, da wär den Zougang zu deem Kollekt privat? An da wäeren net méi op fir eis Servicer. Well et ass op enger anerer Plaz, hu mer sou eng Situatioun, déi e bësse quokelesch ass, wou mech nach ëmmer iergert, dass do privat... jo, ok. Ech soen net méi dozou. An da steet awer an deem Projet d'exécution elo näischt extra iwwert de schounenden Émgang mat de Lannen an ech wollt an der Pierre Theis Strooss, ech wollt froen, ob dat awer geséichert ass. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Froen? Dat ass net de Fall. Da géif ech op déi zwee Punkten agoen. De Kollekt: Dofir hu mir jo virun e puer Méint, also am Juli 2019, déi Modifikatioun gemeet, well jo do ursprüngelech déi Limitatioun jo sou war, dass e Kollekt bemol am Privatbesëtz war. Dofir hu mir jo déi Modifikatioun gemeet, fir dass mir herno

am Kader vun der Cessioun dat sou kënne iwwerhuelen, dat also am effentleche Raum ass, dass mer grad eben Accès dozou hunn. Deem ass och an der Modifikatioun ponctuelle vum PAP och Rechnung gedroe ginn, sou hu mer dat am Juli hei am Gemengerot gehat. Dat heescht mengen ech, dat war jo dee Moment och eng Suerg, déi mer deementspriedend haten. A par Rapport zu de Lannen. Normalerweis ginn déi net ugepak, sou dass d'Accès gemeet ginn, ouni dass déi iergendwéi sollte wegkommen. Dat heescht, dat ass garantéiert. Mee dat wäerte mer op alle Fall och der Société Roubur mat op de Wee ginn, dass wann se effektiv do och mam Chantier ufänken, dass se effektiv drop oppassen, well et ass am Projet net virgesinn, dass se da verschwannen. Se solle jo do bleiwen, voilà, am Kader vun der Exekutioun vum Projet.

Ass de Gemengerot mat dëser Convention d'exécution averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech och hei dem Gemengerot Merci.

6. MODIFIKATIOUN VUN DER ZESUMMESTELLUNG VU VERSCHIDDENE GEMENGKOMMISSIONEN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da gi mer eriwier op „Modification de la composition de différentes commissions communales“. Do sinn e puer Ännerungen. An der Drëttalterskommissioun ersetzt d'Madamm Gaby Klein-Emmel fir vun der LSAP d'Madamm Françoise Zogo, weider fir d'LSAP. An der Chancegläichkeitskommissioun ersetzt d'Madamm Pigat den Här Denis Rampin. An an der Sécherheetskommissioun ersetzt den Nico Steffen den Här Romano Savini. Alles fir d'LSAP. Da fir d'Jugendkommissioun ersetzt d'Madamm Mara Martins vun deene Lénken den Här David Gauvin. Am am Pool de remplacement ass d'Sonja Loullingen-Ludovicy vun der LSAP, soll dodra genannt ginn.

Ass de Gemengerot mat deene Modifikatiounen averstanen? **Dat ass unanime.** Merci. An ech soen och dem Eva Gottschalk Merci fir seng Presenz a seng Erklärungen hei am Gemengerot



7. FROEN UN DE BUERGERMEE- SCHTER AN DE SCHÄFFEROT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Voilà, dann hätte mer och dat hannert eis an da géife mer un d'Froen un de Schäfferot kommen. Do ginn ech dem Josiane Di Bartolomeo d'Wuert.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):

Jo, voilà, Merci Här Buergermeeschter. Ech kommen dann elo zum Punkt vu Froen un de Schäfferot. Ech weess, dass dat dote mat Spannung erwaart gëtt a well do ganz vill Froe sinn. Ech muss awer, ech wäert dat och elo hei ganz kuerz maachen. Ech wäert dës Froen haut hei net beäntweren. Ech wäert lech déi schréftlech maachen. Ech wëll mech awer erklären, well dat doten net einfach esou gemaach ass. Ech hunn de 7. Februar eng Invitatioun erausgi vun der Schoulkommissioun, wou genau dat doten alles drasteet, dat heescht de Site Lenkeschléi, De Site Waldschoul, den Airtramp, Alles steet dran, all déi Froen, déi dir mer hei stellt steet um Ordre du jour vun der Schoulkommissioun. Madamm Kayser, Dir sidd säit 15 Joer an der Schoulkommissioun. Dir sot ëmmer hei am Sall, wéi gutt mer dach géife matenee schaffen. Wann ech lech elo dat heiten hei beäntweren, da brauche mer d'Schoulkommissioun net méi ze maachen. Da léise mer déi op an an Zukunft komme mer mat der Schoulorganisatioun direkt an de Gemengerot. Ech mengen, Dir musst dat verstoen. Ech hunn déi Invitatiounen erausginn. Ech wäert lech do all Fro beäntweren, déi Der wëllt beäntwert kréien. Nach wäert ech dat haut zu dësem Zäitpunkt nach net maachen, well mer eng gutt Zesummenaarbecht do hunn an dofir ech hoffen op Äert Versteesdemech.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Josiane Di Bartolomeo. Jo, et ass effektiv esou: Ech hat d'Fro erausgeschéckt an do koom d'Invitatioun. Dat ass wierklech laanschtenee gaangen, well effektiv d'Leit ebe gesot hunn „Majo mir müssen dach elo sou lues wëssen, wat d'Zukunft ass vun der Waldschoul, d'Bildungshaus „Lénkeschléi“. Dat war laanschtenee gaangen, effektiv. Bon, wéi gesot, Dir hutt jo gesinn, déi Froen hunn ech jo net einfach nom Ordre du jour vun der Schoulkommissiounssitzung gemaach, mee et sinn effektiv vill Froen och vun de Leit, déi d'Precoestructur „Lenkeschléi“ besichen, déi d'Volkeschdaller Schoul besichen. Do geet et ëm d'Zukunft vun deene Schoulen. Voilà. Mee ech verstinn absolut, dass mer dat eréischt no der Schoulkommissiounssëtzung beäntweren. Mee wéi gesot, d'Doleance war virun allem och dass d'Leit relativ spéit Bescheed gesot kréien. Wa mer réischt bis de Mäerz d'Schoulkommissioun hunn an dann d'Sitzung hunn an da komme réischt d'Avisen un d'Elteren – dat ass e bëssen onglécklech. Dat wollt ech awer just hei nach präzisieren. Mee selbstverständlech huelen ech dat zur Kenntnis an dat wäerte mer och sou maachen.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):

Just ganz kuerz: Et ass e bësse spéit, effektiv. Mee bis elo hate mer d'Effektiver net. Do komme jo och Allongementer dofir huet dat bis elo gedauert.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Gutt, voilà. Villmools Merci an da wäre mer jo effektiv zum Schluss ukomm vun der Seance publique. An da géife mer lo an den Huis clos iwwergoen.

- Huis clos -



2020

CONSEIL SUR LES GUÊPES WESPENBERATUNG

FR / Depuis 2019, la Ville de Dudelange offre à ses citoyens un conseil gratuit sur les guêpes, les frelons, les bourdons et les abeilles. Bon à savoir : la Ville de Dudelange ne procèdera pas à la destruction des nids !

Si vous avez observé chez vous un nid d'abeilles, de guêpes ou de frelons, n'hésitez pas à nous contacter !

Service écologique

Hotline : 51 61 21 - 4000

E-mail : guepes@dudelage.lu

DE / Seit 2019 bietet die Stadt Dödelingen Ihren Einwohnern eine gratis Beratung im Umgang mit Wespen, Hornissen, Hummeln und Bienen. Gut zu wissen: die Stadt Dödelingen zerstört keine Nester!

Wenn Sie bei Ihnen zu Hause ein Bienen-, Wespen- oder Hornissennest beobachten, steht wir Ihnen zur Verfügung!

Umweltamt

Hotline: 51 61 21 - 4000

E-mail: guepes@dudelage.lu



Le collège des bourgmestre et échevins / Das Schöffenkollegium
Dan Biancalana, bourgmestre / Bürgermeister; Loris Spina, René Manderscheid,
Josiane Di Bartolomeo-Ries, Claudia Dall'Agnol, échevins / Schöffen

BP 73 L-3401 Dudelange /// T 516121-1 /// ville@dudelage.lu
site web: www.dudelage.lu /// blog: www.ondiraitlesud.lu

 [/villededudelage](https://www.facebook.com/villededudelage)  [@villededudelage](https://www.instagram.com/villededudelage)

KlimaPakt



European Energy Award